

Conseil communal

Séance publique du 27 juin 2006

Durée de la séance: 08.30 à 10.10 heures

<u>Présents:</u>	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP) (jusqu'au point 4.1. inclus)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Victor Filafarro, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
<u>Absents et excusés:</u>	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
	Guy Brecht, conseiller (LSAP) (à partir du point 4.2.)

ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale
 - 2.1. Conseil communal: commission des étrangers – nomination d'un membre suppléant de nationalité étrangère.
 - 2.2. Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2005 - décisions.
 - 2.3. Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2005 - poursuites - autorisation globale d'estimer en justice - décision.
3. Enseignement
 - 3.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
 - 3.2. Démission volontaire de Mme Muller Laurence, institutrice de l'éducation préscolaire - décision.
 - 3.3. Détachement de Mme Elcheroth Sylvie, institutrice de l'enseignement primaire, pour l'année scolaire 2006/2007 - décision.
 - 3.4. Proposition de nomination dans l'enseignement spécial - décision.
 - 3.5. Organisations scolaires pour l'année 2006/2007 - décisions.
4. Prévisions sociales
 - 4.1. Structures d'accueil pour les élèves en dehors des heures de classe « maison relais pour enfants »: convention de cofinancement conclue avec l'Etat pour l'exercice 2006 - approbation.
 - 4.2. Aide aux sinistrés: subvention au profit des victimes du tremblement de terre en Indonésie - décision.
5. Urbanisation: projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, place de la Libération 7, lieu-dit « In den Azingen », présenté par la société Luxpromotion 1 de Bereldange, pour la construction d'un « hôtel service seniors » comprenant 51 logements, restaurants et salles de réunions - approbation définitive.
6. Environnement : prix de l'environnement 2005 - désignation des lauréats.
7. Vie associative
 - 7.1. Dissolution de diverses sociétés locales.
 - 7.2. « Union des Donneurs de Sang Bénévoles de Rodange-Lamadelaide » - nouveaux statuts.
 - 7.3. « Southside Péteng », club de basketball - statuts - allocation d'un subside pour 2006.
8. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1.

Communication du collègue des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech begrëissen eech zu der Sëtzung vun haut de Moien um halwer 9. D'Madame Gansen ass entschëllegt, esou datt mer haut zu 14 sinn.

Zum Punkt 1 hu mer eech eng éischt Informatioun ze ginn. Mer hunn an eisem Budget stoen, datt mer dem Syndicat d'initiative vu Rodange a vu Péteng eng Zomm zur Verfügung stelle géife fir e Freedefeier. Mer hunn dat och dést Joer zu Rodange am Kader vum Nationalfeierdag den 22. Juni gemaach. Fir deene Rodanger den 22. Juni keng Konkurrenz ze maachen hunn déi Pétenger och ugefrot bei eis. Si hu proposéiert, dat den 21. Juli ze maache wann e Cortège ukënnst vun der „Voie de la Liberté“. Obwuel et ganz präzis drasteet, datt et am Kader vum Nationalfeierdag ass, ass de Schäfferot bereet, hinnen déi selwecht Zomm wéi dem Syndicat d'initiative vu Rodange zur Verfügung ze stelle well dat awer eng gréisser Organisatioun ass. Esou datt och si e Freedefeier maache fir den 21. Juli, mee net well dat de belschen Nationalfeierdag ass, mee et ass ganz kloer wéinst der Arrivée vun deem Cortège vun der „Voie de la Liberté“. Mer wollten eech awer doriwwer informéiere well et net 100prozenteg esou am Budget steet.

Ech sinn nach gefrot gi vun eisem Verrieder bei SICEC ob hien eis kéint e puer Informatiounen iwwer eise Crématoire ginn. Et ass jo net schlecht, wann e Verrieder vun eiser Gemeng eis Informatiounen wëll ginn zu engem Syndikat, wou mär affiliéiert sinn. An ech mengen, mer sollen him hei ënner dësem Punkt d'Chance gi fir eis déi Matdeelung ze maachen, déi hien interessant fënnst.

Carlo Gira (CSV):

An der leschter Sëtzung hu mer e puer Statistike kritt, an ech hunn awer geduecht, datt et interessant wier wann och de Gemengerot dozou e puer Informatiounen géif kréien. Wann een d'Statistiken alleguer kuckt zënter datt Verbrennung virgeholl ginn, dat heescht vun 1983 un, dann ass de Prozentsaz ëmmer geklommen. Am Joer 2005 si mer bei 44,41% ukomm. Dat heescht, datt bal d'Halschent vun deene Leit, déi stierwen, verbrannt ginn. Et muss een déi Iwwerleegung dann och féiere wann et ëm d'Vergréisserung vun

engem Kierfecht oder d'Opriichte vun engem Kolumbarium geet. Wat awer an däer ganzer Zäit zeréckgaangen ass, dat sinn d'Verbrennung vu Leit, déi aus dem Ausland kommen. Se hunn zwar gesot, et wieren nach relativ vill Däitscher, mee do ass och elo en neie Krematorium am Grenzgebitt, esou datt dee Prozentsaz nach ëmmer erofgeet.

Wat elo d'Statistike vum leschte Joer ugeet, esou waren et 2.264 Leit, déi verbrannt goufen. An dovunner sinn nach ëmmer 672 Leit aus dem Ausland, wat 29% ausmécht. Pro Dag ginn 9 Verbrennung virgeholl. Wat awer ze denke gëtt, dat ass, datt bei 231 vun 832 Verbrennung keng Trauergäschd derbäi sinn. Dat sinn awer vill Leit, déi op hirem leschte Wee eleng sinn. Et ginn och 512 Zeremonien dohanne virgeholl.

Wat elo nei ass vun dësem Joer un, dat ass, datt d'Familien elo net méi bei der Verbrennung dierfen derbäi sinn. Dat gëtt et och net méi am Ausland, aus hygienesche Grënn a well ganz einfach do Saache virkommen, déi de Familien net zozumuede sinn. Et ass vläicht gutt wann eis Bierger dat och wëssen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer soen eisem Verrieder beim SICEC, dem Carlo Gira, villmoos Merci fir déi Informatiounen. Wann an Zukunft nach esou Informatiounen ze gi sinn, dann ass et gutt wann de Gemengerot och informéiert gëtt iwwer déi Saachen, déi an deenen eenzelne Syndikater beschwat ginn. D'Rapporte leien zwar ëmmer mat am Dossier, mee wann ee wëllt esou intervenéieren, dann ass dat absolut kee Problem fir dat ze maachen. Hei ass jo de Moment fir dat ze maachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass eng Konklusioun vun enger Entscheidung, déi de Gemengerot virun enger laanger Zäit geholl huet. Dofir ass et gutt, datt ee vun Zäit zu Zäit dorunner erënnert. Ech mengen, et sinn elo 9 Méint hir, datt mer entscheed hu fir an Nidderréideng de „Parking résidentiel“ anzeféieren. Dat ass endlech erëmkomm. Well d'Reglementer awer eréischt effektiv ginn dee Moment wou se publizéiert ginn, hu mer wëlles, dat vum 17. Juli un ulafen ze loossen. Dat bedéngt eng kleng Virbereedung heibanne fir datt d'Leit, déi an deene Quartiere wunnen, informéiert ginn, datt se hir Kaart kënnen hei ewechhuelen. Datt se hir Fiche fir de „Parking résidentiel“ kënnen ofhuelen an eng zweet kënnen

ufroen. Dat soll iwwer e ganze Mount lafe bis Enn August fir de Leit eng Chance ze gi fir sech unzepassen. All Mënsch, deen dann doheem oder aus der Vakanz erëm ass, dierf da seng Kaart ofhuelen oder seng zweet Kaart ufroen. Dat betrëfft haaptsächlech d'Fontaine Strooss, d'rue de la Minière an och d'Philippart Strooss, wat mer jo nach nogestëmmt haten.

2.1.

Administration générale.

Conseil communal: commission consultative locale pour étrangers – nomination d'un membre suppléant de nationalité étrangère.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Gemengerot vum 25. November 2005 hate mer déi eenzel Parteie gefrot fir eis Memberen ze proposéieren. Eis Kollege vun der Partei „Déi Gréng“ hu Problemer gehat fir e „membre suppléant“ ze fannen. Si hunn eis dat elo schrëftlech matgedeelt. Dofir schléit de Schäfferot - fir komplett ze sinn an dëser wichtiger Kommissioun - d'Madame Irena Suchy épouse Liszka vir. Si war schonn d'lescht Joer an der Kommissioun.

Madame Irena Suchy épouse Liszka est nommée à l'unanimité.

2.2.

Administration générale.

Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2005 – décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do ginn et eigentlech 2 Entschéidungen ze huelen. Engersäits fir déi Lëscht do unzehuelen an och fir déi Déchargen ze ginn. Esou kënnen mer dem Receveur d'Recht ginn, fir déi noutwenneg Schrëtt ze ënnerhuele wou nach net bezuelt ass a fir do „Poursuiten“ opzehuelen.

Ech wëll awer och, am Numm vun eis alleguer, eisem Receveur Merci soe fir déi Efforten, déi en ëmmer mécht an deene schwéieren Zäite vun haut, wou d'Zahlungsmoral net méi esou ass wéi dat virun 20 oder 30 Joer war. Hie mécht alles fir déi Zommen anzedreiwen, an zum Deel sinn et och ganz kleng Zommen. Mer hunn awer leider

nach 75.073 Euro opstoe vum Exercice 2005. Wann een dat mat deene Jore virdu vergläicht, dann hate mer emol vereenzelt e bësse besser Joren. Mee am Prinzip ass et e ganz gutt Resultat, well mer hate Joren, wou mer iwwer 100.000 Euro opstoen haten, esou datt mer kënnen soen, datt eng gutt Aarbecht an eiser „Recette“ gelescht gëtt.

De Receveur proposéiert eis awer och, Déchargen ze gi fir ronn 12.152 Euro anzezéien. Et si ganz dacks och kleng Zommen. D'Ursachen hutt der an ärem „Aide-mémoire“ stoen. Dat si Leit, déi „rayés d'office“ sinn, et sinn der déi fortgaange sinn ouni eng Adress ze hannerloossen, wou eng Faillite besteet oder wou Leit net méi kënnen bezuelen. Wat awer net vun eis, mee vun engem Huissier festgestallt gouf. Oder wou Leit gestuerwe sinn. Dofir géife mer him d'Décharge gi fir déi Suen anzedreiwe well do keng Chance bestinn, datt mer déi kréien. Wann een och déi Lëscht kuckt vun deene Leit, wou nach Suen opstinn, da gesäit een, datt et ganz dacks ganz kleng Zomme sinn. An da gesäit een och, wat fir eng Aarbecht do muss gelescht gi fir déi ganz Zommen anzedreiwen, déi de Moment nach opstinn. Op där aner Säit sinn awer och Leit derbäi, déi mat gréisseren Zommen bei eis an der Schold stinn, déi nach Waasserrechnungen oder méi grouss Rechnungen opstoen hunn. Ganz vill Saache sti scho méi laang op, an déi ginn esouguer zeréck bis an déi nonzeger Joren, a wou mer och an nächster Zukunft Problemer wäerte kréie fir déi Suen iwwerhaupt anzedreiwen. Trotzdeem ginn déi awer mat viru geholl, esou datt den Total elo bei 75.073 Euro läit. Wann ee sech just op 2005 géif bezéien, da léich deen Total bestëmmt vill méi niddereg. Wat dat Dokument hei ubelaangt, esou géif ech eech bieden, et unzuhuelen. Engersäits fir den „état“ unzuhuelen an och dem Receveur d'Erlaabis ze gi fir Poursuiten ze ënnerhuelen, déi noutwenneg sinn. An dann awer och d'Déchargen ze gi bei deene Saachen, bei deenen Zommen, wou vu virera keng Chance bestinn, fir e Cent ze kréien. Et bréngt jo näischt fir déi Zommen ëmmer nees mat virunzeschleefen an der Gemeng nach Onkäschte maachen. Den Här Mentz sëtzt och hei am Sall fir wann eventuell ganz konkret Froe wieren. Dann ass hie gutt plazéiert fir déi néideg Äntwerten ze ginn, obwuel hien a sengem ausféierlechen Dokument eis ganz kloer gesot huet, wou d'Problemer leien a firwat déi Zommen opstinn.

Guy Brecht (LSAP):

Selbstverständlech wëlle mer eis de Wieder vum Här Buergermeeschter uschlëssen an dem Här Mentz villmoos

Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi hien hei gelescht huet. E soll esou virumaachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi ech dee Chiffer do gekuckt hunn, do hunn ech och emol gekuckt, ween iwwer 500 Euro läit. Da komme ech schonn op 22 Stéck ouni déi, déi wierklech iwwer 6.000 Euro opstoen hunn. Do muss een sech wierklech froen, wou mer do hikommen. Mer kënnen näischt ënnerhuele mat allem wat ee weess, wat schonn do geschitt ass. Mat Geriicht, mat zwee Mol Geriicht, mat zing Mol Geriicht, a mer kréien awer d'Suen net eran. Wat mech e bëssen traureg mécht, datt ass, datt Leit et net fäerdegréngen, d'Kantinsue fir hir Kanner ze bezuelen. Da gëtt hinnen nach esou en Service offréiert, an dann hänken se nawell hannendrun. Et ass eng grouss Aarbecht, déi de Receveur gemaach huet, an et freet een sech, wat mer maache kënnen fir déi gewaltig Zommen eng Kéier eranzedreiwen. Well et sinn der jo 2 oder 3 derbäi mat ganz décken Zommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mee dat sinn der awer, wou scho ganz laang bestinn. Mer schwätze wärscheinlech schonn esou laang vun deene wéi mär am Gemengerot sinn.

Romain Rosenfeld (CSV):

Mär géifen och vun eiser Partei aus dem Camille Mentz Merci soe fir déi Aarbecht, déi en hei gelescht huet. Mer kennen dat schonn, datt hien seng Aarbecht esou exakt mécht an och ëmmer derhannert ass. Hu mer nach ëmmer kee Modus fonnt fir déi Firmen, déi sech nei etabléieren, datt déi müssen am viraus bezuelen. Net datt déi schonn no 6 Méint heidra stinn an och dodra stoe bleiwen. Fir sech miisste mer eis eng Formel ginn, esou datt d'Firme miissten esou en Dole bezuelen, datt mer do emol 2 oder 3 Joer roueg wieren. Dann hätte mer scho vill geschafft. Mee ech mengen awer, et wieren der net méi esou vill dra wéi der dra waren. Mee ech weess net, wéi der do verfuert. Si froe jo awer d'Waasser an d'Dreckschëscht. Et ass ëmmer well een eng Firma net kann upaken.

Camille Mentz, Gemengereceveur:

Well eng Firma sech net brauch unzemellen, ass et och schwéier, dat an ze Grëff ze kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Problem ass, datt, wann déi Firma bis hei sinn, da kréien se wéi déi aner Bierger och e Forfait berechent. Esou guer wann se keng Dreckschëscht hu

mussen se dese Forfait bezuele vun der Dreckschëscht oder vun aneren Installatiounen, vun deenen se kéinte Gebrauch maachen. Mär schécken d'Rechnung eraus, mee do si Firmen, déi mengen, se bräichten dat net ze bezuele well si en enger Fiduciaire nëmmen eng „boîte aux lettres“ hunn oder usiesseg sinn. Wann se gemellt sinn, da musse mer se och verrechnen. An ech mengen och net, datt mer se do net erauskreien. Mer haten eng Kéier gekuckt fir ze soen, mer géifen des oder déi Firma dispenséiere well se guer keng Offäll maachen. Dat geet awer net well jiddereen do gläich behandelt muss ginn. Mer kënnen eng „personne morale“ net anescht behandle wéi eng „personne physique“. Aus eisen Informatiounen eraus kënnen mer dat net maachen. Dofir kréien si eng Rechnung vun eis vu 6 Mol de Forfait, an dee bezuelen se. Wann se deen net bezuelen, da ginn d'Problemer un. An dat ass ganz dacks d'Ursach vun deene Saachen, déi opstinn. Avance froen, dat miisste mer an eistem Text virgesinn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wier do och mam Här Rosenfeld averstanen, mee do misst een awer och ënnersichen, ob een dat därerf maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass och eppes anescht fir eng „personne morale“ wéi fir eng „personne physique“.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann een et natierlech därerf, da sollte mer dat och esou änneren, datt mer dat aféieren an da si mer do och ofgeséichert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech géif proposéieren, datt mer dat do nach eng Kéier nokucken a mam Inneministère ofklären, ob mer et iwwerhaupt kënnen maachen. Mee ech fäerten, datt se eis soen, et géng net goen. Mee mer probéieren et. Oder mer müssen et fir jidderee froen, dat heescht och fir déi Bierger, déi hei wunnen. Da musse mer en Akkont vu jidderengem froen. Mee dat miisste mer eis dann awer nach iwwerleeën. Der hutt awer richteg gesinn, datt d'Zuel vun deene Firmen ofgeholl huet.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass awer trotzdeem schued, datt nach esou vill Leit dobusse sinn, déi sech hirer Verantwortung entzéien andeems se net wëlle bezuelen. Wat déi héich Zommen ugeet, déi misst een effentlech maachen, esou datt déi

Leit, déi nach eng gewësse Schimt hätten, kéimen a géife bezuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech mengen, dat kënne mer awer net maachen.

Accord à l'unanimité.

2.3.

Administration générale.

Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2005 – poursuites, autorisation globale d'ester en justice.

Autorisation accordée à l'unanimité.

3.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Ratification à l'unanimité.

3.2.

Enseignement.

Démission volontaire de Mme Muller Laurence, institutrice de l'éducation préscolaire – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Madame Muller Laurence ass zu Bartreng op der éischer Lëscht an der „éducation préscolaire“ genannt ginn a freet dowéinst, fir vun hirer Aarbecht dispenséiert ze ginn. Ech géif soen, datt d'Madame Muller Laurence eng Rei Jore gutt Aarbecht hei am Préscolaire zu Péteng geleescht huet. Mer hunn och Versteesdemech fir hir Entscheidung. Si wunnt zu Stroossen an huet eng Aarbecht gesicht, déi méi no bäi ass. Ech weess, datt se schonn e puer Mol probéiert huet, esou eng Aarbecht ze kréien. An doduerch demissionéiert se elo bei eis. Dat bedeit awer och, datt mer op der 2. Lëscht eng Plaz opstoen hunn, déi mer de 14. Juli mussen besetzen.

Vote secret : les 14 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

3.3.

Enseignement.

Détachement de Mme Elcheroth Sylvie, institutrice de l'enseigne-

ment primaire, pour l'année scolaire 2006/2007 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt d'Madame Elcheroth schonn dat lescht Joer eng hallef Tâche hat fir an engem Pilotprojet vun der Uni Lëtzebuerg matzemaachen. Déi Aarbechte solle virugefouert ginn, esou datt si fir dat nächst Joer fir eng hallef Tâche fräigestallt gëtt. Dobäi kënnt nach, datt si un engem zweete Projet, 'eng nei Primärschoul' vum Ministère matschafft. De Ministère huet eis gefrot fir d'Madame Elcheroth och nach fir eng hallef Tâche fräizestellen, esou datt d'Madame Elcheroth net an eiser Schoul hei schafft am Joer 2006/2007, mee un 2 Pilotprojeten deel hält. Mer hu gemengt, datt, wann de Ministère an d'Uni Lëtzebuerg eis Léierinne brauch fir déi do Projeten auszeschaffen, dann ass datt en Zeechen, datt et gutt Léierinne sinn, well soss géifen se net op si zeréckgräife fir déi Aarbechten ze maachen. Dofir hu mer geduecht, datt et gutt wier wa mer dat hei géife guttheeschen. An och d'Schoulkommissioun esou wéi d'Inspektesch hunn e positiven Avis gi fir si fräizestellen. Dat bedeit awer och, datt mer am nächste Schouljoer 2006/2007 eng Plaz opstoen hu fir ee Joer. Déi Plaz gëtt op ee Joer ausgeschriwwen an d'Madame Elcheroth behält hir Plaz fir wann se nees zeréck an d'Gemeng kënnt.

Accord à l'unanimité.

3.4.

Enseignement.

Proposition de nomination dans l'enseignement spécial – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer an der Gemengerotssézung vum 29. Mee 2006 festgehalten hu fir am Kader vun deenen eenzelne Klassen, déi mer geschafen hunn - och am Kader vun de Spezialklassen - fir eng Klass ze schafe fir e „cours de dyslexie“ ze halen. Dat soll och eng „partie intégrante“ vum Spezialunterricht sinn. An an deem Kontext hate mer eng Ufro un d'Léierpersonal, dat bei eis schafft, gemaach ob een interesséiert wier, fir dorunner deel ze huelen. Dat bedeit awer och, datt déi Persoun sech muss weiderbilden an datt se muss a Course goen. Et huet sech ee Kandidat erausgeschield fir esou eng Aufgab ze iwwerhuelen, an dat ass de Marco Weintzen.

Vote secret : les 14 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

3.5.1.

Enseignement.

Relevé de la première admission des enfants dans les classes préscolaires et primaires – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mëttlerweil huet d'Léierpersonal sech festgeluegt, wat fir eng Klasse wien hält. Den Detail fannt der an ärem Dokument. Et sinn och eng Rei vun Ofstëmmungen ze maachen. Esou de Relevé vun der éischer Admissioun vun de Kanner an der Spill- a Primärschoul. Dat ass eng Formsach, mee keng aussergewéinlech Geschicht.

Accord à l'unanimité.

3.5.2.

Enseignement.

Organisation de l'éducation préscolaire et de l'éducation précoce 2006/2007 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dann hu mer nach ënner dem Punkt 3.5.2. d'Organisatioun vun dem Préscolaire an dem Précoce. Déi Schoulorganisatioun huet eng Rei Informatiounen, ënner anerem am Artikel 5 den Horaire. Wat den Horaire vun eise Schoulen ugeet, deen hu mer zënter 5 oder 6 Joer an zu deem hunn sech deemools no enger Ëmfro och 80,85 % vun de Leit averstanen erkläert. Mer hu bis ewell nach keng Reklamatiounen kritt, esou datt een dovunner kann ausgoen, datt den Horaire vun den Elteren, awer och vum Léierpersonal a vun de Kanner akzeptéiert gëtt. Esou datt mer och mat deem Horaire am Préscolaire virufueren.

Mer stelle fest, datt mer 372 Kanner an eise Klasse vum Préscolaire hunn. Et sinn 22 Klassen, wat en Duerchschnitt vu 16,9 Kanner gëtt. Wat och e ganz gudden Duerchschnitt ass.

Am Artikel 6 gesidd der eng ganz Rei vu Léierpersounen a wéi eng Klass se hunn, wéi dat opgedeelt ass. Der gesidd och, datt nach e Posten ze besetzen ass. Dat ass deen, wou mer elo just d'Demissiou ugeholl hu vun der Madame Laurence Muller. Déi Plaz ass op der 2. Lëscht schonn opgeschriwwen a mer wäerten de 14. Juli hei am Gemengerot iwwer déi Persoun ofstëmmen, déi dës Klass soll iwwerhuelen.

Wat de Précoce ugeet, do hu mer 150 Kanner ageschriwwen. Wéi ech eech

déi leschte Kéier scho gesot hu sinn 3 vu 4 Kanner ageschriwwen. Dat heescht, datt ronn 75% vun eise Kanner dovunner profitéieren. Déi 150 Kanner ginn do betreit a sinn an 8 Gruppen opgedeelt. Mer hunn hei och eng Léierpersoun, déi feelt. Dat ass eng Léierpersoun zu Rolleng. Déi gétt op ee Joer ausgeschriwwen well do eng Dame an e „congé mi-temps“ geet, an dat wéinst engem Team teaching Projet, wou si matschafft. Dann hu mer och eng Educatrice, déi feelt, an déi an engem „congé sans solde“ ass. An dat fir d'Schouljoer 2006/2007 nach mat, esou datt mer och dee Posten elo ausgeschriwwen hunn an op d'Kandidature waarden.

Accord à l'unanimité.

3.5.3.

Enseignement.

Organisation de l'enseignement primaire 2006/2007 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei schwätze mer iwver d'Primärschoul a mer stelle fest, datt dat opgedeelt ass op 6 Gebaier – 3 zu Rodange, 2 zu Péiteng an 1 zu Rolleng -, wou mer eis Kanner ennerbruecht hunn. De Moment sinn am ganzen 1.207 Kanner an 73 Klassen ageschriwwen. Dat ass eng Moyenne vu 16,5 Kanner pro Klass. Wann een dat e bëssen am Detail kuckt, da stellt ee fest, datt an der Park-Schoul 321 Kanner mat 19 Klasse sinn; an der Eigent-Schoul 258 Kanner a 15 Klassen.

Zu Rodange an der Päscher-Schoul – déi gétt jo vergréissert, esou datt do méi Klassen hikommen - hu mer 216 Kanner an 13 Klassen, op der Fonderie sinn 115 Kanner a 7 Klassen. Hei gesidd der, datt mer do 2 Klasse manner hu, wat awer fir eng gewëssen Zäit doduerch bedéngt war, datt mer gewaart hunn, datt d'Päscher-Schoul soll fäerdeg ginn a mer do Klassenäil zur Verfügung hätten. An der Neiwiss-Schoul si 6 Klasse mat 92 Kanner. Mee och do leeft jo e Projet, datt d'Schoul vergréissert gétt a mer dann och nees méi Klassenäil zur Verfügung kréien. E Projet iwver deen de Gemengerot schonn ofgestëmmt huet.

Zu Rolleng hu mer dëst Joer 205 Kanner verdeelt op 13 Klassen.

Am Artikel 3 gesidd der, datt och den Horaire d'selwecht bleift wéi déi lescht 5 oder 6 Joer. Och do menge mer, datt déi Proposition fir en Horaire, dee viru 5 oder 6 Joer virulouch, gutt bei den Elteren, dem Léierpersonal an de Kanner ukomm ass. Och d'Schoul-

kommissioun huet sech positiv ausgeschwat fir deen Horaire kënnen bäizebehalen.

Wat elo d'Plazen ugeet, déi opstinn, esou ass dat hei feststellen: an der Park-Schoul steet e 5. Schouljoer op, en 3. an en 1. Schouljoer zu Rolleng, en 3. zu Rodange an der Päscher-Schoul, en 1. an e 5. op der Fonderie. Dat si 6 Klassen, déi opstinn. Et ass besser wéi déi Jore virun a mer sinn eigentlech gudder Dëng, datt mer déi och besat kréie mat brevetéierter Leit oder op d'mannst esou Leit, deene mer ouni Weideres eng Klass kënnen zoukomme loossen. Mer wäerten 3 definitiv Poste fir dat nächst Joer 2006/2007 ausschreiwen an 3 op ee Joer. Firwat déi 3 Posten op 1 Joer? Dat si Posten, déi opsti well zum Beispill d'Madame Elcheroth eng Décharge huet, eng aner Léierpersoun e „congé sans solde“ huet respektiv eng Persoun eng hallef Tâche huet an am Kader vun engem Team teaching-Projet schafft, wat se awer dat nächst Joer vläicht net méi mécht an dann eng ganz Tâche kritt.

Mer hunn och festgestallt, datt mer 5 hallef Tâchen hunn. Déi si bedéngt doduerch, datt se no engem Accouchement ugefrot goufen. Mer hunn och fir de Moment ee „congé sans traitement“ an en Detachement. Dat heescht, et si 7 Leit, déi net déi voll Zäit schaffen an déi mussen ersat ginn. Dobäi stinn och nach eng ganz Rei „surnuméraire“-Posten op, wat der jo an ärem Dokument konnt feststellen. Mer mussen awer och an der Sëtzung vum 14. a vum 28. Juli eng Rei Leit stëmmen, déi Turnen, d'„morale laïque“ oder Musek halen, an och déi hallef Tâche besetzen, déi duerch de „congé à mi-temps“ entstinn.

Am leschte Gemengerot hate mer och – wat déi permanent Ersetzungen ugeet – festgehalten, datt mer ee ganzen an zwee hallef Posten hunn, esou wéi mer dat schonn zënter Joren hunn. A wéi der och feststelle kënn, ass och ee vun eise Schoulmeeschteren op Lasauvage détachéiert, wou en d'Naturklassen hält.

Accord à l'unanimité.

3.5.4.

Enseignement.

Organisation de l'enseignement spécial 2006/2007 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm de Spezialunterrecht, wou mer och ee „congé sans traitement“ ze besetzen hunn, deen och schonn op der Lëscht 2 steet. Et ass eng Dame, déi an dëse Congé geet, an

dat no dem Congé de maternité. Am ganzen hu mer nach 5 ganz Klassen: eng „classe d'accueil“, 2 „classes d'intégration“ an 2 „classes d'attente“, déi an eiser Gemeng funktionnéieren. Dann hu mer och nach 9 an en halwen „postes d'appui“, op deen een hu mer elo just den Här Weintzen genannt. Dat ass de „cours de dyslexie“. Mer hunn do am ganzen 14 an en halwe Poste geschaf fir déi Kanner, déi Problemer hunn, besser ze encadréieren. An do sti mer, wann een e bëssen an den Nopeschgemenge ronderëm an och an de Gemengen am Süde kuckt, net schlecht do. Mer hunn als Gemeng grouss Ustregunge gemaach. An ee vun de ferventen Unhänger dovunner, an deen dat och an d'Welt geruff huet, dat ass den Här Marcel Cloos, deen eis awer um Enn vum Joer verléisst fir an d'Pensioun ze goen.

Accord à l'unanimité.

3.5.5.

Enseignement.

Organisation scolaire – annexe – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An ären Ennerlage kënn der enner dësem Punkt gesinn, wat fir liicht Ännerunge mer nach un den Annexe vun eiser Schoulorganisatioun gemaach hunn. Dat sinn d'Annexen, déi eis Informatiounen iwver déi Saache wéi „classes de neige“, de Fonctionnement vun eisen „classes d'appui“ a vun eisem Spezialunterrecht gétt. Déi liicht Ännerunge goufe vum „comité de cogestion“ proposéiert. A wann ech kucken, wat do virgeschloe gouf, dann ass dee wichtigste Punkt de Fonctionnement vun dem Spezialunterrecht, vun de Spezialklassen, wou och dee Volet vun der Dyslexie mat agefloss ass. Dës Ännerunge goufen de 15. Juni an der Schoulkommissioun diskutéiert an och vun dëser Kommissioun ewéi vun der Inspektesch akzeptéiert. Méi oder wéineger ass et awer och dat, wat an deene leschte Joren an den Annexe stoung.

Roland Breyer, Schaffen:

De Buergermeeschter huet elo hei e puer Zuele genannt. Ech hunn e bëssen driwwer gekuckt am Kader vun eisem Nationalfeierdag, dee mer erlieft hunn, an am Kader vun der Weltmeeschterschaft, déi mer erliewen, datt ee geschwé méi dier enger wéi dier aner Fändelen hei an der Gemeng gesäit. D'Tendenz schéngt och bei de Kanner esou ze goen. Wann ee kuckt, am 1. Schouljoer hu mer am ganzen 211 Kanner, dovunner sinn nach 115

Lëtzebuenger. Dat ass bal d'Halschent. Dovunner sinn 49 portugisesch Kanner, wat 42,5% mécht. Nieft de Portugise sinn och nach aner 12 Nationalitéiten an de Klassen.

Am Préscolaire sinn der 196, an dovunner 104 Lëtzebuenger an 42 Portugisen. Dat heescht, d'Portugise sinn amgang ze kommen, an dat ass eng Tendenz, déi een am grouse ganze gesäit. Et sinn awer och nach 12 Nationen demieft verfrueden. Da weess een och e bëssen, wat fir Problemer mer mat de Joren an de Schoule wäerte kréien a wou mer histeieren. Et gesäit een awer och eng Tendenz géintwuer der Gesamt-populatioun, wou mer bei de Portugise vill manner hei enregistréiert hunn, mee wat d'Kanner ausmécht – déi maachen d'Halschent vun de Lëtzebuenger Kanner aus. Do ass déi Tendenz ganz staark auszemaachen. Dat ass wéi gesot an der Gesamtstatistik net esou. Dat war nëmme eng einfach plakech Statistik ouni e Kommentar doriwwer ze maachen.

Guy Brecht (LSAP):

Den Här Breyer huet meng Fro scho beäntwert. Ech wëll awer am Numm vu menger Fraktioun deene Leit aus dem Schoulservice Merci soen, déi esou eng gutt Aarbecht – wat jo och hir Aarbecht ass - geleescht hunn an déi se all Joer leeschten. Et gétt ëmmer méi Aarbecht, et ginn ëmmer méi Klassen, ëmmer méi Spezialklassen.

Jeannot Linden (LSAP):

Wat den Här Breyer elo gesot huet ass eng Feststellung, déi ee ka maachen. Mee mer mussen awer och kucken, datt mer 3 Sektioonen an der Gemeng hunn, an do sinn d'Differenze ganz grouss. Wann een déi vu Rodange a Rolleng vergläicht, da stellt ee fest, datt dat esou ass.

Ech hunn nach eng aner Fro. Wann de Marco Weintzen jo dee „cours de dyslexie“ gétt, dann ass deem seng Plaz jo och fräi. Da muss déi jo och ausgeschriwwen ginn? Ass dat 1 vun deene 6, déi mer mussen ausschreien?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, dat ass ee vun deene 6 Posten, déi mer ausschreie mussen. Awer dee Poste gétt ganz fräi a gétt definitiv besat.

Roger Klein (LSAP):

Ech ka mech mat der Schouloorganisatioun absolut averstan erklären an hat e bëssen déi selwecht lwwerleunge gemaach wéi den Här Breyer an dem Bewosstsënn, datt mer ëmmer gesot hunn, datt mer iwwer 40% Kanner an

eise Schoulen hunn, déi net Lëtzebuenger sinn. Ech hunn dat emol ausgerechent, datt d'Tendenz no uewe weist a bei den Aschreiwunge vum Préscolaire elo bei 47% läit. Dobäi sinn déi Zuele ganz sécher nach no ënne berengegt well mer jo wëssen, datt mer awer permanent jonk auslännesch Matbierger Lëtzebuenger maachen, an deenen hir Kanner si jo doduerch och Lëtzebuenger. Mee dat heescht net, datt, well hir Eltere Lëtzebuenger sinn, si onbedéngt déi selwecht Liichtgeketen hätten an der Lëtzebuenger an der däitscher Sprooch wéi d'Kanner vun Elteren „d'origine luxembourgeoise“. An dat berechtigt eis och dozou, vill Efforten ze maachen an eise Schoulen am Sënn vu Plurilinguismus a klenge Klassen. Well mer wësse jo, datt et esou wuel fir d'Léierpersounen ewéi och fir vill Kanner, déi bei eis mussen d'Schoulbänk drécken, ganz licht ass fir de Programm duerchzehuelen, deen si virgesat kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richtig an ech fannen et och wichteg, datt 3 vu 4 Kanner sech an de Précoce aschreien. Do gétt schonn eng gutt Viraarbecht gemaach. An et ass jo och gewosst, datt een, wann ee jonk ass, sech besser an enger Sprooch erëmfënnt an sech och dermat identifiziéiert. Aus där Ursaach fannen ech et gutt, datt esou vill Leit vun dem Précoce profitéieren. Dat kéint eis och hëllef fir den Ufank vun der Schoul. Wann d'Kanner da schonn 3 Joer mat Lëtzebuergesch konfrontéiert waren, da kéint dat hinnen och hëllef, sech mat deene Problemer, déi am éischte Schouljoer op se duerkommen, erëmfanfannen.

Ech deelen och d' lwwerleunge, datt een sech effektiv muss Gedanke maachen, ob déi Aart a Weis Schoul ze halen ewéi dat viru 50 oder 60 Joer de Fall war och nach haut adaptéiert ass un eng Situatioun, déi awer changéiert huet. Do gi jo och am Ministère lwwerleunge gefouert, an ech mengen, et ass och richtig, datt déi gefouert ginn.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech géif och all deene Leit an och dem Schäfferot Merci soe fir déi heite Presentatioun. Et ass eng ganz grouss Aarbecht, déi och ëmmer gutt gemaach ass. Ech gesinn awer och, datt mer all Joer Spezialklasse vun allen Sorten derbäisetzen. Déi negativ Säit, déi ech gesinn an och gesouch wéi ech am Schäfferot war, ass, datt vill Problemer op eis Schoul duerkommen. Problemer, déi deen normale Bierger dobausse guer net an Uecht hält. Et vergeet bal kee Schäfferot ouni datt en Dossier vun

engem Schüler oder engem Problem opsteet. Dat stëmmt een natierlech traureg, well bei all deenen Efforten, déi gemaach ginn, ëmmer méi Problemer an de Schoulen opdauchen. An et sinn och net ëmmer d'Ausländer, et sinn och Lëtzebuenger derbäi. Fir alles an de Grëff ze kréie gétt ëmmer méi schwéier.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do ginn ech dem Här Rosenfeld Recht. Ech muss soen, datt mer Personal hunn, dat gutt ass an dat vill Problemer selwer léist. Dat ass och gutt well d'Problemer vun haut sinn anescht wéi se viru 40 oder 50 Joer waren. Haut muss d'Léierpersonal sech mat Saache beschäftegen, wou et fréier selbstverständlech war datt d'Kanner dat gewosst hunn ier se an d'Schoul komm sinn. Mer hunn awer e gudden Encadrement an och Projete lafe fir esou Saachen, ewéi den Här Rosenfeld se ugeschwat huet, präventiv entgéint ze wierken. Mer kënnen d'Léierpersounen am Fong nëmme ënnerstëtze fir datt se mat deene Projete weiderfuere fir ze surgen, datt mer awer nach dat, wourëms et jo an der Schoul geet - Wëssen un d'Kanner weiderginn -, an engem anstännege Kader kënnen maachen.

Accord à l'unanimité.

3.5.6.

Enseignement.

Allocation d'indemnités – décision.

Accord à l'unanimité.

4.1.

Prévisions sociales.

Structures d'accueil pour élèves en dehors des heures de classe «maison relais pour enfants»; convention de cofinancement conclue avec l'Etat pour l'exercice 2006 – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dir Hären, dat ass eng Saach, déi mer all Joer nees mussen stëmmen. Et geet dobäi em d'„maison relais“ vun eise Kanner zu Rolleng. Do besteet eng Bedeelegung vum Stat vu 50% an et sinn a sech 2 Voten, déi mer mussen maachen. Fir d'éischt geet et drëm fir d'Konventioun mat der „maison relais“ gutzeheschen zu deene Konditiounen, déi mer elo schonn zënter e puer Joer mat dem Stat duerchzéien. Déi zweet Entscheidung, déi awer och an der Konventioun drasteet kënn dës Kéier nach net zum Zuch. Et waren do nei „participations

forfaitaires“ virgesinn, mee do ass vum Syvicol elo eng Motioun erakomm. Si sinn amgaang nei Berechnungen ze maachen. Dofir hu mer och vum Ministère e Bréif kritt, datt mer déi Taxen dës Kéier net solle stëmme well se nei ageschat ginn. Et soll un déi nei Situatioun ugepasst gi well jo och alles méi deier gétt. Dofir géif ech eech bieden, déi Saachen dës Kéier erauszehalen a just d'Konventioun ze stëmmen.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi laang bleift dat dann nach opstoen? Eng Entscheidung muss jo awer geschwé fale well bis d'Schoul ugeet muss jo awer eppes do leien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Esou bal mer et wëssen. De Moment fuere mer nach no deenen alen Tariffer. Esou bal mer en neien Avis vum Ministère kréien, solle mer eis deem upassen. Da musse mer nees an de Gemengerot kommen. Se hunn eis elo eng Richtlinn gi vum Ministère a mer sollen dat elo ewech loossen.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt am Fong geholl net direkt eng Fro stellen, mee ech wollt just eng allgemeng Bemierkung maachen zu deem wat sech och vläicht dorop bezitt wat och schonn den Här Breyer mat den Auslännerkanner gesot huet. Menger Meinung no sinn et net esou d'Auslännerkanner, mee mär bidden den Elteren e ganze Koup Saache wou d'Eltere mengen, se hätten e Fräibilljee fir keng Erzéiung méi ze maachen. Do läit méi de Problem vu Gewalt a Problemer an der Schoul. Mär hunn och eng Verantwortung als Politiker an däreren och net einfach bidden a bidden. Ech si mer och bewusst, datt d'Leit verschidde Strukture brauchen, mee et muss een sech awer och nach ëmmer bewusst sinn, datt d'Elteren d'Verantwortung droe fir d'Erzéiung vun hire Kanner an net d'Erzéier oder d'Léierpersounen, déi eng gutt Aarbecht maachen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass eng Saach, déi muss ee souwisou ervirhiewen, och an de „maison relais“, wat jo en Zousaz ass fir déi Leit, déi mussen zu 2 schaffe goen. Mee et ass jo och esou, datt déi net déi ganz Verantwortung fir d'Erzéiung vun engem Kand iwwerhuelen. An der „maison relais“ si jo elo déi, wou d'Eltere schaffe ginn. Se musse jo och eng Steierkaart virleeën, datt se schaffe ginn. An d'Kanner sinn eben an der „maison relais“ ënnerbruecht.

Approbation à l'unanimité.

4.2.

Prévisions sociales.

Aide aux sinistrés: subvention au profit des victimes du tremblement de terre en Indonésie – décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

D'Naturkatastrofe widderhuelen sech. Der kënt eech erënneren, datt mer virun engem Mount hei souzen an iwwer d'Iwwerschwemmungen an Osteuropa geschwat hunn. Duerno hate mer nees eng Katastrof, nämlech d'Erdbeiwien an Indonesien. Fir dem Opruff vun der Press nozecommen a well déi international Ënnerstëtzung liewenswichtig ass mengen ech, datt mer och dës Kéier sollten d'Affer ënnerstëtzen. Mer hunn an eisem Budget 7.500 Euro fir 2006 fir déi do Fäll stoe gehat. Mer hunn dee leschte Mount schonn 2.500 Euro Subventioun ginn. Et bleiwen eis also nach 5.000 Euro an ech géif proposéieren, nach eng Kéier 2.500 Euro ze gi fir d'Affer vun der Erdbiewekatastrof an Indonesien ze ënnerstëtzen. Well mer jo ëmmer ofwiesselen an dee leschte Mount d'Caritas ënnerstëtzt hate géife mer elo den Don un d'Roud Kräiz maachen.

Accord à l'unanimité.

5.

Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, place de la Libération 7, lieu-dit «In den Azingen», présenté par la société Luxpromotion 1 de Bérelange, pour la construction d'un «hôtel service seniors» comprenant 51 logements, restaurants et salles de réunions – approbation définitive.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Firma Luxpromotion 1 vu Bäreleng huet eis e PAP presentéiert. Mer haten dat am Gemengerot vum 24. Abrëll. Mer hunn et och ee Mount ausgehaangen a mer si mat kenger Reklamatioun befaasst ginn an der Tëschenzäit, esou datt ech géif virschloen, datt mer elo zum definitive Vote iwwergoe sollen.

Approbation définitive avec 13 voix, M. Breyer ayant quitté la salle.

6.

Environnement.

Prix de l'environnement 2005 – désignation des lauréats.

Gilbert Welter, Schäffen:

Eisem Gemengereglement vum 5. November 2002 no kënnen mer fir eisen Ëmweltpräis 3 Lauréate mat je 500 Euro belounen. Mer hu fir 2005 zwee Projeten erakritt. Deen éischte Projet kënt vun dem Léierpersonal an de Schüler aus der Neiwiss-Schoul zu Rodange. An zwar geet et do ëm d'Aussënnere vum Offall. Dozou hutt der och d'Ënnerlagen an ärem Dossier. Dreckskëschte stinn am Schoulhaff zur Verfügung fir den Dreck ze trennen. No der Paus ginn d'Kanner laanscht déi Dreckskëschten an zwee Kanner iwwerwaachen dann och, datt den Dreck an dee richtege Behälter gehäit gétt. Och d'Léierpersonal informéiert d'Kanner ganz genee iwwer d'Ëmwelt a wéi een den Dreck am Prinzip soll trennen. An de Klasse stinn och 3 Behälter, deen ee fir Pabeier, deen zweete fir Bio-Offall an deen drëtte fir Reschtdreck. Zënter 1 Joer besteet déi Offalltrennung mat ganz grousem Erfolleg. De Projet ass geduecht fir Schoul ze maachen, esou datt och an anere Schoulen a Klassen no deem selwechte Prinzip den Offall getrennt gétt.

Deen zweete Projet ass d'Renaturéierung vum Schoulhaff an der Päscher-Schoul. Hei hunn d'Kanner zesumme mat dem Léierpersonal an eisen techneschen Servicer den Haff nei geplangt fir en naturbewusste Schoulhaff unzeleeën. Vill Gréngs, Holz, Waasser a Steng sollen hëllef, d'Natur méi no ze erliewen. D'Gewalt an de Schoulen hu mer jo haut hei ugeschwat an déi soll duerch esou e Projet reduzéiert ginn. No dem positiven Avis vun der Ëmweltkommissioun den 10. Abrëll respektiv den 29. Mee huet och de Schäfferot e positiven Avis ofginn.

Ech géif eech bieden, 500 Euro fir béid Projeten – aus der Neiwiss- an der Päscher-Schoul vu Rodange – guttzeheeschen.

Guy Brecht (LSAP):

Selbstverständlech ass et ze begrësse wa Kanner scho vun deem Alter un op déi Saachen do opmierksam gemaach ginn. Déi meescht vun hinnen droe jo och eppes dovunner ewech fir dat spéidert Liewen. Well mer jo d'lescht Joer zwee Privatleit haten, déi de Präis kruten, wollt ech froen ob dës Joer keng Projete vu Privatleit virlouchen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et si just 2 Projeten erakomm. Mer bedauern dat och well mer jo 3 Präisser kéinte verginn.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass ze begrëissen, datt an déi Richtung mat de Kanner geschafft gëtt. Ech hat emol am Joer 2000 als Delegéierte vum Sidor Bicher matbruecht an déi ënner de Kanner ausgedeelt. Der gesidd jo, datt se och Merci dofir gesot an drop ënnerschriwwen hunn. Eisen Delegéierte beim Sidor kéint ee vläicht un d'Häerz leeë fir ze froen, ob se net och deenen anere Schoulen der mat kéinte ginn. D'Buch heescht „Wir entdecken den Müll“ an et ass ganz interessant fir d'Kanner scho ganz jonk ze beaflosse fir an déi Richtung ze goen. Mee, wéi schonn éineschters ugeklongen ass, et fänkt ee mat deene ganz Klengen un. Dat soll schonn am Elterenhaus ugoen an da géife mer net esou verdrecksen an den Dreck géif och net an de Schoulhäff ënner d'Gréngs geschäert ginn. Dat soll et jo net sinn. Do mussen eis Léierpersounen och hannendru bleiwe fir do erëm méi Uerdnung ze schafen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech mengen, där schéngt jo och guttzeheeschen, datt d'Léierpersonal hei Efforte mécht. A se sollen op deem Wee bleiwen.

Roger Klein (LSAP):

Jo, Här Buergermeeschter. Do hätte mer jo nach e Lauréat, mee den Här Bosseler huet säin Dossier ze spéit eragereecht. Dann ass dat fir dat anert Joer fir déi Sensibiliséierungscampagne bei de Kanner. Och vun eiser Säit aus déi beschte Gléckwënsch un d'Léierpersounen aus deene Schoulen an och un d'Kanner. Et ass virdru gesot ginn, datt et wichteg ass d'Kanner fir hir Ëmwelt ze sensibiliséieren. Datt keng aner Dossieren erakomm sinn ass effektiv ze bedauern. Ass dat dorop zeréckzeféieren, datt d'Leit keng Projete gemaach hunn oder war d'Informatioun net grouss genuch, esou datt d'Leit vläicht Projete gemaach hu mee se net eragereecht hunn. Bei der Formulierung vun der Délibéatioun steet „d'attribuer en l'occurrence le prix de l'environnement 2005, doté de 500 euros par lauréat, aux deux projets“. Do kéint ee verstoen, datt déi 23 Lauréaten ee Projet zesummen hätten. Mee et ass jo esou, datt all Projet och Lauréat ass. Wann een déi géif trennen da misst ee vläicht schreiwen „au projet présenté par les enseignant(e)s et les écoliers de l'école 'Neiwiss' et au projet présenté par les enseignant(e)s et les écoliers de

l'école Päsch“, da wier et och kloer, datt et 2 verschidde Projete sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif den Här Sekretär bidden, datt och esou ëmzeännere fir datt näischt méssverstane kéint ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt dat vun der Délibéatioun och uschwätzen. Anersäits fannen ech et ganz gutt, datt d'Léierpersonal sech esou vill Méi gëtt an sech esou vill Aarbecht mécht fir d'Kanner ze informéieren, wéi se dat richteg solle maachen, an net, wéi den Här Bosseler gesot huet, fir se ze beaflossen. Et ass just schued, datt esou Aktiounen nëmmen am Kader vun engem Projet gemaach gi wou ee Sue vun der Gemeng kriit. Ech géif et vill méi interessant fanne wann alleguer eis Schouklasse an eise Schoulen op dee Wee géife goen. An dat net nëmmen am Kader vun engem Ëmweltprojet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass effektiv esou, datt och nach aner Schoulgebaier no deem System fueren. D'Sënnere vun den Offäll gëtt systematesch bal an alle Schoulgebaier gemaach. Den Här Braun ass amgang, nach eng Kéier mat all de Verantwortlechen aus de Gebaier ze schwätze fir datt se dat och systematesch duerchféieren. Dat hei waren elo méi spezifesch Projeten, déi erausgestach hunn. Mee do lafen och nach eng ganz Rei aner Projeten, zum Beispill an der Park-Schoul an och nach op aner Plazen. Et ass wéi den Här Bosseler seet, déi eng reechen hire Projet eran, déi aner net. Dat ass och bei de Privatpersounen esou. Déi eng wëssen et vläicht net, aner wëllen sech vläicht net déi Méi maache fir alles ze dokumentéieren. Ech kann eech awer garantéieren, datt do och nach aner Projeten an de Schoule lafen, déi esou ähnlech sinn.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Vie associative.

Dissolution de diverses sociétés locales.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm Veräiner, déi schonn eng Zäitchen net méi bestinn. Do gouf och e Brëfwiessel gemaach fir emol erauszefannen, wat et mat hinnen op sech huet. Ech mengen, elo wier de Moment do fir Acte ze huele vun der Opléisung vun dese Veräiner. Dat sinn 'Casanova Clan Péteng', 'Keeleklub

Joker 86 Rodange', 'Société d'épargne Cercle des Bons Amis Pétange', 'Société d'épargne De leschte Frang Rodange', 'Spuveräin 1 + 2 Lamadelaine'. Dat si 5 Veräiner, wou mer scho wëssen, datt méi laang näischt méi leeft. Se hunn eis confirméiert, datt se hire Veräin opléisen. Esou kënnen mer se vun eiser offizieller Lëscht sträichen, well et huet jo kee Wäert, datt se nach ëmmer do drop stinn.

Il en est pris acte.

7.2.

Vie associative.

«Union des Donneurs de Sang Bénévoles de Rodange - Lamadelaine» : nouveau statuts.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Si hunn eis hir nei Statuten eraginn. Där fannt se och an ärem Dossier op de Säiten 263 bis 266, an ech géif eech bidden, och dovunner Acte ze huelen.

Roger Klein (LSAP):

Ech wollt eng Remarque heizou maachen. Et si jo wuel Statuten, déi se vun der Federatioun kriit hunn a wou nëmmen e puer Saache mussen agesat ginn. Am Artikel 20 ass awer elo eppes, wat net ganz konform ass mat eisem Reglement. Et ass jo e Veräin, dee subsidiéiert gëtt vun eis, a mat Recht esou. An eisem Reglement steet, datt am Fall vun der Opléisung vun engem Veräin d'Reschtverméige muss un den 'Office social' vun der Gemeng Péteng goen. Hei steet einfach „à une oeuvre de bienfaisance de Pétange“. Dat kéint och deen een oder anere Veräi sinn. Dofir misst ee vläicht dem Veräi Bescheid soen, e misst dat conforme maache fir weiderhin op der Subsidie-lëscht bleiwen ze kënnen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An der Rei, da maache mer dat. Mer musse kucken, datt mer dat geännert kréie fir net a Konflikt ze komme mat eisem Subsidiegesetz.

Il en est pris acte.

7.3.

Vie associative.

«Southside Péteng», club de basketball : statuts ; admission sur le relevé des sociétés subventionnées.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et war jo scho méi laang ugekënnegt an elo hu mer d'Statute vun engem neie

Basketballveräin erageschéckt kritt, en nennt sech 'Southside Péteng'. Well et deen eenzege Basketballveräin ass, dee mer an eiser Gemeng hunn, hu ech an de Statuten e puer Punkten erausgesicht fir ervirzehiewen. De Sätz ass zu Péteng. 4/6 vum Komitee wunnen an der Gemeng Péteng. Hei steet et richtig dran, datt d'Rescht-verméige bei der Opléisung un den 'Office social' geet. D'Statute schénge mer och an der Rei ze sinn, an dofir géif ech eech bieten, dese Veräin op d'Lëscht vun de subventionéierte Veräiner opzehuelen. Mer hate gemengt, hinne fir d'Joer 2006 en Ufankskapital vu 75 Euro zoukommen ze loossen.

Roger Klein (LSAP):

Entschëllegt, datt ech de Cortège hei ophalen. Mee ech hu mer d'Statuten och ugekuckt. Den Här Welter huet et gesot, et steet engersäits richtig do, datt d'Sue bei der Opléisung un d'„Sozialamt der Pétinger Gemeinde“ falen. Da kënn awer e Saz, deen e bèsse mëssverständlech ass, an zwar: „dabei lässt diese (die Generalversammlung) sich hauptsächlich durch den Gedanken leiten, welcher der Vereinigung zugrunde lag.“ Bon, ech mengen ze wëssen, wat domat gemengt ass. Mee well et net ganz kloer ass huet dee Saz näischt an de Statute verluer. Bei der Opléisung kommen d'Suen dem Sozialamt zou an et léisst een sech net vun anere Gedanke leeden.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer kënnen hinnen dat och viruginn. Mer wësse jo awer och, wéivill Wäert esou e Saz huet a wéivill Suen an deene leschten 12 Joer an d'Sozialamt gefloss sinn. Ganz dacks – meeschtens – si keng Sue méi do.

Guy Brecht (LSAP):

Bedelegen déi sech un der Meeschterschaft? A wa jo, vu wéini un? Da miissten se jo och Trainingsméiglechkeeten hunn. Wéi der jo awer wësst, sinn déi zimlech begrenzt hei. Mer wësse jo, wat dat an der Vergaangenheet ëmmer Problemer waren tëscht Volley-, Hand- a Basketball. Wann elo nees de Basket derbäkënn, da musst der eech mat Zäiten un den Dësch setze fir d'Trainingsstonnen ze verdeelen. Viru kuerzem waren d'Sportsveräiner nees invitéiert – den Här Welter ka mer dat bestätegen – an den Hand- esou wéi de Volley-Ball sinn net an der Kommissioun ugetrueden. An ech fäerte ganz, datt, wann elo nach e Basket derbäkënn, da geet dat Gestreits ëm d'Trainingsstonnen nees un. Also musst der virdrun opmierksam

si fir déi Veräiner direkt ze ruffen an d'Stonnen ze verdeelen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Fir op déi lescht Fro zeréckzekommen. Den Handball hat sech ofgemellt, déi aner waren do. Et ass esou, datt an deem Fall - wéi de Veräin deemools opgeléist gouf – gesot gi war, déi Trainingsstonne kéinten tëscht deenen zwee aner Veräiner opgedeelt ginn. Ënner der Konditioun, datt keen neie Veräi kënn. Elo hu mer en neie Basketballveräin an ech ka mer gutt virstellen, datt kee méi dat wëll wëssen. Dee Problem hunn ech effektiv virprogramméiert kritt a mer hunn an enger gudder Woch eng grouss Diskussioun. Dann treffen ech an enger Réunioun déi 3 Veräiner a mer wäerte versichen, déi Saach ze klären. Et schéngt mer esou ze sinn, datt de Veräi lues urappt, mat enger oder zwou Equipen. Dat soll awer scho fir déi nächst Saison sinn. Mer wäerten awer d'Detailer dozou an där Sëtzung kréien a mer kucke fir eis do eens ze gi wat d'Trainingsstonnen ugeet. Ech weess och, datt dat net einfache gëtt mee mer kënnen e Veräin awer net einfach net akzeptéiere well déi aner gäre méi Trainingsstonnen hätten. Doriwwer eraus kréie mer jo zu Rodange och nach eng flott Sportshal. A wann déi fäerdeg ass, da schéngt mer de Problem besser geléist kënnen ze ginn. Bis dohinner wäert déi eng oder aner Equipe der e bèsse méi hunn, mee ech mengen, datt een awer domat muss kënnen liewen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech kann am Fong nëmmen averstane si mat deem, wat den Här Welter gesot huet. Ech krut och vun der Federatioun – déi mech kontaktéiert huet – gesot, datt se wëlles hunn, dëst Joer am Championnat mat där enger oder aner Equipe unzetrieden. Bei der Federatioun wollten se och nach wësse wéi et mat de Statute wier an ech hu gesot, dat wier fir eis kee Problem a mer géifen déi duerchhuelen. Dorophi wollten se och wëssen, ob et Méiglechkeete gi fir ze spillen. Et ass natierlech kloer, datt et, wa sech elo 3 Veräiner 2 Hale mussen deelen, e bësse enk gëtt. Mee et weess ee jo och, datt de Basket och an der Breet ka spillen. Dat heescht, datt se net ëmmer e ganzen Terrain brauchen, esou datt ech géif mengen, datt et mat e bèsse gudder Wëllen ze maachen ass. Ech sinn och iwwerzeegt – esou wäit kennen ech d'Presidenten och -, datt, wa mer bis um Dësch sëtzen, mer och e Konsens wäerte fannen.

De President, de Sekretär an de Keessjee ware bei mer, woubäi de

President haaptsächlech am Jugendhaus zu Péteng tätég ass. Et si jonk Leit, ganz dynamesch an ech géif mengen, datt dat mat deenen 3 Leit eppes kéint gi mam Basketball. Si spillen allen 3 zu Käerjeng woubäi deen een oder aneren och schonn hei gespillt huet ier de Veräin opgeléist ginn ass. Si wëllen eppes Gréisseres hei opbauen. D'Pétenger Gemeng, géif ech mengen, ka roueg mat 15.000 Awunner e Basketveräin hunn. Ech hunn awer och schonn héieren, datt aner Veräiner ronderëm net esou frou sinn, datt hei e Basketclub kënn well déi hei rekrutiert hunn. Mee ech hunn hinnen awer gesot, datt mer als Gemeng interesséiert si fir esou e Veräin hei ze hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

Esou wäit ech am Bild sinn ass et jo esou, datt, wann ech eng Asbl grënnen, da misst dat och beim Numm stoen. Well um Ufank vun hire Statute steet: „Der Verein trägt den Namen 'Southside Pétange' und wird gegründet unter der Form einer Vereinigung ohne Gewinnzweck (asbl).“ Da mussen se och esou agedroe sinn.“ Esou wäit ech weess, steet esou eppes am Gesetz dran an et muss esou ausgeschriwwen sinn an net a Form vun der Ofkierzung Asbl.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Op den offizielle Pabeieren hunn si et stoen. Et ass esou, datt si déi Statute vun der Federatioun kritt hunn. Esou hunn se mer gesot. Ech huelen un, datt si dat net selwer gemaach hunn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech kann déi jonk Leit nëmme félicitéiere fir dat, wat se gemaach hunn. Ech kennen der e puer vun hinnen an et si Leit, déi am Jugendhaus aus an a gaange sinn, respektiv ginn. Si hunn sech zesummesat well hei an der Gemeng ass näischt fir déi Jonk ausser Caféen. Si hunn sech zesummesat fir eng Associatioun ze grënnen. A wat se bis elo schonn organiséiert hunn, do muss ech soen all Respekt. Ech war op 3 Plazen derbäi. Se haten e Basketstourni an en Danzconcours an der Annexe vun der Sportshal organiséiert. Et war schwaarz vu Leit dobannen an et si Leit aus de Jugendhaiser vum ganze Land komm. Des Weideren haten se den Ofschloss vum Danzconcours zu Rolleng am Centre de loisirs op d'Bee gestallt. An ech wäilt net, datt hei ronderëm d'Dëscher geschwat gëtt fir hinne Steng an de Wee ze leeë well wat se bis elo opweises hunn, dat ass exzellent.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Aussi, datt déi jonk Leit ganz vill maachen, kann ech nëmmen ënnerstëtzen. Wou ech net ganz averstane sinn, dat ass, datt et näischt fir jonk Leit gëtt. Do sinn awer vill Saachen um Lafen. Wat awer feelt, dat ass e Basketveräin. Wann déi Jonk dat maachen – an se sinn dynamesch –, da sinn ech och iwwerzeegt dovunner, datt et eppes gëtt.

Romain Rosenfeld (CSV):

Et kann een nëmme begrëssen, datt mer e Basketveräin hunn. Wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, ass et nëmme berechtigt, datt mer mat 15.000 Awunner och esou e Veräin hunn. Wat d'Trainingszonen ueget, do wëll ech awer och soen, datt schon emol 3 Veräiner bestanen hunn a mer nëmmen 1 Hal haten an et ass gaangen. Ech mengen, elo hu mer 2 Halen a mer kréien eng drëtt. Jidderee muss sech e bëssen aschränken. Dee Veräin fänkt jo och net mat 100 Aktiven un. Et gëtt ëmmer eng Méiglechkeet – de Gilbert Welter huet jo gesot, datt deemools eng Konventioun mëndlech gemaach gouf fir datt ee soll e bëssen zeréckriede wann eppes Neies kënnt – an dann dierft dat kee Problem sinn. Et soll een déi Leit ënnerstëtzen an et ass schéin, datt mer dee Wee ginn. Och wann anerer Veräiner an den Nopeschgemenge Leit verléieren. Mee d'Leit spillen awer gären hire Sport an hirer Gemeng. Et ass op alle Fall eng gutt Initiativ, déi mer all sollen ënnerstëtzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei mussen elo eng Entscheedung huelen op mer se op d'Subsidelëscht huelen oder net. Der wësst, datt et am Ufank e fixe Subsid ass. A wann se dann aktiv ginn, da geet et an d'Sportskommissioun an da proposéiert déi en definitive Subsid. Dat éischt Joer gëtt et awer nëmmen e Startsubsid.

Accord à l'unanimité.**8.****Questions des conseillers communaux.****Carlo Gira (CSV):**

De Moment fille sech duerch d'Iwwerfall, déi sech geheeft hunn, virun allem Fraen an eeler Leit veronsécher. Well sech all Parteien d'Sécherheet vun de Bierger an de Walprogramm geschriwwen haten, wollt ech froen, ob net an deem Punkt misst reagiert ginn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et freet eis och als Schäfferot net, datt regelméisseg Leit iwwerfall goufen, an

dat net nëmmen hei zu Rodange, mä am ganze Süden. Hauptsächlich sinn eeler Leit betraff. Mir haten och den 20. Juni 2006 e 'Comité de prévention locale', wou mer iwwert deen Dossier mat der Polizei a mat der Direktioun vun Esch geschwat hunn. Mir hunn eis Besuergnis als Schäfferot duergeluegt. Mir kruten dunn däi Äntwert, déi der och schonns an der Zeitung konnt liesen. Déi Täter konnte gefaasst ginn, an déi Täter si Fransousen aus dem noe Grenzgebitt, an des zwou Persoune mussen elo d'Konsequenze vun hiren Ondoten droen. Domatter misst et dann nees ë bësse méi roueg ginn hei am Eck, an am Süde vum Land.

Carlo Gira (CSV):

Wann an deem Dossier sécher och d'Police gefuerdert ass, wollt ech vum Schäfferot wëssen, ob et net méiglech wier, fir bei de Verantwortleche vun der Police virzesprieche, déi heiansdo iwwerdrifwe streng Kontrolle bei grouse Manifestatioune virhuelen, wann Autoe falsch geparkt sinn, obscho keng Gefor fir de Verkéier besteet?

Roland Breyer, Schäffen:

Eis Relatioun mat der Police ass nun emol esou wéi se eben ass. D'Relatioun ass, wat den Territoire vun der Gemeng ueget, net déi allerbescht, kann ee soen. Dat hu mer och den 20. Juni 2006 beim 'Comité de prévention locale' ganz kloer ze verstoe ginn.

Bei deene grouse Manifestatioune stëmmt et, datt d'Police ëmmer ganz aktiv ass fir do ze protokolléieren. Dat konnte mer zum Beispill bei der Firmung zu Rolleng mieren. Haut den Owend ass d'Firmung hei zu Péiteng, an do wäerte mer da vläicht dee selwechten Szenario erliewen. All Kéiers, wa mir 'Cliente liwweren', da sinn si ganz no bäi. Mir hunn hinnen dat och gesot, a si hunn och heiansdo Verständnis; eng aner Kéier gesinn se dat awer nees net an. Wann awer emol Changementer hei zu Péiteng geschéien, wäerte mer – ech hoffen dat op mannt – mat deenen neien Interlocuteurs e besseren Drot hunn. Op jiddfer Fall hate mer mat deem fréieren Direkter aus dem Süden, dem Här Schumacher, ganz kloer uitgemaach, datt sollt de 'bon sens' spille gelooss ginn, an datt nëmme sollt protokolléiert gi, wann et sech ëm e 'stationnement dangereux' oder 'stationnement gênant' géif handelen. Op deenen anere Plaze sollt een eng gewësse Flexibilitéit weisen. Dat hu mer hinnen och gesot, an dat schonns méi wéi eng Kéier, mä se verstinn et net ëmmer. Mir hunn hinnen och schonns dacks gesot, datt d'Relatioun mat hinnen net gutt ass.

Carlo Gira (CSV):

Op dem Spazierwee laanscht d'Collectrice du Sud hunn ech e puer Mängel festgestallt. Op deem Stéck hannert dem Bauer Arend a Richtung nei Weiere war e Gelänner, wat awer ganz verschwonnen ass. Hei ass op Plazen de Buedem ewech gebrach bis deelweis un de Wee, wat a mengen Aen eng Gefor bedeit. Hannert der 'rue de la Piscine' ass dee Stouss, deen op d'Vélospiste féiert, an engem ganz schlechten Zoustand, well bei Reen de Belag erof geschwemmt gëtt. Weider si verschidde Bänken an engem ganz schlechten Zoustand, Dreckskierf si verschwonn an déi Bänken aus Metall (déi stinn a Richtung Athus) si ganz gréng, esou datt een, wëll ee säi Gezai net versauen, sech net dropsetze kann. Ass et net méiglech fir fir d'Summerméint déi néideg Ënnerhaltsaarbechten duerchzeféieren?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei an der Gemeng ass – esou wéi och an anere Gemengen – de Vandalismus ganz grouss. Dat mierkt ee wann een op eis Spazierweeër oder an de Park geet. Dofir hunn ech och ganz vill Versteedsdemech fir dat, wat dir elo hei gesot hutt. Ech hu mech och bei eisem 'Service technique' informéiert, a si hu mer gesot, wat elo deen Deel hannert der Collectrice bei Bauer Arend ueget, datt do d'Gelänner esou dacks futti war, datt se hu misste praktesch all Dag dohinner goe fir ze flécken, an datt se déi Saach elo opginn hunn. Et gouf praktesch méi séier futti gemaach wéi si et konnte flécken.

Wat den Terrain betrëfft, esou waren se op d'Plaz kucken, an et muss nach kloer gestallt ginn op d'Gemeng responsabel ass fir d'Rutsche vum Hang, oder op dat an d'Zoustännegkeet vun den 'Eaux et Fôrets' gehéiert.

Zu der 'rue de la Piscine' ass gewosst, datt, wann et ganz vill reent, dese Wee ënnerspullt an iwwerschwemmt ass. Hei gëtt fir de Moment ënnersicht, op een net sollt Pavé dohinner maachen, an et op déi Manéier befestegen.

Zu den Dreckskëschten an zu de Bänke widderhuelen ech nach eng Kéier, datt de Vandalismus ganz grouss ass. Et ass normalerweis eisen Service RMG, dee fir den Ënnerhalt vun deene Saachen zoustänneg ass. Mir kënnen och nëmme mat där Zuel vu Leit schaffen, déi mer zur Verfügung hunn. Ech hunn och mam Parkservice geschwat, datt hien och emol sollt op Plaze kucke goen. Wéi gesot, déi Aarbechte ginn normalerweis vum der Equipe RMG gemaach, mä mir kréie fir de Moment manner Leit geschéckt,

esou datt mer den Ament ganz schlecht dru sinn. Well et fale fir déi Leit och nach aner Aarbechten un, nieft dem Astandsetze vu Material wat futti gemaach gëtt.

Ech maachen nach eng Kéier vun hei aus den Appel, datt dat, wat eise Matbierger zur Verfügung gestallt gëtt, och sollt respektéiert an net futti gemaach ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt nach en Zousaz zu der Police ginn:

Zu Rodange ass de Bureau jo erëm deelweis op, a mir ass et egal, wou d'Police hei an der Gemeng sëtzt. Ech hätt léiwer, wann se géifen um Terrain zirkuléieren. Wou si elo hire Sëtz hunn, ass fir mech net onbedéngt wichteg.

Et muss een awer och nach soen, datt am Verglach mat den Nopeschgemengen, d'Gemeng Péteng net méi schlecht do steet. Aus de Statistike vun der Police geet ervir, datt d'Kriminalitéit am Joer 2005 zeréckgaangen ass. Fir dëst Joer leien nach keng Zuele fir.

Séance publique du 14 juillet 2006

Durée de la séance: 08.00 à 10.15 heures

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Victor Filafarro, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)

ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Enseignement
 - 2.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
 - 2.2. Détachement de M. Laurent Bertolini, instituteur de l'enseignement primaire, pour l'année scolaire 2006/2007 - décision.
 - 2.3. Nomination de personnel enseignant conformément aux publications officielles - décisions.
3. Administration générale
 - 3.1. Titres de recettes: déclarations diverses - décision.
 - 3.2. Règlement général des tarifs: dispositions modificatives - décision.
 - 3.3. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2007 – décision.
 - 3.4. Fixation des taux multiplicateurs à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2007 – décision.
4. Propriétés
 - 4.1. Convention, avec le « Club de Loisirs Echelsbaach » de Lamadelaine, réglant l'exploitation de terrains pour la pratique du jeu de boules, de beach-volley, de beach-soccer et d'un club-house sis à Lamadelaine, rue du Vieux Moulin - approbation.
 - 4.2. Cimetières: vente de concessions de sépultures et de columbariums, 1^{er} semestre 2006 - approbation.
5. Prévisions sociales:
 - 5.1. Office Social: Démission volontaire de M. Aloyse Pettkus, président et membre du bureau - décision.
 - 5.2. Office Social: Remplacement d'un membre du bureau - décision.
 - 5.3. Convention, avec le Fonds pour le développement du logement et de l'habitat, relative à la participation de la commune aux frais de construction de structures d'accueil pour enfants scolarisés (maison relais) dans un immeuble résidentiel de logements sociaux, sis à Rodange, rue du Clopp - approbation.
 - 5.4. Convention, avec le ministère de la Famille et de l'Intégration, fixant la participation financière de l'Etat aux frais d'aménagement de structures d'accueil pour enfant scolarisés (maison relais) dans un immeuble résidentiel sis à Lamadelaine, rue de la Providence 7-9 - approbation.

6. Urbanisation: projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, rue des Ateliers, lieu-dit « Oberst Daessent », présenté par EDICO S.A. de Mondercange pour la construction d'un ensemble résidentiel - approbation définitive.
7. Enseignement musical : démission volontaire de M. Luc Nilles, chargé de cours - décision.
8. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech begrëissen lech zu dëser Gemengerotssëtzung an deelen lech mat, datt den Här Becker sech entschëllegt huet, esou datt mer haut zu 14 sinn. Zum éischte Punkt 'Communications du collège des bourgmestre et échevins' hätte mer haut keng Matdeelung ze maachen.

2.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Ratification à l'unanimité.

2.2.

Enseignement.

Détachement de M. Laurent Bertolini, instituteur de l'enseignement primaire, pour l'année scolaire 2006/2007 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Beim Punkt 2.2. komme mer och zu enger Saach, déi regelméisseg all Joer erëm kënn a wat mer och ganz gären am Kader vun der Schouloorganisatioun op der Dagesuerdning hunn. Dat war awer dës Kéier net de Fall, well d'Demande vum Ministère dee Moment net virlooch. Dës Demande, an där de Ministère freet fir den Här Bartolini fir seng Missioun am Kader vum SNJ fir 4 Stonnen ze déchargéieren, ass awer méttlerweil erakomm. Mir sollen haut Acte dovunner huelen, well d'Madame Minister huet schonns an deem Kontext eng Décisioun geholl.

Il en est pris acte.

2.3.

Enseignement.

Nomination de personnel enseignant conformément aux publications officielles – décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Da komme mer zu engem wichtege Punkt un dëser Dagesuerdning, wou et heescht, déi fräi Posten am Primaire, Préscolaire an am Spécial ze besetzen. Et leien eng Rei Kandidature vu Leit vir, déi de Brevet als Léierpersoun hunn. Ech muss lech awer matdeelen, datt sech schonns e puer Kandidaten zeréckgezunn hunn. Mir géifen da mam Enseignement préscolaire ufänken. Hei wieren zwee Posten ze besetzen, 1 Posten 'à durée indéterminée', an en zweete Poste fir d'Dauer vun engem Joer fir e 'Congé sans solde' ze ersetzen.

Votes secrets :

Scholler Rachel, de Clemency, est nommée à l'unanimité comme institutrice pour une classe de l'éducation précoce à Lamadelaine.
Lemmer Aline, de Rodange, est nommée à l'unanimité comme institutrice pour une classe préscolaire à Pétange.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Da kéime mer elo zu deene Posten, déi am 'Enseignement primaire' ze besetze sinn.

Votes secrets :

Mantz Nathalie, de Pétange, est nommée à l'unanimité comme institutrice pour une 5^e année primaire à l'école 'Am Park' à Pétange.

Pavone Lidia, de Pétange, est nommée à l'unanimité comme institutrice pour une 3^e année primaire à l'école primaire de Lamadelaine.

Hansen Jennifer, de Lamadelaine, est nommée à l'unanimité comme chargée de cours pour la direction d'une 1^{re} année primaire à l'école primaire de Lamadelaine.

Jennetten Carole, de Bascharage, est nommée à l'unanimité comme chargée de cours pour la direction d'une 5^e année primaire à l'école Fonderie à Rodange.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et stinn elo nach 2 Plaze fir ee Joer am Primaire op, a well keng Kandidature méi virleien, muss mer dës Posten nach op der 3. Lëscht publizéieren. Wat de 'Spécial' ubelaangt, esou hate mer do och e Posten op ee Joer ausgeschriwwen. Fir dës Posten hu mer och keng Kandidatur erakritt, esou datt mer dee Posten och nach eng Kéier op der 3. Lëscht publizéieren. Dat selwecht gëllt fir déi 3 'postes de surnumeraire', fir déi och kee sech gemellt huet. Och déi 5 Posten 'à mi-tâche' am Primärunterrecht, déi nach opstinn, schweiwe mer nach eng Kéier op der 3. Lëscht aus.

Mat all deene Poste gi mer dann nach eng Kéier an der Gemengerotssëtzung vum 28. Juli befaasst.

3.1.

Administration générale.

Titres de recettes : déclarations diverses au montant total de 11.382.725,36 euros – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De Gros vun de Recette mécht den Impôt commercial (4.058.000 €) an d'Dotation de l'Etat (6.509.880 €) aus. Dësweidere kréie mer nach en Deel vun den de Peie vum Léierpersonal – déi mer an de Joeren 2001 an 2002 un de Stat bezuelt hunn – erëm. Dat maachen 333.810,63 € aus. Bei der Kantin an dem Foyer scolaire hu mer och d'Participatioun vum Stat erëm kritt, an dat maachen 201.958,64 € aus.

Jeannot Linden (LSAP) :

Mir ass opgefall, datt de Stat elo zanter e puer Joer d'Sue fir d'Bezuele vum Léierpersonal direkt anhält. Dat geet jo direkt ewech vun der Dotation de l'Etat. Leien ech do richtig, datt se direkt am Ufank – bei der Dotation de l'Etat –

esouvill ewechhalen? A wa mer dann zevill bezuelt hunn, da kréie mer e Betrag?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass eng Héichrechnung, déi si maachen, an amplaz datt si eis eng Rechnung schécken, wou mir da mussen duerno 2,5 Milliounen Euro bezuelen, gi si elo hin an zéien dee Betrag vun der ‚Dotation de l’Etat‘ of, an de Rescht vun der ‚Dotation de l’Etat‘ kréie mer dann iwwerwisen.

Romain Rosenfeld (CSV):

An der Déclaratioun steet e Punkt ‚Piscine Rodange: taxes rémunératoires‘ mat engem Montant vun 21.012 Euro. Sinn dat d’Entréeën an d’Recette vum Aquagym?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D’Schwämm mécht all Kéiers en Décompte, an op dat hei elo fir een oder zwee Méint ass, muss ech nokucken. Mä all d’Recette vun der Schwämm ginn als ‚taxes rémunératoires‘ opgefouert, a wann ech d’Artikelnummer kucken déi hannendru steet, da missten et d’Entréeë sinn.

Romain Rosenfeld (CSV):

Dann hätt ech nach eng Fro zum Impôt commercial an zu der Dotation de l’Etat. Wéi sinn dës am Verglach mam leschte Joer?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Esouwuel d’Dotation de l’Etat wéi och den Impôt commercial ass dat, wat de Stat eis als ‚Recette totale‘ uginn huet. All Trimester kréie mer jo Suen. D’Zomm ass sou ze soen d’selwecht wéi d’lescht Joer. Mä d’lescht Joer hu mer d’Iwwerraschung am Januar kritt, wou gesot gi war, datt de Sold 1,5 Milliounen manner héich wier wéi gesot. Hei kréie mer elo pro Trimester eng Avance laut deenen Héichrechnungen, déi de Stat gemaach huet, an et muss een de Sold ofwaarde fir ze gesi wéivill mer definitiv kritt hunn.

Camille Bosseler (CSV):

Och wa schonn eng ganz Rei vu menge Froe beäntwert gi sinn, wéll ech awer nach op de Punkt ‚remboursement par la CMO des indemnités pécuniaires‘ agoen. Ech fannen, datt den Absenteismus därmoossen héich ass, an dat esouwuel de Summer wéi de Winter, an ech verstinn einfach net, datt mer deen net erfogusat kréien. Kee Wonner datt verschidden Aarbechten net weider gi wann ëmmer esouvill Leit feelen.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat hei ass keen Absenteismus, mä et geet hei ëm Leit déi krank gemellt sinn.

Déi Leit sinn net op hirer Aarbecht well se krank sinn. Mir hunn am ganzen 350 Leit beschäftigt, an ech ka soen, datt mer an engem Pourcentage vum Krankmeldonge leien, deen an der Rei ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss een och fairerweis hei soen, datt mer e puer Leit hunn, déi schwéier krank sinn, an déi scho méintelaang feelen. An dës schloen natierlech immens zu Buch. An déi si krank, an dat steet guer net zur Diskussioun.

Camille Bosseler (CSV):

Kann een dann net kucken, fir déi Leit dann emol op eng aner Plaz ze setze wou se trozdeem e bësse kéinte schaffen? Dat kënnen ouni Problem méi liicht Aarbechte sinn. Well dat gëtt et am Privatsecteur.

Roland Breyer, Schäffen:

Also Här Bosseler, wa mer eng Persoun hunn, déi eng ganz schwéier Krankheet huet, da sollte mer och Respekt do virdrun hunn.

Camille Bosseler (CSV):

Selbstverständlech. Ech kritiséieren dat och guer net.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech streiden och net of, datt mer eventuell verschidde Leit dobäi hunn, déi ganz schnell kank gemellt sinn. Dat gëtt et an all Betrib, an do solle mer eis näischt virmaachen. Mä et sinn der awer och dobäi, déi laangzäit krank sinn, an déi wierklech krank sinn. An déi schloen am meeschten zu Buch.

Approbation à l’unanimité.

3.2.

Administration générale.

Règlement général des tarifs : dispositions modificatives – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der hutt hei op de Säiten 39 bis 54 an ärem Dossier eng Rei vu Modifikatiounen, déi mer eech virschloen am Kader vun eisem Taxereglement. Ech wéll net op all Detail agoen, mee nëmmen op déi wichtegst Punkten. Der hutt elo eng nei Déliberatioun, wou just d’Ännerungen dra sinn an net méi déi al. Dat eent ass d’Kierfechter am Kapitel 4. Do hu mer Tariffer, déi wierklech zënter enger laanger Zäit bestinn, enger Revisioun ënnerzunn. Wichtig ass awer vläicht eng Saach, an zwar datt mer d’Taxe vun de Kolumbarien eropzesetze fir se dem Käschtépunkt,

deen d’Gemeng huet, unzepassen. Bis ewell hate mer beim Kolumbarium manner héich Taxen ewéi bei engem Graf. Mee bei der Konzessioun vun engem Graf stellt d’Gemeng eigentlech just den Terrain zur Verfügung, an de Rescht mussen d’Leit selwer maachen oder maache loossen. Bei dem Kolumbarium ass et awer esou, datt d’Gemeng déi eenzel Casen zur Verfügung stellt. Dofir hu mer gekuckt, wéivill dat eis am Duerchschnëtt kascht a mer hu missen d’Taxen och deene Käschten upassen. Déi Leit, déi do en Emplacement, eng Konzessioun hunn, déi hunn och de Virdeel, datt se sech ëm näischt brauchen ze këmmere verglach mat deenen, déi e Graf hunn a wou op deem Wee Käschten op si duerkommen.

Wat d’Schwämmen ugeet, do hu mer d’Präisser vun de Coursen (Aquagym, Schwammkursen) iwwerall d’selwecht gemaach, an zwar kaschten se elo 84 Euro pro Cours. Virdrun hate mer jo verschidden Tariffer. All Cours, dee mer dann elo an der Schwämm ubidden, kascht also 84 Euro. Mer sinn och higaangen – nodeems dat gefrot gouf wéi mer déi 1,5 Stonnen agefouert haten - an hunn e Carnet vun 12 Entréeën agefouert fir annerhalfe Stonnen. Grad esou wéi dat de Fall ass fir 3 Stonnen, en halwen respektiv e ganzen Dag. Do derbäi hu mer och eng ganz Rei Präisser fixéiert – dat musse mer jo als Gemeng maachen - fir wann een sech en T-Shirt, eng Schwammkap, Handdicher oder Ärmercher fir déi kleng Kanner wéll an der Schwämm kafen. Déi sinn am Kapitel 7 vun der Schwämm opgefouert.

Ee vun deenen Dossieren, iwwer dee mer scho méi laang geschwat hunn, ass dee vun der Musekschoul am Kapitel 9. Mer hunn eis e bëssen ëmgekuckt, wéi dat an aneren Uertschafte géing goen. An dobäi hu mer festgestallt, datt mer en anere System hu wéi eng ganz Rei vun eise Musekschoulen am Land esou wéi Gréiwemaacher oder lechternach. An der Tëschenzäit ass Déifferdang och amgang, déi selwecht Tariffer ze maache wéi mir. Et ass esou, datt mer déi auswärtig Schüler vun der Musekschoul genee d’selwecht behandle wéi déi aus eise Gemengen. Mer haten 2005 en Defizit vu 500.000 Euro. Wann ee weess, datt dat fir ongeféier 500 Schüler ass, da weess een och, datt et eis pro Schüler 1.000 Euro kascht. Wa mer kucken, datt och nach d’Halschent vun eise Schüler aus anere Gemenge kommen, da kann ee soen, datt mer ronn 250.000 Euro aus eiser Gemengekeess huele fir de Musekunterrecht vun de Leit aus eisen Nopeschgemengen ze finanzéieren. Dat ass och

hauptsächlech – an dat hat ech schonn e puer Mol an de Budgetsdebatte gesot – duerch dat groussherzoglecht Reglement vum 25. September 1998 komm, wou och d'Gehälter vun de Chargé-de-coursen eropgesat goufen. An dat och zurecht, dat wëll ech absolut net ofstreiden. Awer d'Subventionne vum Stat sinn net an deem Mooss an d'Luucht gaangen, esou datt vun 1998 un den Defizit an eiser Musekschoul sech bei eis am Budget méi wéi verduebelt huet. Mer kënnen dovun ausgoen, datt de Stat 55% vun de Käschten vun der Musekschoul iwwerhëlt, esou datt d'Gemeng déi aner 45% muss droen. Mer wëssen, datt eis Aschreiwunge ronn 3% ausmaachen a mer konnten dervun ausgoen, datt tëscht 40 an 42% vun der Musekschoul zu Laaschte vun der Gemeng Péteng ass. An enger éischer Phas hu mer ënnerscheid tëscht e puer Zorte vu Käschten. Éischtens den Ënnerhalt, d'Botzen an d'Hëtze vun der Musekschoul. Dat iwwerhëlt d'Gemeng Péteng. Mer hunn et ëmmer iwwerholl a mer wäerten et och weiderhi maachen. Dat huele mer net an eis Berechnung mat eran. Och d'Direktioun an d'Sekretariat vun der Musekschoul, dat ass jo souwisou e Ganzt. Ob een do 500 oder 600 Schüler huet, dat ännert net vill dorunner. Dofir hu mer gesot, mer géifen déi Käschte weiderhi ganz iwwerhuelen. Mer hunn awer gemengt, datt - wat d'Käschte vun de Chargé-de-coursen ugeet – wann een aus den Nopeschgemengen en individuelle Cours krit, da mässten déi sech och mat dru bedeelegen. Mer haten do Gespréicher mat den Nopeschgemengen, sinn awer dobäi net wäit virukomm.

Mer hu musse feststellen, datt mer Schüler aus ronn 30 Gemengen hunn, esou datt mer och e Virschlag ze ënnerbreeden hätten. An zwar ass et ongeféier esou, wéi dat och zu lechternach oder zu Gréiwemaacher fixéiert ass a wat mer och elo zu Déifferdang kréien. Dat ass wichteg, well mer awer eng enk Zesummenaarbecht mat Déifferdang hunn. Déi aus eiser Gemeng bezuelen en „droit d'inscription“ an déi vun auswäerts komme bezuelen och nach en „droit de participation“ fir individuell Coursen. Zu lechternach läit dee bei 458 Euro, zu Gréiwemaacher bei 300 Euro. A mär hunn 2 Tariffer proposéiert, an zwar 150 Euro bis eng hallef Stonn an 250 Euro fir Coursen iwwer eng hallef Stonn.

Et muss een och wëssen, datt sech dat och esou verduebelt wat d'Käschten ugeet. Do leie mer nach ënner deenen zwou aner Schoule vu Gréiwemaacher an lechternach. A mer sinn eigentlech zu deem Punkt komm, wou mer gesot

hunn, datt fir Kollektivcoursen 75 Euro „droit de participation“ fir déi Schüler vun auswäerts ufale wäert. Domat kann ee soen, datt ongeféier 25% vum Defizit, deen ufält, vun deenen anere Gemengen, respektiv vun den Eltere vun de Schüler aus deenen anere Gemenge gedroe gëtt. Déi aner 75% bleiwen nach weiderhi fir d'Gemeng Péteng. Esou bal mer wëssen, ween sech ageschriwwen huet, schreiw mer all déi Gemengen un, aus deenen d'Schüler kommen. Mer schreiw hinnen a froen, ob si sech engagéiere fir den „droit de participation“ vun 150, 250 oder 75 Euro ze bezuelen, esou datt d'Schüler se net brauchen ze bezuelen. D'Gemeng huet also d'Méiglechkeet, dës Käschte fir hir Bierger ze iwwerhuelen. Wat den „droit d'inscription“ ubelaangt, esou hu mer och gemengt, datt mer dee mässte liicht unhiewen. Esou läit en elo bei 25 Euro fir e Kollektivcours a bei 50 respektiv 75 Euro fir en individuelle Cours. Et muss ee wëssen, datt ee fir 75 Euro – och déi Schüler aus eiser Gemeng – en individuelle Cours vun enger Stonn vun engem ausgebildete professionelle Museker krit. Dat ass nach ganz kleng gehale wann een d'Tariffer mat anere Musekschoule vergläicht. Ech hunn do ee Verglach gemaach fir ze weisen, a wat fir enge Beräicher mer eis elo – mat der Déifferdang Gemeng zesummen – bewegen. Wa mer elo e Schüler vun 13 Joer hunn, dee sech an e Cours umellt fir en Instrument ze léieren an och nach Solfège derbäi mécht an an engem Ensemble ass, da bezilt en 100 Euro d'Joer wann en hei an der Gemeng wunnt an 325 Euro wann en net an der Gemeng wunnt. Dee selwechte Schüler bezilt zu Gréiwemaacher 175 Euro wann en an der Gemeng wunnt – also bal duebel esou vill - a 550 Euro wann en net an der Gemeng wunnt – och bal duebel esou vill. Zu lechternach bezilt dee selwechte Schüler 420 Euro wann en an der Gemeng wunnt an, ech hunn hei nach Berechnunge gemaach déi dee gënschtegsten Tarif uweisen – mindestens 878 Euro wann en net an der Gemeng wunnt. Dat heescht, mer leien nach am Verglach mat deenen anere Musekschoule ganz guut. Mer mengen awer, mer mässten dat viru maache well engersäits d'Präisser eropgaange sinn, an anerersäits well mer och déi auswäerteg Schüler wëllen un de Käschte bedeelegen. Wéi gesot, entweder d'Bierger aus deenen anere Gemengen oder d'Gemenge selwer. Domat si mer nach net wäit gang a mer hunn et och ganz raisonnabel gehale well mer awer nach ëmmer dräi Véierel vum Defizit vun deenen auswäerteg Bierger iwwerhuelen.

Dee 4. Punkt behandelt d'„taxes de chancellerie“, Kapitel 11. Do hu mer am Zesummenhang mat de Baugenehmungen Upassunge gemaach fir datt dës Taxen och déi vill Aarbecht, déi an de Bautendossiere stécht, erëm-spigelen. Et muss ee wëssen, datt all Bautendossier an d'Bautekommissioun geet, datt en am techneschen Service opgeschafft gëtt an dat eng gross Viraarbecht bedeit ier déi Baugenehmung vum Buergermeeschter kann ënnerschriwwen ginn. A mer sinn dofir der Meenung, datt haut eng Baugenehmung fir en Eefamiljenhaus mat 200 Euro net iwwerdréiw ass. Wann een dat och par rapport zum Konstruktionsboom kuckt, da mengen ech och, datt déi Zomm net an d'Gewicht fällt. Mer mengen awer, datt mer mat deem Geschéck déi Taxe do e bëssen upassen un dat wat wierklech un Aarbecht op eis zoukënn bei all Bautendossier.

Bei der Schoultaxe hu mer festgestallt, datt mer hei an der Gemeng Péteng ganz niddereg Léiche fir déi Kanner, déi aus anere Gemenge bei eis an d'Schoul kommen, am Verglach mat den Nopeschgemengen, wou se méi wéi dräi Mol méi deier waren. Mär louchen nach ëmmer bei 150 Euro pro Trimester wogéint se an den Nopeschgemenge scho bei 400 bis 500 Euro pro Trimester louchen. Mer sinn och der Meenung, datt, bei deene Personalkäschten, déi op eis duerkommen, awer och bei den „apports en nature“ déi mer maachen – mer ginn hinnen d'Bicher fir näischt, se ginn an d'„classes de neige“ mat, se kréien Hefter, Kopien an eng ganz Dokumentatioun an der Schoulzäit – 150 Euro ze niddereg ass. Dofir proposéiere mer, eis Taxen unzepassen an se op 450 Euro ze setzen. Domat leie mer nach ëmmer ënner Suessem mee e bëssen iwwer Käerjeng. Mer leien also do dertëscht. Dat ass just fir déi, déi vun auswäerts an d'Gemeng Péteng kommen. Mer hunn och festgestallt, datt an der leschter Zäit ëmmer méi Demande vu Leit kommen, déi wëllen op Péteng an d'Schoul kommen. Ech weess net, ob dat op d'Tariffer zeréckzeféieren ass, mee ech mengen, wa mer elo emol eis Tariffer ugepasst hunn, da kann dat Argument an deem Beräich net méi gëllen.

Beim 6. Punkt iwwer d'fräi Nuechten, Kapitel 14, si mer och higaangen an hu se liicht eropgesat. 30 Euro fir eng fräi Nuecht bis 3 Auer a 50 Euro fir eng fräi Nuecht bis 6 Auer.

Wat d'Kapitel 18 ugeet, déi zweet Vignette, do hu mer eppes Klenges geännert. Et ass esou, datt mer fir de Moment eng Jorestaxe hunn. Dat war

awer en Nodeel fir déi Leit, déi vu baussen erageplënnert sinn. Si hu misse fir e ganz Joer bezuelen, och wann se eréischt am September erageplënnert sinn an nëmmen 3 Méint dovunner profitéiert hunn. Dofir hu mer gesot, datt mer dat elo pro Trimester géife maachen. Dat kënn deene Leit entgéint, déi am Laf vum Joer an eis Gemeng plënnere. D'Taxe u sech huet awer net changéiert.

Bei der „Taxe de compensation“, Kapitel 16, hu mer och eng Upassung gemaach. Mer hu jo do eng Regel, datt, wann ee kee Parking oder keen Emplacement respektiv net genuch ka maache bei engem Bauprojet, dann huet een d'Méiglechkeet, dat eventuell ze kompenséieren. Awer nëmme mat dem Accord vun der Gemeng. Déi Zomm huet eis niddereg geschéngt ze sinn. Wann näamlech d'Zomm vun enger Garage, déi ee kompenséiert, méi héich ass wéi den Akafspräis vun enger Garage, da riskéiert een, datt geschwënn nëmmen nach kompenséiert gëtt. Dofir hu mer gesot, mer miissten déi Zommen upassen, dat heescht un de reelle Käschtepunkt vun engem Emplacement oder enger Garage. Mer mengen, nach net héich genuch gewiescht ze sinn, mee mer hunn dat elo emol op 20.000 Euro fir eng Garage an 10.000 Euro fir en Emplacement gehéicht. Domat menge mer awer méi no un de reelle Präis vun enger Garage oder engem Emplacement ze komme wann een en Neibau mécht.

Dat sinn déi grouss Ännerungen, déi am Taxereglement virleien. Ech géif dann elo d'Diskussioun opmaachen.

John Polfer (CSV):

Mer hunn hei eng Revisioun vu verschiddenen Taxe virleien. Och wann eng Gemeng sozial denken an hire Matbierger Servicer zur Verfügung stelle soll, esou bleift et net aus, datt vun Zäit zu Zäit d'Taxe mussen erhéicht an ugepasst ginn. De Buergermeeschter huet elo dat meescht kommentéiert, esou datt mer net méi ganz vill dozou ze soe bleift. Beim Kierfecht, do ass déi gréisst Erhéijung bei de Kolumbarien op 1.500 Euro. Dat huet och jidderengem an der Finanzkommissioun agelicht, datt d'Gemeng net déi Käschte kéint droen iwwerdeems bei der Griewer d'Leit schonn d'Käschten droen. D'Finanzkommissioun hat do nach eng Proposition gemaach, an zwar datt d'Porteuren 100 Euro amplaz wéi bis elo 80 Euro kréien. Ech wier frou, wann den Här Buergermeeschter mer géif soen, firwat de Schäfferot dat bei 80 Euro gelooss huet.

Wat d'Schwämmen ugeet, esou ass et eng gutt Saach, datt et elo och e Carnet

gëtt fir 1,5 Stonnen gëtt. Do hat d'Finanzkommissioun och virgeschloen, ob een net kéint e Koeffizient asetze fir datt et méi einfach ass wann eng Taxe gehéicht gëtt – d'Entrée zum Beispill fir en Eenzelen -, datt dann deenen aneren automatesch Rechnung gedroe gëtt an ugepasst gëtt fir datt net jiddere muss rechnen.

Wat d'Musekschoul ugeet, do wollt d'Finanzkommissioun dem Schäfferot un d'Häerz leeën, sech méi intensiv mat deenen Nopeschgemengen, déi och eng Musekschoul hunn, a Verbindung ze setzen. Esou, datt do en eenheetlech Taxereglement zustane kënn. Mee se sinn och der Meenung, datt déi Taxerhéijung hei eng Dréps op e waarme Steen ass.

Wat d'Bautereglement ugeet, esou sinn och verschidden Upassungen noutwenneg gewiescht an do hu mer jo och schonn déi néideg Erklärunge kritt.

Wat d'Schoulen ugeet fir déi auswäerteg Leit, esou war jo désleschten och en Artikel an enger Zäitschrëft wou Leit esou guer nach gefrot hunn, et sollt e Bus vun der Gemeng zur Verfügung gestallt gi fir hir Kanner vun enger auswäerteger Gemeng an d'Schoul transportéiert ze kréien. Ech mengen, esou wäit musse mer jo awer net kommen. Et kann een net op 2 Hochzäiten danzen. Dat war och der Finanzkommissioun hir Meenung.

Wat d'Öffnungszäiten ugeet, do war och näischt ze soen an der Finanzkommissioun.

Bei der „taxe de compensation“ ass jo och de Präis ugepasst gi vun enger Garage, net datt et méi bëlleg gëtt fir e Promoteur fir keng Garage ze bauen wéi der Gemeng eng Taxe ze bezuelen.

Dat war eigentlech alles, wat d'Finanzkommissioun ze deenen Tarifupassungen ze soen hat.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech freeë mech, datt d'Finanzkommissioun e positiven Avis ofginn huet. Et sinn 2 oder 3 Saachen, déi ugedeit goufen, a wou d'Finanzkommissioun nach zousätzlech Virschléi ënnerbreet huet. Mer kommen och dorop zeréck, mee mer wollte virdrun eng Viraarbecht mat eisen Servicer maachen. Dat eent ass, datt d'Porteure vun de Pompjeeën net méi 80 mee 100 Euro kréie sollten. Mer wollten dat awer net maachen ier mer mat de Pompjeeë geschwat hu well et do „en contrepartie“ eng Délibératioun an deem Beräich gëtt vun 1990 mengen ech. Do gëtt de Pompjeeën am Fong versprach, se

krite 400 Frang Index 100 fir dat do ze maachen. Mer wäerten awer mat hinne schwätzen a wa si genee wéi d'Finanzkommissioun mengen, datt do eng Erhéijung soll gemaach ginn, da wäerte mer dat och bei der nächster Revisioun maachen.

Wat d'Konkordanz téscht deenen eenzelnen Tariffer an der Schwämm ugeet, do hu mer och gesot, datt een dat effektiv soll nokucken. Mee dat ass och eng Aarbecht, déi méi laangfristeg ass an déi vläicht deen een oder aneren Tarif kéint esou beaflossen, datt en zollt an d'Luucht géif goen. Dat wollte mer awer genee iwwerpräiwene ier mer do eppes ënnerhuelen. Et war eis awer e bëssen ze kuerz téscht der Finanzkommissioun an dem Gemengerot fir dat do ze kucken. Mer hunn awer och gesot, datt mer bei der nächster Revisioun déi Iwwerleeunge géife mat afléisse loosse fir eventuell déi eng oder aner – vill sinn et der net – Inkohärenz erauszekréien. Déi konkret Beispiller, déi der eis ginn hutt, hu mer eis och ugekuckt a se hunn eis och agelicht. Mee mer haten net direkt eng équitabel Léisung parat oui elo op deem engen oder anere Punkt zollt Ännerungen erbäizeféieren. Dofir wëlle mer dat elo a Rou mat eisen Techniker kucken.

Am Zesummenhang mat der Musekschoul wëll ech soen, datt, wat äre Virschlag, fir mat den Nopeschgemengen ze diskutéieren an dat eenheetlech ze maachen, ugeet, dat huet scho mat Déifferdang geklappt. Déi Tariffer si mat der Musekschoul an och mat dem Schäfferot vun Déifferdang ofgeschwat, verglach an diskutéiert ginn. Déi Déifferdang wäerten dann och déi selwecht Tariffer am Gemengerot stëmmen ewéi mir dat hei maachen. Do besteet also schonn eng Uniformitéit. Déi Käerjenger waren eis e bëssen zevirkomm. Si haten dat schonn zwee Méint virdrun gemaach. Si hunn sech awer och dozou engagéiert – ech hu mat hirem Buergermeeschter geschwat -, datt mer eis fir dat nächst Schouljoer un en Dësch setzen an och do eng Uniformitéit kréien. Dann hätte mer am Kordall eng eenheetlech Taxe an, wat a mengen Aen och wichteg ass, eng méi enk Kooperatioun téscht deenen 3 Musekschoulen.

Norbert Pierre (LSAP):

Nodeem d'Gesetz géint d'Fëmme gëschter an der Chamber gestëmmt gouf, féiere mär hei eng Taxe fir d'„location d'un cendrier de plage“ an. Ech weess net, ob dat deem entsprécht wéi et soll sinn. An den öffentleche Gebaier soll net gefëmmt ginn, an de Schwämme soll net gefëmmt ginn. Dofir gesinn ech net an,

firwat mer hei sollen esou eng Taxe stëmme fir Äschebecheren do ze verlounen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Problem ass, datt dat hei op der Wiss dobaussen ass an ech weess net, ob mer dat kënne verbidden. Déi Diskussioun ass gelaf an ech muss d'Gesetz nach eng Kéier ganz genee kucken. Mer hunn am Moment e gréissere Problem, datt vill Leit hir Äschen einfach an d'Wiss tippen. Mer hu gemengt, et heimat eventuell an de Grëff ze kréien. Ech maache mer zwar net allzevill Hoffnungen. Mee mer wëllen se awer net ausdeele well dann hält jiddereen se mat heem. Dofir hu mer gesot, mer géifen 1 Euro froen. Mee wann dat Gesetz definitiv a Kraaft ass an et och seet, datt et op der Wiss verbueden ass ze fëmmen, dann hu mer dës Taxe fir näischt gestëmmt. Mee fir de Summer hätte mer se gäre fir ze probéieren, ob mer de Problem op der Wiss net geléist kréien.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wëll mech e bësse mat der Schwämm beschäftegen. Märsinn nach ëmmer der Meenung, datt et e richtege Präisdschungel ass. Perséinlech schaffen ech jo op enger Plaz, wou ech mat Leit ze doen hunn, déi sech déplacéiere fir an aner Schwämmen ze fueren. Ech hu mer e bëssen d'Méi gemaach – wann et Kanner aus eiser Gemeng waren – fir ze froen, firwat se net hei an eis Schwämm géife goen. An dat éischt wat se gesot hunn, dat war, datt et hinnen ze deier ass. Wa si op Uewerkuer ginn, da bezuelen se ee Präis a se kënne bleiwen, esou laang se wëllen. Se hunn och nach gesot, datt de System hei zu Rodange ganz komplizéiert ass. Wann eng Drëps Reen fällt, da mussen se eraus well dann den Daach zougemaach gëtt. En plus ass et hei och nach vill ze streng. Et huet een nach kee Fouss an d'Waasser gesat, da gëtt ee scho vernannt well ee schonn iergendeppes gemaach wat a verschidde Leit hiren Aen net richtig ass. Bon, ech hu mer déi Méi gemaach a vill Kanner gefrot. Dat war dat, wat derbäi erauskomm ass. Ech wollt eech dat matdeelen an eech och mat op de Wee ginn, datt der endlech en Tarif aféiert, deen all Mënsch gerecht gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bon, ech mengen, en Tarif, deen all Mënsch gerecht gëtt, dee fanne mer net. Deen ee geet gären annerhallef Stonn, deen aner 3 Stonnen, deen aneren en halwen Dag, deen aneren e ganzen Dag. Mer sinn eis bewusst, datt déi Tariffer wéi mer se elo hunn, net

ganz benotzt ginn. Mee mer hunn awer elo de Carnet fir annerhallef Stonn agefouert well d'Leit dat gefrot hunn. Mer hu virun engem halwe Joer déi annerhallef Stonn agefouert well verschidde Leit gesot hunn, se wëllte keng 3 Stonne schwamme goen. Een Tarif fir 6 Stonnen oder fir dee ganzen Dag, dat kann ee bei enger oppener awer net bei enger zouener Schwämm hunn. Dee Reproche - deen ech net verstinn -, datt den Daach bei där éischer Drëps Reen zougemaach gëtt, kann ech net novollzéien. Ech ka mech net erënneren, datt den Daach eng Kéier zougemaach ginn ass bis elo. Ech weess net, firwat déi Angscht ass, well mer dat bis elo nach net haten. Den Här Welter ka mech verbesseren, mee ech ka mech net erënneren, datt dat do eng Kéier virkomm ass. Déi Schwämm ass gutt besicht. Et sinn Deeg, wou mer op de Maximum vu 1.500 Leit kommen a wou mer am Fong geholl keng Méiglechkeet méi hate fir méi Leit eranzehuelen. Et gesäit fir eis net esou aus, wéi wann dat ze deier wier. Soss géife jo net esou vill Leit kommen. An och wann ech de Präis mat deene vun anere Schwämme vergläichen, dann ass et guer net esou deier, just minimal méi deier vläicht. Et misst een eventuell e Verglach maache mat Veianen oder mat Déifferdang, an och do gleewen ech net, datt et esou vill méi ass. Am Summer hu mer jo och Spezialtariffer, déi si méi bëlleg wéi am Wanter, wann den Daach zou ass. Mer leien, wat d'Tariffer ugeet, guer net esou aus de Féiss. Ech sinn der Meenung, datt mer fir de Moment e gutt Resultat hunn an datt de Moment vill Leit dohinner kommen.

Wat deen anere Reproche ugeet, datt d'Leit vernannt ginn, do musse mer konkret de Fall gesot kréien an da kucke mer dat no. Ech weess och, datt an enger rezenter Diskussioun et emol vu Short oder net Short geschwat gouf. Mer hunn dat gesot kritt a gekuckt, wéi d'Reglement hei am Gemengerot gestëmmt gouf. An ech mengen, dat wat zielt, dat ass dat, wat hei gestëmmt gouf. An ech géif net mengen, datt eist Règlement esou streng ass. Et brauch ee keng Kap unzedoen, et kann ee sech fräi bewegen. Ech ka mer net virstellen, wat an eisem Règlement esou dramatesch kéint sinn, wat an aner Schwämmen net ass. Dat Règlement ass jo op deem vun anere Schwämme baséiert, mer hu jo näischt Neies do erfionnt. Wann do géife Leit iwwerdreiwen – et kënne jo nëmmen d'Schwämmeeschtere sinn – a Saache festleeën, déi net hei am Gemengerot beschloss goufen, da musse mer agräifen an hinne soen, datt dat net ubruecht ass. Mee ech géif net

mengen, datt do esou iwwerméisseg streng Kontrolle wieren. Mir loosse eis awer gär beléieren a wa mer eppes Konkretes wëssen, da gi mer gären op déi Fäll an.

Guy Brecht (LSAP):

Dat ass e bësse wéi bei enger lles-Studie. Wann een esou eppes kritt, dann ass dat jo net d'Meenung vun de Leit alleguer. Et mécht een e Choix an et fret een déi firwat se net dohinner ginn, oder wat se net gutt fannen. Et sinn awer Saachen, déi ee mat op de Wee kann huelen an déi ee ka soen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et leie jo och Ziedelen do fir datt d'Leit eng Plainte kënne maache wann eppes net geet. Jidder Ziedel gëtt gekuckt an d'Leit kréien alleguer eng Äntwert. Do gëtt also eng Kontroll gemaach wa Problemer do sinn. Wann d'Leit sech un den Tariffer stéieren, da komme mer an de Gemengerot wéi dat och de Fall ass fir de Carnet vun 12 Billjeeë fir annerhallef Stonn. Wann et éischer eppes ass, wat an déi aner Richtung geet, wou een sech iergendwéi duerch d'Verhale vun engem Verantwortleche opreegt, da gi mer deem och no an d'Leit kréien eng Äntwert vun eis. Mer haten 2 oder 3 där Fäll an d'Leit kréien eng Äntwert, do si mer konsequent dran. Dat kënnt der de Leit dobausse roueg soen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn och e puer Froen ze stellen. Wou komme mer, wann een d'Verhältnis kuckt, op déi Zuelen? Ënner réimesch véier „confection des fosses“, do hu mer eng „taxe pour une fosse destinée à recevoir un cercueil ou des parties de corps“. Wann een dat elo kuckt, da weess ee jo, datt e Graf ongeféier 2 Meter laang, 1 Meter breet an op d'mannst 1 Meter déif ass. Do froe mer dann elo 250 Euro. Mer ginn awer fir eng Urn, an do wësse mer, datt se ongeféier 40 cm laang, breet an déif ass, 200 Euro froen. D'Verhältnis zum Aushiewe vun engem Graf ass jo awer vill Aarbecht am Verglach domat. Virdrun hu mer fir e Graf 125 Euro a fir eng Urn 50 Euro gefrot.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech weess net genee, wéi d'Konditiounen si wann eng Urn an e Graf gesat gëtt.

Jeannot Linden (LSAP):

Bei deenen zivile Begrieffnesser mécht een dat jo. Do gëtt e bëssen ausgehewen an da gi se dragesat. Dat gëtt guer net déif. Dofir soen ech just, datt virdrun d'Verhältnis 50 zu 125 war. Mat 250 Euro fir d'Graf kann ech liewen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mär hunn dat do vun eisen Techniker gesot kritt. Wann dat esou ass wéi dir dat elo gesot hutt, da liicht dat mer awer och e bëssen an. Ech hunn och kee Problem fir aus 200 Euro nëmmen 150 Euro ze maachen. Ech war nach net dobäi, wann esou eng Urn agesat gouf. Et si jo och fix Aarbechten, déi gemaach musse ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, mee déi fix Aarbechte sinn doduerch net d'selwecht well ee fir e Graf 2 bis 3 Stonnen amgang ass a fir eng Urn nëmmen eng hallef Stonn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif proposéieren, datt mer dat hei nach eng Kéier analyséieren an d'Techniker nach eng Kéier froen. Wann effektiv op deem Niveau déi Relatioun net gutt ass, da solle si eis eng Äntwert gi firwat déi Relatioun esou kleng ass. A wann se net gutt ass, da komme mer erëm an dann ännere mer just dee Punkt hei.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi gesot, mer sollen hei iwwer vill Taxen ofstëmmen. Et sinn och Taxen, mat deenen ech 100prozenteg averstane sinn. Wann ech dat vun der Musekschoul kucken, do ginn et e puer Vereinfachungen. Virdrun hu mer jo Erklärungen kritt zu deenen auswäertege Schüler a Schülerinnen, an och zu den Erwuessenen, an dat fannen ech och alles an der Rei.

Wat ech awer am Numm vun eiser Fraktioun wéilt froen, dat ass, ob mer kéinten iwwer verschidde Rubriken ofstëmmen. Net eenzel Saachen, Klenggekeeten. Mer kënnen et och esou maachen, datt mer als LSAP géint d'Erhéijungen an der Schwämm sinn a mat deenen anere si mer averstanen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mäin Uleies geet jo haaptsächlech d'Musekschoul un an all déi heibanne si wëssen och, datt d'Musekschoul mer e wéineg um Häerz läit an datt ech et och bedauern, datt mer dese Wee musse goen. Et ass mer bewusst, datt eis finanziell Situatioun et net méi erlaabt fir Kanner vun auswäertege Gemengen an deem Mooss mat erduerch ze huelen ewéi mer dat bis elo gemaach hunn. Ech hoffe ganz fest, datt déi Gemengen, wou d'Wieler elo un déi Verantwortlech eruntrieden, e Versteedsdemech fir dat hu wat mer hei fir déi Kanner maachen. Well se kréie jo eng gewësse musikalesch Bildung mat op de Wee. Hoffentlech gi se mat eis op dese Wee fir eis ze ënnerstëtzen an datt et net esou wäit

kënn, datt déi Kanner, déi wéilten awer net kéinten – well se déi finanziell Méiglechkeeten net hunn – aus enger aner Gemeng heihinner kommen a bausse vir bleiwen. An dat, well se keng Ënnerstëtzung vun hirer Gemeng kréien. Dat wier wierklech ganz schued fir d'Kanner mee och fir d'Museks-gesellschaften a well d'Kultur do e Schratt no hanne géif maachen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt ganz kuerz op d'Schwämm zeréckkommen, an zwar op déi Ëmfro, déi den Här Brecht gemaach huet. Et ass ganz kloer, datt hien do haaptsächlech Leit gefrot huet, déi net positiv géintiwier vun der Rodanger Schwämm agestallt sinn. Well hie mierkt jo, datt déi an eng aner Schwämm fueren. Et hätt ee jo am Fong geholl och missen déi Leit froen, déi begeeschtert si vun der Schwämm an déi dohinner ginn.

Perséinlech sinn ech der Meenung, datt eis Rodanger Schwämm, wat d'Tariffer ugeet, ganz gutt do steet. E Jugendleche muss an de Summerméint 1,75 Euro bezuele fir annerhallef Stonn an 3,5 Euro fir en halwen Dag. Dat fannen ech ganz an der Rei well mer jo och Servicer derbäi ubidden. Mer hu jo och e Beach Volley, deen ee gratis ka benotzen. Mer hu jo awer och eng Schwämm, déi a mengen Aen eppes iwwer dem Niveau vun deenen anere läit an dofir ass et och kee Problem wann d'Tariffer e bësse méi héich sinn. D'Tariffer sinn deem jo och ugepasst an déi Jugendlech vun haut hunn awer zimlech ëmmer Euroen an der Täsch. An esou en Entrée bezuele fir en halwen Dag wier och nach net zevill fir esou eng grouss a flott Schwämm.

Da wollt ech och nach just op d'Musekschoul zeréckkommen. Wann d'Situatioun bei den Aschreiwungen déi selwecht bleift wéi bis elo a mer géifen eng Héichrechnung maachen, da wollt ech wëssen, em wéivill den Defizit – dee jo bei méi oder manner enger halwer Millioun Euro läit – doduerch kéint reduzéiert ginn. Well et ass jo esou, datt mer nach net „selbsttragend“ ginn esou wéi dat soll sinn. Mee kéinte mer do eng Äntwert kréien, wéivill mer do aspueren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Eng Héichrechnung ass gemaach ginn. A mat där Populatioun an deenen Zuelen, déi mer elo hunn – wann déi bleiwen - kann ee rechnen, datt mer tëscht 80.000 an 100.000 Euro méi Recette kréien. En Deel och vun eise Leit, well mer do liicht méi héich gaange sinn, dat heescht, well mer d'Tariffer liicht eropgesat hunn. Mee dee

gréissten Deel kënn vun deenen auswäertege Leit. Mee et bleift nach ëmmer esou, datt mer nach ëmmer 3 Véirel vum Defizit, deen op eis Musekschoul duerkënn, vun deenen auswäertege Leit mussen droen. Deen anere Véirel iwwerhuelen dann d'Elteren respektiv déi Gemeng, wou d'Kanner hierkommen. Dat heescht, mer iwwerhuelen nach ëmmer bei all Schüler méi vun dem Defizit wéi mer vun deenen anere Leit verlaangen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Zur Schwämm. Hei gesinn ech, datt hei steet „les droits d'entrée comprennent l'utilisation gratuite du parking attenante à la piscine à toit ouvrant“. Mer haten deemools déi Taxe jo gestëmmt fir de Parking, dee bei der Schwämm läit, ze bezuelen. Eis Iwwerleeung war déi, datt deen, dee gären nobäi parke geet, och soll bezuelen. Soss kann en op deen zweete Parking goen an dann zu Fouss goen. Dofir verstinn ech dat net esou richtig.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat do hu mer geännert gehat. Deen Text steet schonn zënter e puer Méint esou dran. Mer hunn deen och aus enger bestëmmter Ursach geännert. Am Ufank war ëmmer déi Angscht do, mer géifen iwwerrannt gi vun Autoen, et géif net duergoe mat de Parkplazen an et géif allgemeng Chaos ginn an Nidderréideng. Et huet sech awer iwwer de Wanter erausgestallt, datt déi Schwämm ka mat deene Parkplazen ofgedeckt ginn. Mer hate kee Manktem u Parkplazen. Well jo ëmmer nees gesot gouf vun eise sozialistesche Kollegen, datt et ze deier wier, hu mer gesot, mer géifen op déi 50 Cent vum Parking verzichte well och déi Befierchtungen, déi mer haten, net agegedeckt sinn.

Sécher, am Laf vum Summer wäert déi Situatioun anescht sinn. Mee ech ka mer eigentlech schlecht virstellen, datt mer soen, d'Leit miissten nees bezuelen. Dat gëtt e bësse komplizéiert. An dofir hu mer gesot, datt de Parking am Präis vun der Schwämm mat dran ass.

Romain Rosenfeld (CSV):

Den Här Pierre hat schonn déi selwecht Iwwerleeung gemaach, mee wéi gesäit dat aus mat deem neie Gesetz iwwer d'Femme well mer jo just an deem Moment déi Äschebecheren aféieren. Dat misst een nokucken.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech géif mengen, op de Wiss dobause wier et nach erlaabt. Esou hunn ech et verstanen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Et ass awer eng éffentlech Plaz wou's de bezils fir eranzekommen. Da muss ee kucken, wéi et definéiert ass.

Zur Musekschoul wëll ech och e puer Iwwerleeunge maachen. Ech begrëssen, datt déi Leit, déi vu bausse kommen, méi bezuele mussen. Well mer stellen de Bierger aus der Pétenger Gemeng eng Musekschoul zur Verfügung an d'Fro fir se ze vergréssere kënn och eng Kéier wann se ze kleng gëtt. Mer hu jo schonn op aner Plazen zeréckgegraff, zum Beispill 'A Rousen' oder an den Home. Ech sinn der Meinung, datt mer bei 500 bis 600 Schüler – dovunner ass d'Halschent vun auswäerts – vill ze vill als Bierger bäileeën. Dat sinn ëmmerhin 250.000 bis 300.000 Euro fir déi mer eppes Aneschters kéinte maache fir eis Bierger ewéi de Schüler aus anere Gemengen – déi ebe keng Musekschoul an domat och keng Käschten hunn – Musekskursen ze ginn. Mer sinn hei an der Gemeng Péteng, a wa Leit aus auswäertege Gemengen hei an d'Musekschoul wëlle kommen, da mussen si bal déi Käschten decken oder d'Gemenge miisst fir si anrieden, datt se hei kënnen an d'Musekschoul goen. Dat ass meng Meinung zu där Saach. Well de Präis, deen de Buergermeeschter genannt huet an dee mer bäileeën – tëscht 1.000 an 1.300 – enthält nach net den Ënnerhalt, d'Botzen an all aner Saache vum Gebai. Dofir géif ech mengen, datt ee sech dat an nächster Zäit muss iwwerleeën, wéi een dat kann aschränke mat eiser Musekschoul esou datt mer gutt dermat duerkommen. Besonnesch, datt et finanziell net esou schro zu Buch schléit.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Besonnesch wat dee leschte Punkt ugeet, esou hoffen ech awer, datt déi aner Gemenge ronderëm mierken, datt e Bedierfnis do ass an datt se e klengen Obolus musse gi fir datt hir Kanner kënnen Musek maachen. Och fir déi Gemengen ass et wichteg, datt dat kulturellt Liewe weidergeet. Och wa se hir Schüler musse lénks a riets schécken an och nach e klengen Deel musse bäileeën, dann hoffen ech awer, datt se hire Kanner dat bezuelen.

Aner Musekschoulen hu scho Konventiounen mat anere Gemenge gemaach. Esou zu Diddeleng, wou eng Konventioun mat Kayl a Beetebuerg gemaach gouf, huet de Buergermeeschter vun Diddeleng mer gesot. Déi iwwerhuelen den Defizit vun hire Schüler komplett. Dat heescht, datt si e komplett anere Wee gaange sinn. Bei hinnen ass d'Situatioun och anescht

well se net mat esou vill Gemengen ze doen hunn ewéi mår. Hei hu mer et mat 30 Gemengen ze doen. Dann ass dat scho wesentlech méi komplizéiert. Mee mer hoffen op deem Wee och déi Diskussioun nach eng Kéier nei mam Ministère ze dynamiséieren an ze kucken, wéi dat soll goen. Mee et schéngt mer kloer ze sinn, datt, wann de Ministère net méi bäi gëtt wéi dat, wat elo do steet, da mussen d'Gemenge sech solidaresch erklären. Da mussen déi eenzel Gemengen, déi betraff sinn an hir Schüler heihinner schécken, sech bereet erkläre fir dann och deen Deel ze bezuelen. Mer gesi jo elo emol wéi d'Reaktioun vun de Gemengen ass.

Lily Gansen (LSAP):

Op är Ausso hi wollt ech awer nach eng Fro stellen. Der sot, datt de Verkéiersrespektiv de Parkingsproblem net dat ginn ass wat mer gefaart haten. Virdrun hutt der awer gesot, datt mer eng Superbeleueung hunn. Wéi kommen d'Leit dann dohinner? Well dat ass jo déi Fro, déi ee sech da muss stellen. D'Leit soen och, datt se dat net esou an de Stroosse spieren. Wéi kommen d'Leit dann dohinner? Mat dem éffentlechen Transport? Oder gi se bruecht?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et si ganz vill Jugendlecher do an déi ginn dohinner bruecht. Wou mer ganz kloer Zuelen hunn, a wou mer gesinn, datt et ëmmer duergaangen ass, dat ass am Wanter, wou mer 300 bis 350 Leit matenee kënnen an der Schwämm hunn. Mer hunn 120 Parkplazen an do kommen der 2 oder 3 mateneen. Am Summer hu mer och nach kee Problem gehat. A mer hu jo och dee Parking uewen, dee mer an der Wiss ugeluecht hunn. Do sinn och Autoen, déi do ofgestallt ginn. Anerer kommen zu Fouss. Dëslescht ass eng ganz Rei Fransousen zu Fouss komm. Wou kommen se hir, ech weess et net. Vlächicht vun der Gare. Mer sollen och déi Saach elo virun analyséieren. Mer gesi jo och elo wat am Juli an am August geschitt. Mee et schéngt mer net esou ze sinn, datt do e grouse Problem ass. Wéi mer elo eng Kéier 1.500 Leit sonndes haten, do hunn ech och näischt gemierkt, an ech wunne jo net wäit ewech.

Lily Gansen (LSAP):

Et soll een am Fong geholl ëmmer ofwaarden.

Romain Rosenfeld (CSV):

E Sonndeg virun 8 Deeg waren iwwer de ganzen Dag verdeelt ronn 1.700 Leit an der Schwämm. Dat war och fir

d'éischt, wou de Parking hannen am Stéck besat war. Et war kee Problem a ganz Nidderréideng, mee déi 2 Parkinge war strubbelvoll. Et ass och e gudden Zougang vun deem Parking do.

Accord sur le règlement général des tarifs, chapitre VII 'Piscines et bains', avec 8 voix (CSV, DP) contre 6 voix (LSAP).

Accord à l'unanimité sur le règlement général des tarifs, tous les chapitres à l'exception du chapitre VII.

3.3.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2007 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer dat all Joer virun Enn Oktober musse maachen. Mer hunn dat elo schonn haut op der Dagesuerdnung. Mer wëllen och déi 250% bäibehalen esou wéi dat an deene leschte Joeren de Fall war. Mer wëssen zwar, datt mer domat ënner dem Taux vun eisen Nopeschgemenge leien, mee mer sinn der Meinung, datt dee soll weider applizéiert ginn.

John Polfer (CSV):

Ech wollt heizou just soen, datt d'Finanzkommissioun och déi Proposition gemaach huet fir den Taux bäizebehalen. Dat eenzegt, wat war, dat ass, datt ënnendrenner ëmmer steet „de consentir, pour l'année esou an esou, sur les maisons unifamiliales et les maisons de rapport un taux d'abattement de 15%“. Mee et konnt kee mer soe firwat. Dat war iergend eng Kéier agefouert ginn an et weess kee méi firwat. D'Finanzkommissioun schléit vir, déi 15% ewechfalen ze loosse, esou datt d'Gemeng dann e klengen Euro weider hätt. Mer hunn och nogekuckt, an am ganze Land sinn et 3 Gemengen, déi esou en „taux d'abattement“ hunn. Déi aner hunn dat alles net.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass awer schonn de Punkt 3.4. Do schloe mer dem Gemengerot vir, déi 15% ofzeschaffen an dann hätte mer eng Situatioun wéi an deene meeschte Gemengen och. Der hutt Recht wann der sot, datt just nach 2 aner Gemengen dat hunn. Déi aner Gemengen hunn et am Laf vun deene leschte Joeren ofgeschaf.

Accord à l'unanimité.

3.4.

Administration générale.

Fixation des taux multiplicateurs à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2007 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn elo just zur Kenntnis geholl, datt, wéi de President vun der Finanzkommissioun elo grad gesot huet, d'Finanzkommissioun proposéiert, den „taux d'abattement sur le maisons unifamiliales et maisons de rapport“ ofzeschaffen. Da si mer esou wéi all déi aner Gemengen – ausser 2 – hei am Land.

Accord à l'unanimité.

4.1.

Propriétés.

Convention avec le « Club de Loisirs Echelsbaach » de Lamadelaine, réglementant l'exploitation de terrains pour la pratique du jeu de boules, de beach-volley, de beach-soccer et d'un club-house sis à Lamadelaine, rue du Vieux Moulin – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

De Schäfferot huet den 28. Juni 2006 eng Konventioun mat dem „Club de Loisirs Echelsbaach“ ënnerschriwwen. Déi Konventioun leeft vum 1. Juli 2006 bis den 30. Abrëll 2007 an duerno vu Joer zu Joer. De Loyer ass op de symboleschen Euro fixéiert, ob deen d'Gemeng awer verzicht. Déi Verantwortlech vum Club verpflichten sech mat der Konventioun fir d'Exploitatioun vum Boulen-Terrain, vun de Beach-Terrainen a vum Clubhaus ze iwwerhuelen. Si spären op an zou a sinn och responsabel fir d'Gestioun wann de Beach-Volley sollt eng Kéier verlount ginn. Se garantéieren och fir d'Propretéit vum Clubhaus. D'Gemeng iwwerhëlt d'Käschte vum Elektreschen, vum Heizen a vum Waasser ënner der Konditioun, datt et e verständnege Verbrauch soll bleiwen. Mä als Gemeng behalen eis d'Recht vir, den Terrain 5 Mol am Joer gratis ze loune wann eng Manifestatioun do stattfënnt. Déi subsidiéiert Veräiner aus eiser Gemeng kënnen déi 2 Terrainen eemol am Joer loune fir en „tournoi de loisirs“ ze organiséieren. Aner Gruppe kënnen 1 Terrain kréien, well 1 Terrain soll ëmmer zur Verfügung stoe wann eis Jugendlech oder aner Leit aus eiser Gemeng wëllen dohinner kommen a vum Terrain profitéieren.

En „dépôt de garantie“, dat heescht eng Kautioun, soll ëmmer hannerluecht ginn. Fir de Beach Volley oder de Beach Soccer sinn dat 100 Euro, fir d'Clubhaus sinn et 200 Euro well do och nach Duschen an eng Buvette dra sinn. E Forfait vun 10 Euro soll dem Club zoukomme well si d'Dispositioun vun den Terrainen jo zur Verfügung stellen duerch hir Aarbecht. Dat ass eng flott Saach well mä eis net brauchen dorëm ze këmmen.

Jeannot Linden (LSAP):

Déi éischt Saach ass emol déi, datt d'Konventioun den 1. Juli 2006 a Kraaft triet a mer se eréischt haut stëmmen. Do hänke mer jo da schonn erëm wäit hannendrun.

Déi aner Saach, wou ech och averstane sinn, dat ass, datt d'Gemeng déi Käschtchen iwwerhëlt wann dat „en bon père de famille“ gemaach gëtt. Et steet jo och do, datt eng Kéier géif gekuckt gi wéivill dat mécht, op wat fir eng Zomm ee kënt.

De Club kritt jo den Optrag, déi Installatiounen op an zou ze maachen. Bei der Fermeture kann et sech jo nëmmen ëm d'Buvette an d'Beach-Terrainen handele well de Bouleterrain ass jo op. Déi maachen dat jo och vum Mee bis den Oktober. Dat heescht jo, datt duerno alles zou ass an och d'Buvette net méi verlount gëtt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mä hunn eis dodru gehale wéi et normalerweis beim Tennis geet. Do ass jo och ëmmer eng Summersaison, déi den 1. Mee u geet an Enn September oder Ufank Oktober fäerdeg ass. De Wanter ginn dann och d'Netzer erageholl an dann ass et zou.

Jeannot Linden (LSAP):

Do steet och „l'occupant de la buvette est obligé de se munir de toutes les autorisations éventuelles“. Ass dat d'Schankrecht an esou virun. Da musse si kucken, datt se dat kréien an da leeft dat och op hiren Numm.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Deejeinegen, deen do eng Manifestatioun wëll organiséieren, dee muss och kucken, datt en eng Wanderkonzessioun kritt. Wann net, da geet et net. Mer wëllen och net, datt do zevill an ze grouss Manifestatiounen organiséiert gi well et einfach ze kleng ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Am Ofschnëtt 1 vun „Charges et conditions“ steet, datt et tëscht moies 9 an owes 10 Auer op ass. Mëtternuecht fir de Boulen-Terrain. Wéi leie mer dann do mat eisem Polizeireglement

am Zesammenhang mat dem Kaméidi? Däerfen déi do bis Mëtternuecht Kaméidi maachen?

Roland Breyer, Schäffen:

Du däerfs déi ganz Nuecht dobausse sëtze wanns de kee Kaméidi méchs. An d'Boule maache jo kee Kaméidi. Wann e puer Leit owes do sëtzen a birelen, da kann een d'Polizei ruffen.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat ass schéin a gutt, mee op däer enger Säit erlabe mer net, datt een e Lach a seng Mauer no 10 Auer owes buert an hei gi mer dann eng Autorisatioun. Do gëtt net vun den Dezibel geschwat. Dat steet ganz einfach am Reglement.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech géif dervun ausgoen, datt um Mëtternuecht net méi vill Leit do si well et dann däischer do ass. Bon, mer kënnen och aus deene 24 eng 22 maachen. Mee ech mengen awer, datt dat net vill ännert.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, mee da si mer conforme zu eisem Polizeireglement.

Roland Breyer, Schäffen:

Jeannot, mer si conforme zum Reglement. Bei eisen Terrassen ass et jo och esou, datts de no 10 Auer nach op enger Terrasse däerfs sëtze mee kee Kaméidi däerfs maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn nach eng Saach, déi mech e bësse gestéiert huet. Do steet „la commune se réserve le droit d'organiser gratuitement au maximum 5 organisations“. Ech mengen, d'Gemeng ass a bleift Patron. Ech hätt de Saz besser fonnt wann do gestanen hätt, datt, wann d'Gemeng den Terrain bräicht, hier dësen och zur Verfügung steet. Dat wier besser gewiescht wéi sech ze fixéieren op e Maximum vu 5. Wann et dann eng Kéier driwwer geet, da kréie mer se emol net.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer musse jo awer och oppassen, datt mer de Veräiner d'Méiglechkeet gi fir eng Organisatioun ze maachen. Wa mä elo all Weekend eppes géifen organiséieren, da bräichten déi aner jo geschwënn näischt méi ze maachen. Wa mer emol eng Kéier eppes do op der Plaz maachen, dann ass dat scho vill.

Jeannot Linden (LSAP):

Dofir hätt ech et besser fonnt wann dee Saz geännert wier a géif soen,

datt, wann d'Gemeng den Terrain bräicht, en dann och zur Verfügung stéing. Da misst een hinnen och mat Zäite Bescheed soen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer wollten och déi Zäit net zevill an Usproch huelen. Et ass näämlech eng relativ kuerz Saison an et soll jo och éffentlech sinn, fir datt d'Leit aus der Gemeng esou dacks wéi méiglech kéinten dovunner profitéieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Dofir meng aner Fro. Et ass jo e Club, si hu sech Statute ginn an et gëtt och eng Memberskaart opgehuewen. Déi däerf net iwwer 100 Euro goen. Dat steet an hire Statuten. Wann ech dann elo kee Member sinn oder wëll ginn, däerf ech dann net zum Beispill Boule spillen? Wéi leeft dat, wa si d'Gestioun dovunner maachen? Erkläert mer dat emol.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Si späre just op an zou, mee si hu kee Virrecht op deem Terrain. Jidderee kann dohinner goen ouni Member ze sinn. Dat steet jo néierens.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass en éffentlechen Terrain an et muss een sech just fir de Volley umellen. A fir de Volley brauch een och keng Tax ze bezuelen.

Jeannot Linden (LSAP):

Fir deen een Terrain?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

A priori fir déi zwee Terrainen. Ausser et ass elo e subsidiéierte Veräin aus der Gemeng, deen do en Tournoi organiséiert an och reservéiert huet, da sinn déi zwee besat. Mee wann net, da si se éffentlech fir all Bierger do.

Carlo Gira (CSV):

Ech hu just eng kuerz Fro. Firwat steet den Handball net do?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An der Konventioun am Artikel 6 steet Beach Handball. Wou steet en dann net?

Carlo Gira (CSV):

E steet awer net an der Délibératioun.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer kënnen en awer mat an d'Délibératioun stellen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Bon, ech si kee Frënd vun de grouss Konventiounen. Mer hunn dee Site opgeriicht. Mer fänken un, mat deem klengste Clibbchen hei an der Gemeng

Konventiounen ze maachen. Wat hu mer déi Zäit gesicht? Mer hu Leit gesicht, déi eis de Site e wéineg ënnerhalen. Fir Merci ze soen hunn se de Club gegrënnt, esou datt se d'äerfe Boule spillen. Et sinn awer aner Veräiner an der Gemeng, mat deene keng Konventioun gemaach gouf, an déi ganz anescht zu Buch schloen an och méi vun eiser Gemeng profitéieren. Dat hei ass am leschten Detail geschriwwen. Et soll jo awer e Site fir d'Fräizäit bleiwen. D'Buvette ass eng aner Saach. Mee ech si schonn dacks laansch gefuer, da waren d'Dieren zou. Déi Leit hu Boulen do gespilt an da sinn se nees heem gaangen. D'Gefor besteet net, datt se do e groussen Débit maachen. Meng Meenung ass déi, datt mer op ganz anere Plazen hätte missen ufänke mat Konventiounen, an net grad hei op dësem klengen Site.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mer hunn elo hei eng Konventioun gemaach an och mam Tennis.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Dat ass an der Rei. Mee den Tennis ass eng ganz aner Situatioun. Wéivill Milliounen huet den Tennis kascht. An do ass och en éffentleche Café. Et ass awer anescht ewéi hei. Ech mengen, et ass eng gutt Richtung, mee a mengen Aen hält ee kéinten op enger aner Plaz ufänken.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech kann och soe firwat mer hei ugefaangen hunn, an zwar ass et well dat hei nei ass. Mer hunn dofir gesot, datt mer hei an déi Richtung ginn. Ech ginn eech awer Recht, datt et och nach aner Veräiner gi mat deene mer mussen eng Konventioun maachen. An dat wäerte mer och versichen ëmzesetze fir Kloerheet ze schafen an esou Saache wéi 'wien sech ëm wat këmmert'. Well generell huet een d'Impressioun, datt, wann et net geet, d'Gemeng et hält misse maachen. An dofir wëlle mer och eppes maachen. Firwat steet dat vum Waasser dran. Ma well mer beim Tennis dee Problem haten an e ganz héije Verbrauch haten an elo kee verantwortlech war an och kee méi weess, wou dat Waasser hikoum. An d'Gemeng muss bezuelen. A fir datt mer Kloerheet hu wee fir en iwwerméisseg oder iwwerdrüwene Verbrauch opkënn hu mer dat dragestallt. Dofir schéngt et mer wichteg, datt een eppes festleet. Et ass sécherlech eng grouss Konventioun fir esou e klengen Site, mee et muss een, wann een e Partner huet, sech eens si ween sech ëm wat këmmert. Mer haten och Diskussiounen a si waren och net mat allem averstane wat mer am Ufank drastoen haten. Et ass e

Konsens, dee mer hei hunn, an ech sinn der Meenung, datt dat jo net esou strikt muss behandelt ginn. Et soll eng Richtlinn sinn.

Romain Rosenfeld (CSV):

Dee leschte Weekend ass jo awer schonn e Problem opgedaucht. Wéi d'Leit dohinner koume fir de Beach Volley-Tournoi, do kruten se 400 Euro Kautioun gefrot fir de Site. An dat als Volleyball Club. Ech fannen, datt dat iwwerdrüwene ass. A wat maache mer da mat deene Leit, wa se mar soe mer sollen eisen Terrain selwer maachen, selwer op- an zouspären an si weider Boulen do spille gi well et jo e 'site loisirs' ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat mat deene Kautioun froen ass jo eng Saach, déi vum « Club de Loisirs Echelsbaach » gefrot gouf. Mer hunn och mat hinnen doriwwer geschwat. Et ass esou, datt si dat och vläicht e bësse falsch verstanen hunn. Mer haten de Maximum agesat „la présente convention règle les cautions à ne pas dépasser par le club“. Ech hunn awer Gespréicher gefouert mat hinnen a gesot, datt ech géif verstoen, datt se 200 Euro fir d'Clubhaus froe well si et musse botze wann et knaschteg ass. Do si Vestiären, dat schéngt mer normal ze sinn. Awer fir en Terrain 200 Euro ze froen, dat war de Maximum. Ech hunn hinnen un d'Häerz geluecht, datt se déi Konventioun an Zukunft esou sollen interpretéieren, datt se dat minimal hale wat de Beach Volley Terrain ugeet. Wéi gesot, fir d'Clubhaus verstinn ech et, well wa se mussen eng Botzfra huele fir alles propper ze maachen, da sinn se séier op 200 Euro.

Victor Filafarro (LSAP):

Ech wollt froen, ob do eng Assurance gemaach ass an alles an der Rei ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mär si jo Propriétaire a mär mussen dat versécheren. Et ass alles an der Rei.

Accord à l'unanimité.

4.2.

Propriétés.

Cimetières: vente de concessions de sépultures et de columbariums, 1^{er} semestre 2006 – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

All Semester ratifizéiere mer jo d'Kontrakter vun de Konzessiounen vun de Griewer an de Kolumbarien.

Camille Bosseler (CSV):

Wéivill hu mer der nach?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech kann do keng genee Äntwert ginn, dat muss mer weiderginn un den Techniker. Den Här Majeres gëtt dat weider. Mee et ass nach Plaz do.

Approbation à l'unanimité.

5.1.

Office social.

Démission volontaire de M. Aloyse Pettkus, président et membre – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Den Här Pettkus huet eis seng Demission aus gesondheetleche Grënn matgedeelt, an dat als President a Member vum Office social. Et muss een ervirsträchen, dass den Här Pettkus zanter dem 1. Januar 1977, also bal 30 Joer, am Office social geschafft huet, an dovunner war e méi wéi 25 Joer, nämlech vum Juni 1980 un, President vum Office social. Hien huet ganz vill Aarbecht an dësem Gremium gelescht, an am Numm vum Gemengerot soe mer him villmools Merci fir säi ganz groussen Asaz am Intressi vun deene Bierger aus eiser Gemeng, deenen et – aus watfir enger Ursaach och ëmmer – net esou gutt gaangen ass. Am Numm vun eis alleguerten heibanne wënsche ech him nach e flotte Liewensowend, an dass hie dese bei gudder Gesondheet, zesumme mat senger Fra, ka verbréngen.

Guy Brecht (LSAP) :

Selbstverständlech schlësse mer eis als LSAP-Fraktioun deene Wieder vum Här Buergermeeschter un.

Romain Rosenfeld (CSV) :

D'CSV-Fraktioun schlësst sech och dese Wieder un. Wann een haut gesäit, dass eng Persoun iwwer 30 Joer an engem Gremium ass, an dat grad an engem Gremium wéi den Office social, an deem ganz vill Aarbecht gelescht gëtt, esou kann een him nëmmen dozou félicitéieren a Merci soen.

Jeannot Linden (LSAP) :

Ech hunn déi Demission vum Här Pettkus gesinn, an do steet dran, dass hien och als Member vun der Loyerskommissioun demissionéiert. Ass hei schonn e Remplaçant virgesinn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Jo, an der Loyerskommissioun réckelt de Suppléant no, an zwar den Här

Jean-Pierre Weintzen. Neie Suppléant gëtt dann den Här Jean Nau.

Vote secret : les 14 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

5.2.

Office social.

Remplacement d'un membre – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Well elo, duerch d'Demission vum Här Pettkus, eng Plaz am Office social fräi ginn ass, wollt de Schäfferot den Här Jeannot Linden als Successeur proposéieren. Déi selwecht Propose kënnt och vum Office social selwer, esou dass mer zum Vote géifen iwwergoen.

Vote secret : les 13 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'. Par conséquent M. Jeannot Linden est appelé aux fonctions de membre de l'Office social de la commune de Pétange. M. Linden, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

Jeannot Linden (LSAP) :

Ech wollt Merci soe fir dat Vertrauen dass a mech gesat gëtt, an ech wäert versichen - esou wéi ech dat an der Vergaangenheet ëmmer gemaach hunn – mech fir d'Intresse vun de Bierger anzesetzen.

5.3.

Prévisions sociales.

Convention, avec le Fonds pour le développement du logement et de l'habitat, relative à la participation de la commune aux frais de construction de structures d'accueil pour enfants scolarisés (maison relais) dans un immeuble résidentiel de logements sociaux, sis à Rodange, rue du Clopp – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Hei geet et ëm eng Conventioun am Kader vun eisen Structures d'accueil. Jidderee weess, dass mer d'Structures d'accueil brauchen, dass mer grouss Waardelëschten hunn an dass mer frou kënne si wa mer op déi eng oder aner Manéier esou schnell wéi méiglech zu esou Strukture kënne kommen.

Mir hunn hei eng Conventioun mam Fonds de logement gemaach, an zwar

geet et ëm d'Structures d'accueil zu Rodange an der rue du Clopp, déi 116 Kanner kënne ophuelen. De Kafpräis fir d'Gemeng ass geschat op 1.988.000 Euro. D'Quote-part vum Terrain fir d'Realisatioun vun dëser Struktur gëtt erëm voll un d'Gemeng cédéiert.

Mir hoffen och dass dës Struktur an der Zäit – wéi et geplangt ass – fäerdeg gëtt, an dass fir d'Schoulentrée 2007/2008 dës 'Maison relais' ka funktionéieren a mir 116 Kanner kënne eng Plaz ubidden.

D'lescht Woch war jo d'Straussfeier, an déi Leit, déi op der Plaz waren, konnten sech dovunner iwwerzeegen, dass et eng flott Saach gëtt, an dass se no bei de Schoulen, dem Zentrum vu Rodange, souwéi der Crèche an deenen neie Sportsinfrastrukturen läit.

Jeannot Linden (LSAP) :

Ech wollt just nach matdeelen, an dat hat ech och schonns dem Här Buergermeeschter gesot, dass ech fir d'Straussfeier keng Invitatioun vum Fonds de logement kritt hat.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Déi Invitatioune si vum 'Fong' verschéckt ginn. Mir hunn awer hat de Mëtteg eng Entrevue mat hinnen, an da wäert ech se dorop uschwätzen.

Roland Breyer, Schäffen :

Et ass e bësse komesch, dass ee vum Schäfferot eng Fro stellt. Mä et ass esou, dass ech net dobäi war, wou déi Conventioun ënnerschriww ginn ass. Dat heescht awer net, dass ech dogéint sinn. Ech hunn awer eng prinzipiell Remark ze maachen, a wann ech deemools am Schäfferot dobäi gewiescht wier, dann hätt ech se schonns du gemaach. Dat hei ass eng Conventioun, wou mer eng Absichts-erklärung maache fir eppes ze kafen, mä et ass nach keen Acte gemaach.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Den Acte kënnt duerno.

Roland Breyer, Schäffen :

Et ass nämlech fir d'TVA wou dat eng Roll spillt. Wann een nämlech keeft, 'acte sur terrain' oder esou, da brauch een d'TVA net ze bezuelen an et kritt een en aneren Acte. An ech fäerten, dass – wa mer et um Enn vun der Prozedur maachen – mer déi deier Prozedur gemaach hu wat d'Käschte beim Notaire ugeet. Ech froe mech effektiv, op et net méi sënnavoll gewiescht wier, fir elo schonn den Acte ze maachen, an duerno eréischt de Sold ze bezuelen. Well deen heite Wee elo huet sécherlech eng Influenz op d'TVA, an domatten och op d'Fraisen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir haten – an dat war am Ufank mat hinnen ausgemaach ginn – gesot, datt mer eréischt géifen zum Schluss bezuelen. Wat elo den Acte betrëfft, esou mussen mer do kucken, op mer dee kënnen direkt maachen. Wat d'TVA betrëfft, esou mussen mer awer souwisou 15% bezuelen. Et géif mech wonneren, wann hei den Taux vun 3% kéint applizéiert ginn, datt mussen mer och nach klären. Ech sinn der Meenung, datt – fir eng 'Maison relais' – de favorablen Taux vun 3% net kann applizéiert ginn. Fir deen Taux ze kréien, muss ee verschidde Conditionen erfëllen, wéi zum Beispill selwer dra wunne goen.

Mä klären dat awer a kucke fir esou séier wéi méiglech den Acte kënnen ze maachen.

Approbation à l'unanimité.**5.4.****Prévisions sociales.**

Convention, avec le ministère de la Famille et de l'Intégration, fixant la participation financière de l'Etat aux frais d'aménagement de structures d'accueil pour enfants scolarisés (maison relais) dans un immeuble résidentiel sis à Lamadelaine, rue de la Providence 7-9 – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen :

Déi zweet Konventioun, déi mer haut op der Dagesuerdnung hunn, ass eng Konventioun mam Ministère de la Famille et de l'Intégratioun. Dës Konventioun bezitt sech op eis 'Maison relais' zu Rolleng. D'Konventioun fixéiert déi finanziell Bedeelegung, déi de Stat beim Aménagement vun enger Structure d'accueil iwwerhëlt. Hei hu mer eng Struktur fir 60 Kanner, an de

Stat iwwerhëlt 50% vun deene Käschten mat engem Maximum vun 10.000 Euro pro Stull. De Stat iwwerhëlt och 50% vun de Fraise vun enger Produktiounskichen, a dat mat engem Maximum vun 37.500 Euro, souwéi een Drëttel vun de 'frais d'aménagement' vun der Spillplaz bausen dem Gebai, an dat mat engem Maximum vun 8.500 Euro.

No dëser Berechnung iwwerhëlt de Stat bei der 'Maison relais' vu Rolleng Käschten an Héicht vun 646.000 Euro. An deem Montant sinn och d'Honorairen dran enthalen.

Wann den Agreement géif refuséiert ginn, oder wann d'Stullzuel géif erofgoen, dann ass d'Gemeng verflücht fir de Montant, deen de Stat schonns geleescht huet, zousätzlech mat den Zënsen, un de Stat zeréckzebezuelen.

Ech gleewen awer net drun, datt d'Stullzuel géif erofgoen, 'bien au contraire'. Héchstens geet d'Stullzuel bei eis an der Gemeng nach an d'Luucht, esou datt mer mussen kucken, datt mer nach zousätzlech 'Maisons relais' kréien.

Approbation à l'unanimité.**6.****Urbanisation.**

Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, rue des Ateliers, au lieu-dit « Oberst Daessent », présenté par la société EDICO S.A. de Mondercange pour la construction d'un ensemble résidentiel – approbation définitive.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer haten den 29. Mee 2006 de provisoresche Vote vun dësem PAP. Mer haten et dorophon och vum 31. Mee

bis den 29. Juni aushänken an et kounn keng Reklamatioun zu dësem Projet eran.

Approbation définitive avec 8 voix (CSV, DP) contre 6 voix (LSAP).**7.****Enseignement musical.**

Démission volontaire de M. Nilles Luc, chargé de cours à l'école de musique – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Den Här Nilles huet eis geschriwwen, datt hien aus Familljegrënn um Enn vun dësem Schouljoer – wat jo haut op en Enn geet – ophält. Mer müssden hien a senger Fonctiounen – déi en an der Musekschoul hat – demissionéieren, an dat mat Effet op de 15. September 2006. Mer soen him am Numm vum Gemengen- a Schäfferot Merci fir déi Aarbecht, déi en am Interesse vun eise Kanner an am Interesse vun der Musek an eiser Uertschaft geleescht huet. Mer hoffen awer, hien nach heiansdo an eiser Gemeng erëmzugesen mat senger schéiner Stëmm.

Vote secret : Les 14 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

8.**Questions des conseillers communaux.**

Néant

Séance publique du 28 juillet 2006

Durée de la séance: 08.00 à 11.20 heures

<u>Présents:</u>	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Victor Filaferro, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
<u>Absents et excusés:</u>	
/	/

ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Enseignement
 - 2.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
 - 2.2. Liste des catéchistes pour l'année scolaire 2006/2007 - décision.
 - 2.3. Nomination de personnel enseignant conformément aux publications officielles - décisions.
3. Administration générale
 - 3.1. Commissions consultatives du conseil communal - démission d'office d'un membre.
 - 3.2. Syndicat intercommunal SYVICOL: désignation d'un candidat (m/f) pour l'élection du nouveau comité - décision.
 - 3.3. Syndicat des Tramways Intercommunaux dans le Canton d'Esch (TICE): nouveaux statuts – décision.
 - 3.4. Syndicat intercommunal de l'Hôpital Princesse Marie Astrid (HPMA): convention de collaboration avec l'Etat en vue d'une fusion de l'activité du HPMA et du Centre Hospitalier Emile Mayrisch - approbation.
 - 3.5. Pénurie d'eau: règlement d'urgence édicté par le collège des bourgmestre et échevins, déclenchant la phase « orange » au niveau communal - confirmation.
4. Personnel: changement de carrière de M. Oms Jean-Paul - décision.
5. Prévisions sociales
 - 5.1. Engagement de trois apprentis (m/f) dans le métier de l'employé de bureau de l'administration communale - décisions.
 - 5.2. Engagement d'un apprenti (m/f) dans le métier d'instructeur de natation dans les piscines communales - décision.
6. Urbanisation: projet d'aménagement particulier présenté par la société BAUMEISTER S.A. de Luxembourg, concernant le lotissement d'un terrain prévoyant la réalisation de huit maisons unifamiliales à Lamadelaine, rue des Prés - approbation provisoire.
7. Environnement
 - 7.1. Taille de haies sur le territoire de la commune, en hiver 2006/2007, par le Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA) - approbation des travaux, des plans et du devis.
 - 7.2. Restauration de vergers sur le territoire de la commune, par le Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA) - approbation des conventions avec les particuliers, des travaux, du devis et des plans.
8. Canalisations: assainissement du bassin inférieur de la Chiers à Rodange-Fonderie - approbation du mémoire explicatif, du devis actualisé et des plans afférents.
9. Enseignement musical
 - 9.1. Organisation scolaire provisoire pour l'année 2006/2007 - décision.
 - 9.2. Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour une classe de chant, degrés inférieur et moyen - décision.
 - 9.3. Convention, avec la ville de Differdange, en matière d'harmonisation des droits d'inscription supplémentaires pour non-résidents - approbation.
10. Affaires économiques: aménagement d'une zone d'activité économique régionale « Au Grand Bis » à Rodange – approbation du devis actualisé et des plans afférents.
11. Vie associative: octroi de subsides à des associations - décision.
12. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir sinn haut fir déi lescht Sëtzung virun der Sommervakanz zesummekomm. Mir hätte keng weider Kommunikatioun ze maachen, a géifen direkt zum nächste Punkt vun der Dagesuerdnung iwwergoen.

2.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel suppléant des écoles communales – ratification.

Ratification à l'unanimité.

2.2.

Enseignement.

Liste des catéchistes pour l'année scolaire 2006 / 2007 – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

An ären Ënnerlage fannt der eng Lëscht mat den Nimm vun deene Leit, déi bei eis an deem nächste Schouljoer solle Relioun halen. Déi Nimm hu mer vum Bistum matgedeelt kritt.

Jeannot Linden (LSAP) :

Ech ginn net eens bei den 'leçons hebdomadaires'. Wann ech déi verschidde Stonnen zesammenzielen, da stëmmt den Total vun de Stonne verschiddelech net iwwereneen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Menger Meenung no steet hannert den Nimm déi Stonnenzuel déi se kéinten halen, an op der anerer Säit steet d'Stonnenzuel déi se effektiv dat nächst Joer halen.

Approbation par 14 voix (CSV, LSAP, DP) et 1 abstention (Déi Gréng).

Romain Becker (Déi Gréng) :

Ech si mer bewosst, datt d'Gemeng verpflichtet ass, fir dat heiten ze stëmmen. Mir, als Gréng, sinn awer der Meenung, datt d'Relioun eng reng Privatsaach ass, an datt Relioun näischt an der Schoul verluer huet.

2.3.

Personnel enseignant.

Nomination conformément aux publications officielles – décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir kéimen dann zu engem gréisseren Punkt. Hei geet et drëm fir Posten am Enseignement, déi nach opstinn, ze bestetze fir datt d'Schoulorganisatioun 2006/2007 ka funktionéieren. Mir hunn och nach eng Kéier vun der Schoulministesch un d'Häerz geluegt kritt, datt mer sollen – wat d'Posten als Surnuméraire betreffen – mat deene Kontrakter virufueren déi mer schonn hunn. Dat hu mer och gemaach, an dir kennt gesinn, datt déi Kandidaturen déi virleien eis d'Méiglechkeet gi fir mat deene Leit virun ze fuere mat deene mer scho joerelaang geschaff hunn.

Dir wësst, datt mer nach 2 ganz Klassen opstoen hunn, en plus kommen nach all déi Stonnen dobäi vum Turnen, der Morale laïque, dem Remplaçant permanent, asw.

Votes secrets :

Chargés de direction (m/f) d'une classe de l'enseignement primaire :

Back Corinne, de Rodange, est nommée par 15 voix (1^{er} année primaire à Rodange).

Reitz Yolande, de Pétange, est nommée par 15 voix (3^{er} année primaire à Rodange).

Chargé de direction (m/f) d'une classe de l'enseignement spécial :

Schammo-Schmit Christiane, d'Oberkorn, et Entringer-Weiler Marguy, de Bettange/Mess, sont nommés par 15 voix.

Remplaçant permanent (classes précoces, préscolaires, primaires et spéciales) :

Ries Marianne, de Pétange, est nommée par 12 voix.

Chargés de cours (m/f) pour l'éducation physique :

Tomasini Laura, de Roedgen, est nommée par 12 voix.

Kugener Jacqueline, de Lamadelaine, est nommée par 14 voix.

Chargés de cours (m/f) pour une tâche à mi-temps :

Huberty-Sadler Alice, de Kleinbettingen, est nommée par 15 voix (1^{er} année primaire à Pétange)

Renard-Wanderscheid Colette, de Pétange, est nommée par 15 voix (1^{er} année primaire à Pétange).

Kayl-Wahner Monique, de Kahler, est nommée par 15 voix (2^{er} année primaire à Rodange).

Boreux Nicole, de Rodange, est nommée par 14 voix (6^{er} année primaire à Pétange)

Wangen-Hoeltgen Romaine, de Pétange, est nommée par 14 voix (2^{er} année primaire à Lamadelaine).

Poste de décharge diverses dans des classes préscolaires et primaires à Pétange (14 leçons) :

Mersch-Hoerold Pia, de Dippach, est nommée par 15 voix.

Poste de surnuméraire pour des classes de l'école 'Am Park' à Pétange (23 leçons) :

Roth-Reding Marie-Madeline, de Lamadelaine, est nommée par 14 voix.

Poste d'éducation morale et sociale pour des classes de l'école 'Am Park' à Pétange :

Bachim-Olinger Emilie, de Rodange, est nommée par 15 voix.

Poste d'éducation morale et sociale et de surnuméraire pour des classes des écoles 'An Eigent' à Pétange et Lamadelaine (18 leçons) :

Jakoby-Konz Eveline, de Bascharage, est nommée par 13 voix.

Poste d'éducation morale et sociale et de surnuméraire pour des classes des écoles 'Päsch' et 'Fonderie' à Rodange (21 leçons) :

Lippert-Bill Sonia, de Schouweiler, est nommée par 15 voix.

Poste d'éducation morale et sociale et de surnuméraire pour des classes des écoles de Lamadelaine et 'Neiwiss' à Rodange (19 leçons) :

Spitoni-Weydert Gaby, de Pétange, est nommée par 15 voix.

Poste d'éducation physique (22 leçons) :

Ruar-Santioni Carmen, de Lamadelaine, est nommée par 14 voix.

Poste d'éducation physique (21 leçons) :

Breser-Rota Marie-Ady, de Sanem, est nommée par 15 voix.

Poste d'éducation physique (20 leçons) :

Degano Claude, de Pétange, est nommé par 15 voix.

Postes pour une tâche à mi-temps, ayant comme mission d'effectuer le remplacement des enseignants :

Fournelle-Mersch Brigitte, de Rodange, et Steichen Micheline, de Bettange / Mess, sont nommées par 15 voix.

Poste de remplaçant du 2^{er} intervenant au précoce à Rodange :

Glod-Brosius Marianne, de Bascharage, est nommée par 15 voix.

Postes pour le service d'aide aux devoirs à domicile :

Bausch-Theisen Romy, de Pétange, Broy-Marchetti Marcelle, de Pétange, Frizzarin-Bernard Malou, de Pétange, Glod-Brosius Marianne, de Bascharage, Grober-Urwald Viviane, de Pétange, Klapp-Lantz Viviane, de Pétange, Laurent-Blum Brunhilde, d'Arlon, Melone Patrick, de Schifflange, Steichen Micheline, de Bettange/Mess et Thomas-Pletgen Marie-Marthe, de Pétange, sont nommés par 15 voix.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Domatten hätte mer all eis Posten an de Schoule besat, esou datt mer ouni Weideres kënnen déi nei Schoulorganisatioun 2006/2007 ugoen, an dat gréisstendeels mat deene selwechte Leit, déi schonns an der Vergaangeneheet zur vollster Zefriddenheet hei Schoul gehalen hunn.

3.1.

Administration générale.

Commissions consultatives du conseil communal (commission du 3^e âge et commission de la jeunesse): démission d'office d'un membre.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass esou, datt ee Member aus der Jugendkommissioun, respektiv der Kommissioun vum Drëttan Alter – den Här Feiereisen Laurent – sech an déi Kommissioun gemellt hat als Member, dee kenger politescher Gruppéierung ugehéiert. Hien ass awer elo enger politescher Partei bäigetrueden, an ass deemno 'd'office démissionnaire' an deenen 2 Kommissiounen.

Guy Brecht (LSAP) :

Gëtt déi fräi Plaz an de Kommissiounen elo nei ausgeschriwwen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Nee. D'Leit sech konnte melle fir als Net-Member vun enger Partei an de Kommissiounen deelzehuelen. Et si weider keng Leit méi do déi sech gemellt haten, esou datt ee wuel kaum kann dovunner ausgoen, datt sech nach een anere géif mellen.

Il en est pris acte.

3.2.

Administration générale.

Constitution du nouveau comité du Syndicat Intercommunal des

Villes et Communes Luxembourgeoises (SYVICOL) : désignation d'un candidat (m/f) – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dir wësst, datt duerch en 'Arrêté grand-ducal' vum 10. Juli 2006 den neie Comité vum Syvicol aneschters konzipéiert ass. Déi nei Statute gesi vir, datt elo 18 Memberen am Comité sinn. Et ass e relativ komplexen Dossier vu datt déi eenzel Gemengen zesumme mussen déi Membere wielen. Mir, als Pétenger Gemeng, gehéieren zum Grupp 2.1., datt ass dee Grupp, wou och Kënzeg, Déifferdang a Käerjeng mat dran ass. Dëse Grupp huet ee Member zegutt. Dëse Member gëtt eng Kéier an enger gemeinsamer Sëtzung – déi Enn September uganks Oktober ass – gestëmmt, an déi Sëtzung gëtt vum Distriktskommissär gefouert. Den Distriktskommissär huet eis och gesot, datt mer eis als Gemengerot bis de 15. September musse festleeën, op mer ee Kandidat an eise Reien hunn, op mer e Kandidat aus enger anerer Gemeng ënnerstëtzen, oder op mer eis guer net an deem Dossier wëlle festleeën.

Ech hu meng Kandidatur gestallt, fir déi 4 Gemengen am Syvicol wëllen ze verrieden.

Jeannot Linden (LSAP) :

Déi aner Gemengen hu jo och d'Recht, fir ee Kandidat ze proposéieren. Ass et esou, datt vun all deene Kandidaten dann an der gemeinsamer Sëtzung, déi vum Distriktskommissär gefouert gëtt, ee Member gewielt gëtt ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Dat ass richteg.

Vote secret : les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

3.3.

Administration générale.

Syndicat des Tramways Intercommunaux dans le Canton d'Esch (TICE) : nouveaux statuts – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De Comité vum TICE huet den 30. Juni 2006 déi nei Statuten aktéiert. Den TICE huet eis dann den 10. Juli 2006 an engem Brëif matgedeelt, datt déi Statuten eestëmme vum Comité ugeholl gi sinn, a si proposéieren dem Pétenger Gemengerot fir déi Statuten dann och unzehuelen.

Accord à l'unanimité.

3.4.

Administration générale.

Convention entre l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg et le Syndicat de l'Hôpital Intercommunal de Differdange - Pétange - Bascharage en vue d'une fusion de l'activité de l'HPMA et du Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM) – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Hei geet et drëm, fir déi laang ugekënnegt Konventioun tëscht dem Stat an dem HPMA ze approvéieren, an dat am Hibleck vun enger Fusioun vum HPMA mam CHEM. Mir hunn am Comité déi Konventioun zesumme mam Stat ausgeschafft. Déi Konventioun gouf och den 3. Juli 2006 am Comité guttgeheescht. Et ass och esou virgesinn, datt all d'Gemengeréit sech zu der Konventioun an der Fusioun ausschwätzen. Dat ass eng Konditioun, déi de Stat gefrot huet, well de Stat sech op der anerer Säit och engagéiert, fir déi Perte, déi iwwert de 'capital social' vum HPMA – dee fir de Moment bei 11,23 Milliounen läit – ze decken. D'Konditioun heifir ass, datt eng Fusioun tëscht dem HPMA an dem CHEM muss bis den 1. Juli 2007 stattfonnt hunn. Wann d'Fusioun net sollt bis dohinner iwwert d'Bühn gaange sinn, datt gëtt déi Konventioun hei ëm ee Joer verlängert. Wann déi Konventioun ënnerschriwwen ass, dann hu mer als Gemeng kee weideren Apport méi ze droen, ausser deenen 11,23 Milliounen déi mer als 'capital social' nach am HPMA hunn.

Ech erënneren drun, datt mer an deene leschte 15 Joer ronn 21 Milliounen Euro als Gemeng Péteng an den HPMA investéiert hunn. Engersäits waren dat eng Réduction en capital, wou d'Kapital ëm net grad 10 Milliounen reduzéiert gouf, an anerersäits waren dat Apporten, déi mer 2001/2003 gemaach hunn, an déi aus der Gemengekees getätégt goufen. Dat waren och nach eng Kéier ronn 12 Milliounen Euro.

Eng vun deene Konditiounen, déi de Stat awer och stellt ass, datt de Budget vun 2007 am Equiliber muss sinn. Dat ass eng Aarbecht, déi net esou einfach ass. Mir hunn am Budget 2006 e gréisseren Effort gemaach wat d'« partie variable » ubelaangt. Et ass dat och déi Partie, déi am einfachsten ass, an am séiersten ze réaliséiere war. Et war wuel net einfach, mä ëmmer nach méi einfach wéi bei der « partie fixe », wou et ëm d'Gehälter

an d'Peie gaangen ass, a wou et duerch verschidde Prozeduren, déi een anhale muss, méi schwéier ass fir en Equiliber hierzestellen tëscht deem, wat mer vun de Krankekeese kréien an deem, wat mer effektiv bezuelen. Do läit den Déséquilibre am Budget 2006 nach bei 1,5 bis 1,6 Milliounen Euro, an do mussen déi eenzel Aarbechtskontrakter elo duerchgekuckt ginn, fir ze kucke wou mer net conforme mam Kollektivvertrag sinn a wou d'Kontrakter mussen ugepasst ginn. A wann ee weess, wéi schwéierfälleg déi Prozedure sinn, da weess een och wéi schwierig déi Aarbecht ass. Déi Aarbechte sinn voll am gaangen, an ab September sollen d'Verhandlungen an deem Beräich ulafen. Well mer mussen fir de Budget 2007 op en équilibréierte Budget kommen. Dat ass an der Konventioun virgesinn, an dat ass fir mech och eng Konditioun fir kënnen eng Fusioun mat dem CHEM unzegoen. Well ech ka mer net virstellen, datt – wa mer esou am Déséquilibre si wéi an deene leschte Joeren - de CHEM gewëllt ass an d'Fusioun mat eran ze goen.

Dat sinn am Fong d'Konditiounen. Positiv ass, datt de Stat sech engagéiert fir den Defizit, deen iwwert déi 11,23 Milliounen Euro erausgeet, ze iwwerhuelen, esou datt mer keng Sue méi aus der Gemengekeese brauchen an den HPMA fléissen ze loosse. Dat ass och wichteg well eis Finanzsituatioun eis dat net méi erlaabt. D'Budgete ginn ëmmer méi enk, an dat gëllt net nëmme fir eis, mä och fir déi aner Gemengen.

D'Konventioun mam Stat ass eng gutt Saach; eng Saach déi den HPMA sécherlech nach virun Aufgabe stellt. De Stat huet wierklech Konditiounen gestallt, an et muss elo gekuckt gi fir déi Konditiounen ze respektéieren. Op der anerer Säit huet de Stat awer och Engagementer geholl, an déi Engagementer sinn awer substantiell, esou datt mer awer kënnen e bësse méi roueg déi Saach mam HPMA ugoen, an och vun der Gemeng aus déi Saach méi berouegt kënnen ugoen.

Norbert Pierre (LSAP) :

Ech wollt just froen, op d'Gemengen Eigentëmer vun den Immobilie bleiwen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et ass ganz kloer, datt dat mat an d'Fusioun erageet. Et ass awer och esou, datt an der Fusioun déi eenzel Gemengen och e Verrieder an och e Matsproocherecht kréien. Et muss een och soen, datt, wa mer déi 'réduction de capital' gemaach hunn, eigentlech näischt méi do ass.

Romain Rosenfeld (CSV) :

Och wann d'Konventioun eng gutt Saach ass, esou bleiwen nach ganz vill Froen opstoen, an et bleift och nach ganz vill Aarbecht. Wann ech nëmme déi ganz Diskussiounen iwwert d'Gehälter an d'Peien huelen, wou verschidde Leit an hirer Carrière ageschränkt ginn oder op Acquisse mussen verzichten, da gëtt dat keng einfach Saach. Et sinn dat ronn 1,5 Milliounen Iwwerschoss tëscht deem, wat d'Krankekeese ginn an deem wat bezuelt gëtt.

Op där anerer Säit ass et gutt, datt e Stat sech engagéiert huet, a forcéiert, fir de Budget an den Equiliber ze setzen.

Positiv ass och, datt mer am Kordall dëst Spidol behalen, an datt d'Belaaschtung fir d'Gemeng net esou héich ausfällt. Dat hei ass wuel en Ufank, mä et ass nach net grad alles. Et sinn nach eng ganz Rei Virwëtztuten do, déi opgemaach mussen ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech ginn lech komplett Recht, datt dat, wat elo nach an deenen nächste Wochen a Méint kënnt, net einfach gëtt. Mä wann déi Konditiounen net an der Konventioun géifen drastoen, esou wier et fir mech awer en absolute 'Must' fir déi Konditiounen awer ze erfëllen. Well ech ka mer kaum virstellen, datt een an eng Fusioun erageet wou Diskrepanzen an de Salairen, déi bezuelt ginn, bestinn. Dat wier ganz schlecht fir de soziale Fridde vun der neier 'Spidolseenheet', wou verschidde Leit zesummekommen. Well do mussen déi selwecht Kriterien gëlle fir jiddereen.

Et ass och dee selwechte Kollektivvertrag, dee beim HPMA a beim CHEM ugewannt gëtt, an deemno miisst och d'selwecht bezuelt ginn. A wa mer sollten am HPMA Fäll hunn, déi net conforme zum Kollektivvertrag sinn, da mussen déi regulariséiert ginn.

Och bei de 'Frais variables' gi ganz grouss Efforten – esouwuel vun der Direktioun wéi och vun den Dokteren – gemaach fir en Equiliber am Budget hirzestellen an och ze halen. Et muss een awer och soen, datt an enger Rei Domainen – wéi zum Beispill d'Chemotherapie – et net einfach ass fir en Equiliber ze halen, well d'Krankekeesen eis net déi Zomme ginn déi gebraucht ginn. Do mussen nach mat de Krankekeese Verhandlungen gefouert ginn, well et kann net sinn, datt mir am HPMA Traitement maachen déi X Euro kaschten, a wou mer et och kënnen beweisen datt se effektiv esou vill kaschten, a wou d'Krankekeesen awer

nëmme e gewëssene Prozentsaz droen.

Guy Brecht (LSAP) :

Ech wollt nach kuerz eppes zu dësem Punkt soen. Ech mengen, dee laangwierigen Dossier, iwwer dee vill diskutéiert a geschriwwen ass, fëntt elo endlech e gutt, oder ënnert Parenthèses e «schlecht» Enn. Ech weess net wéi ech et soll ausdrécken. Mir sinn awer op jiddefalls nach ëmmer der Meenung, datt – an ech wëll domatter keng Polemik maachen – déi Leit, déi ugetruede ware fir alles besser ze maachen a fir alles an den Equiliber ze kréie fir dat Spidol ze retten, weiderhin a hirer Missioun échouéiert hunn. Et huet awer kee Wäert fir weider vill doriwuer ze diskutéieren. Dat hei ass déi beschte Léisung, an et geet eis jo och ëm d'Saach; et geet eis ëm d'Gesondheetsversuergung am Kordall; et geet eis ëm d'Leit, an dofir ass déi Fusioun wierklech dat Bescht wat mer kënnen maachen.

Ech hätt awer elo nach eng Fro, an zwar, wann et zu der Fusioun géif kommen, wat geschitt da mam administrative Personal aus dem HPMA? Vun Escher Säit war am Ufank gesot ginn – ech weess net op dat elo eng Rumeur war oder net - , datt déi Escher kee vum administrative Personal aus dem HPMA wëilten, well et jo si waren, déi anscheinend déi ganz Saach verursaacht hätten. Wéi steet et domatten ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech kann dat, wat Dir do sot, net novollzéien, well déi Informatioun ass nei fir mech. Ech weess awer, datt dat Volete si vun de Fusiounsgesprécher, an et sinn Aarbechtsgruppen, déi um Niveau vum Personal zesummeschaffen. Ech ka mer awer kaum virstellen, datt all déi, déi an der Administratioun schaffen, net méi gebraucht ginn, esou datt ech unhuelen, an ech ginn och dovunner aus, datt déi Leit aus dem HPMA am Kader vun der Fusioun iwwerholl ginn. Ech ka mer net virstellen, datt déi Leit sollten op der Strooss landen. Well soss miisst jo aner Leit engagéiert gi fir déi Aarbechten ze maachen. Well d'Aarbecht gëtt jo awer net manner, well wat ee méi Leit beschäftigt huet, wat een och méi e grouse Personalbüro brauch a wat d'Administratioun och méi grouss muss sinn. Et ass jo och esou, datt an enger éischer Phas déi zwee Haiser nach zum Deel isoléiert solle schaffe bis déi eenzel Synergie stattfonnt hunn. An dat geet net vun haut op muer. An et dierft nach eng länger Zäit vergoen, bis d'Fusioun definitiv ofgeschloss ass. An där Zäit

hu mer natierlech Leit, déi a Pensioun ginn, an et ka sinn, datt bei deene Fäll Restrukturatiounen oder Changementer a Fro kommen. Datt awer vu virera gesot gëtt, datt den CHEM keen administrativt Personal vum HPMA wëll iwwerhuelen, ass mir bis elo nach net zu Ouere komm.

Roland Breyer, Schäffen :

Et ass jo och esou, datt et ee Gesetz gëtt, datt Fusiounen reglementéiert. An an deem Gesetz steet och dran, datt während enger gewëssen Zäit – ech mengen et si 5 Joer – keng Entloossungen därefer kommen.

Lily Gansen (LSAP) :

Ech kann déi Fusioun nëmme begrëssen. An der Vergaangenheet hu mer, esou wéi den Här Brecht et scho gesot huet, vill diskutéiert, an dat och muenchmol op eng ganz onsanft Aart a Weis. Ech sinn och weiderhin der Meenung, datt d'Gesondheet vun de Bierger enger Gemeng keen Cent ze deier därefer sinn. Eng Erkenntnis bleift awer, an déi ass, datt keen därefer mengen, datt d'Politiker alles kënnen, an dat egal vu wäfir enger Faarf een ass. Weder déi eng nach déi aner hu réusséiert. Ech wëll mech och net festleeën wien dann elo Recht hat oder net. Et ass ee vill ze komplexen Dossier, mat villen Imprévuen an neie Gesetzer déi komm sinn. Dofir solle mer an Zukunft den Experten dat iwwerloossen fir sech drëm ze këmmen. Domatter erspuere mer eis alleguerte vill Misère.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Do ginn ech lech vollkommene Recht.

Approbation à l'unanimité.

3.5.

Administration générale.

Pénurie d'eau: règlement d'urgence édicté par le collège des bourgmestre et échevins, déclenchant la phase 'orange' au niveau communal – confirmation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

De Schäfferot huet op Urode vum Inneminister a vun eisem Waassersyndikat a senger Sëtzung vum 19. Juli 2006 decidéiert, fir d'Phase orange auszeruffen, an dat am Kontext vun der Waasserknappheet. Mir hunn effektiv festgestallt, datt d'Waasser ëmmer méi knapp gëtt, an op Grond vun der Dréschent, déi elo schonn e puer Méint unhält, hu mer hei an der Gemeng verschidde Mesurë geholl. Esou ass et zum Beispill verbuede fir Autoen ze

wäschen, mat Ausnam vun den offizielle Wäschanlagen. Dobäi kënn och, datt et verbuede ass Trëttoiren, Garagen an Häff ze wäschen, et ass verbuede fir privat Schwämmen opzefüllen, mam Héichdruckenger ze schaffen, Sprangbuere goen ze loossen déi kee 'circuit fermé' hunn. Dës Mesurë sollen dozou bäidroen, datt onnéideg Waasser verbraucht gëtt, an datt mer mussen zu der 'phase rouge' iwwergoen, an därefer et notament och verbuede wier fir mam Schlauch ze netzen.

Et geet elo drëm fir hei am Gemengerot dës 'règlement d'urgence' ze confirmeren.

Romain Becker (Déi Gréng) :

Ech wollt de Schäfferot froen, op scho Leit, déi géint dës Reglement verstouss hunn, protokolléiert gi sinn ?

Eng zweet Saach ass déi, datt ganz vill Leit net zefridde si mat der Manéier wéi et leeft. Et si Leit, déi mir gesot hunn, datt se de Gaart just nach a kleng Quantitéiten netzen, an datt awer op de Fußballterrainen de Spreckler vun der Gemeng weiderhi vu mueres bis owes leeft. Si gesinn, datt op eenzelnen Inseln hei zu Péteng d'Blummebeeter mat engem Spreckler während e puer Stonnen den Dag genat ginn. Dat féiert natierlech dozou, datt d'Leit enorm onzefridde ginn, an datt si soen, se géifen als Privatleit mam gudden Beispill virgoen, an datt d'Gemeng dat sollt dann och maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wat d'Netze vun den Terrainen ugeet, esou hat ech jo gesot, datt fir de Moment net verbuede ass fir mam Schlauch säi Gaart ze netzen. Dee Verbuet kënn eréischt mat der 'phase rouge'. Aus där Ursach hunn och eis Gemengebetriber dës nach eng Zäitche gemaach. Mir hunn awer ganz kloer Instruktiounen un eis Servicer erausginn, datt vun elo un eis Anlagen net méi sollen all Dag genat ginn, mä nëmme all drëtten Dag, an dat obschonn et fir de Moment nach erlaabt wier. Well ech ginn lech Recht, datt d'Gemeng mam gudden Beispill soll virgoen. Et huet just e puer Deeg gebraucht, bis mer déi Instruktiounen ëmgesat kruten. Fir verschidde Saache gi mer esouguer an de Buer Waasser siche fir kënnen ze netzen.

Wat elo d'Protokolléieren betrëfft, esou hunn ech indirekt héieren, datt d'Police eng Persoun protokolléiert hätt, déi den Trëttoir gewäsch hätt. Ech hunn awer heizou keng offiziell Confirmatioun vun der Police.

Romain Becker (Déi Gréng) :

Dozou wëll ech awer och soen, datt eng Gemeng net onbedéngt miisst waarde

bis eng 'phase orange' oder 'rouge' ausgeruff gëtt fir Waasser ze spueren. Den Inneminister huet och gëschter gesot, datt d'Gemeng solle versiche fir lues a lues en zweet Standbeen parallel zum Sebes-Waasser ze organisieren. Wéi soll datt hei an der Gemeng Péteng geschéien ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Wann en zweet Standbeen zu der Sebes sollt gemaach ginn, da gëtt dat sécherlech net vun enger Pétenger Gemeng organiséiert. Dat gëtt éischter vum Syndikat gemaach. Do ass éischter SES gefuerdert fir ze kucken wäfir Méiglechkeeten et do ginn. Dat mécht een och sécherlech net vun haut op muer, mä dat muss iwwer Joeren organiséiert ginn. Ech ka mer virstellen, datt op Grond vun der Situatioun, déi mer elo erlieft hunn, a wou mer och schonn dat lescht a virlescht Joer Problemer haten, mer mussen nodenke wat mer an Zukunft kënnen maache fir de Waasserkonsum ze garantieren.

Et geet och net duer, an do ginn ech lech Recht, fir de Waasserverbrauch elo an der 'phase orange' erofzesetzen, mä et muss een dat präventiv an de Wanterméint maachen an och do scho spueren. Da kënn een eventuell manner schnell an eng Situatioun wéi se elo virläit.

Ech géif och mengen, dat dat heiten eng éischt Virsichtsmaassnam ass, an et ass gutt, datt een elo scho reagiert. Et muss een awer och nodenken a kucken, wat een an Zukunft 'en règle générale' ka maache fir de Waasserkonsum erofzesetzen.

Camille Bosseler (CSV) :

D'Waasser ass eppes Kostbares, a mer mussen eis iwwerleeën fir an déi Richtung ze goe fir d'Reewaasser opzefänken. An dat net nëmme am Privaten, mä och bei der Gemeng. Et si scho verschidde Syndikater, déi op dee Wee gaange sinn, an déi domatten zum Beispill hir Grénganlage netzen. Zu Rodange gi mer jo op dee Wee, datt mer – bei där neier Sportshal – d'Reewaasser opfänken.

Och beim SES, wou ech als Vertrieeder vun der Gemeng dra sinn, si se am gaange Lännerreien opzekafen, op deene Quelle sinn, fir datt se déi kënnen erschléissen. Well op laang Siicht – wann nach weider esou Dréschente kommen – kann et mat den Dréckwaasserreserven net méi duergoen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Ech ginn lech vollkommene Recht, an d'SES ass och elo e bësse gefuerdert fir en zweet Standbeen ze schafen. Op

der anerer Säit si mir och als Gemeng gefuerdert fir eis Gedanken ze maache wat um Niveau vun der Gemeng ka gemaach gi fir Waasser ze spueren.

Camille Bosseler (CSV) :

Et hätt och scho kéinte fréier dru geduecht gi fir déi verschidde Quellen, déi mer hei an der Gemeng hunn, unzezapen, an déi an en Opfangbecken ze leeden, fir esou Enkpäss ze iwwerbrécken.

Victor Filafarro (LSAP) :

Meng Fro war och méi oder wéineger déi selwecht wéi déi vum Här Becker.

Ech wollt awer nach froen, well et verbueden ass Privat-Schwämmen ze féllen, op dat och fir déi kleng Schwämme vun 100 oder 200 Liter géllt, an deene kleng Kanner kënnen puddelen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Et si Bestëmmungen, déi vum Innenminister kommen, an déi gëlle fir jiddereen, egal wéi grouss d'Schwämm ass. Ech proposéieren awer deene Leit, si solle mat hire Kanner an déi schéi Rodanger Schwämm kommen. Esou brauchen se hir Schwämmen doheem net opzefüllen.

Guy Brecht (LSAP) :

Ech wollt just nach froen, op watfir Manéier d'Leit vun dësem Reglement an d'Bild gesat si ginn ? Well et dierf een net vergiessen, datt mer en héijen Undeel vun auslännesche Matbierger hei an der Gemeng hunn, déi weder den Info-Canal kucken, nach eng Zeitung hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter :

Mir hunn et offiziell an d'Zeitunge gesat. D'Reglement gouf och am Reider an eisen offizielle 'boîtes d'affichage' ausgehaangen – wat deen offiziellen Aushang vun der Gemeng ass – an et gouf um Info-Canal an dem Internet publizéiert.

Guy Brecht (LSAP) :

Soss droe mer fir alles en Ziedel an d'Bréifkëschten, an et hätt een dat och kéinten an dësem Fall maachen.

Confirmation à l'unanimité.

4.

Personnel.

Changement de carrière de M. Oms Jean-Paul – décision.

Vote secret : les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

5.1.1.

Prévisions sociales.

Engagement d'un apprenti (m/f) dans le métier de l'employé de bureau au service « office des citoyens » de l'administration communale.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et drëm fir Apprentie fir ee Joer anzustellen. Deen éischte Kandidat soll an de Biergerzenter kommen.

Vote secret : Michel Atten a été nommé à l'unanimité pour le poste d'apprenti au service 'Office des citoyens'.

5.1.2.

Prévisions sociales.

Engagement d'un apprenti (m/f) dans le métier de l'employé de bureau au « service scolaire » de l'administration communale.

Vote secret : Micael Da Cunha a été nommé à l'unanimité pour le poste d'apprenti au 'Département scolaire'.

5.1.3.

Prévisions sociales.

Engagement d'un apprenti (m/f) dans le métier de l'employé de bureau au service « ressources humaines » de l'administration communale.

Vote secret : Tamara Justen a été nommée à l'unanimité pour le poste d'apprentie au 'Département des ressources humaines'.

5.2.

Prévisions sociales.

Engagement d'un apprenti (m/f) dans le métier de l'instructeur de natation au service des piscines de l'administration communale.

Vote secret : Eric Kauth a été nommé à l'unanimité pour le poste d'apprenti au service des piscines de l'administration communale.

6.

Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier concernant le lotissement d'un terrain prévoyant la réalisation

de 8 maisons unifamiliales à Lamadelaine, rue des Prés, présenté par le bureau d'études T.R. Engineering de Luxembourg pour le compte de Baumeister Haus Luxembourg S.A. de Munsbach - approbation provisoire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et drëm fir 8 Eefamiljenhaiser zu Rolleng ze schafen an der rue des Prés, Eck rue du Vieux Moulin. Déi 8 Haiser solle gebaut ginn op engem Terrain, deen eng Gréisst vun 32,43 Ar huet. Opgronn vun dem PAP wäerte mer 25% - dat si 6,38 Ar - vun dem Lotisseur iwwerhuele fir eng 'aire de repos' oder eng Spillplaz anzerichten. Der hutt d'Pläng an ärem Dossier fonnt. Mer haten eng Rei vu Virschléi krut, sief dat vun der 'Commission d'aménagement', vun eiser Umweltkommissioun oder och vun eiser Bautekommissioun. Eppes, wat si ëmmer gefrot hunn ass eng „étude hydrogéologique“. Et ass och nach gesot ginn, datt mer eis Terrainen esou miisste réalisieren, datt se rechteckeg wieren. De Schäfferot huet och virgeschloen, dem Promoteur dat och ze recommandieren opgronn vun engem Avis vum Innenministère vum 15. Juni 2006. Se hunn och proposéiert fir eventuell den Terrain ze reklassieren an eng „zone de moyenne densité“ fir kënnen méi do ze bauen. Do proposéiert de Schäfferot, dat awer net ze maache well mer awer lénks a riets dovunner nach Haiser hunn, déi relativ niddereg sinn an et schlecht wier, do op där Plaz héich Haiser ze bauen. Alles an allem hu mer haut ee Vote ze huelen, dat ass de PAP provisoersch ze stëmmen. Dee gëtt jo ausgehaangen, d'Leit kënnen och reklamieren. An duerno komme mer nach eng Kéier mat der Konventioun a mat der definitiver Approbatioun hei an de Gemengerot. Dat ass fir mech e flotte Projet fir déi Plaz well déi Wiss och scho laang eidel steet. An et wäert sech och gutt do wunne loossen.

Lily Gansen (LSAP):

Här Buergermeeschter, der wësst, datt ech e ferventen Unhänger si vu Spillplazen. Mee wou déi do hinner soll kommen, dat schéngt mer awer keng gutt Plaz ze si wann ech richtig leien. Et ass jo an der rue des Prés an do ass vill Verkéier. A mer hunn der direkt do hannendrun. Ech hu meng Bedenke wéinst der Lag, net wéinst der Spillplaz.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also fir eech ze soen, mer hunn hei stoen „aire de repos/aire de jeux“.

Genee déi Bemierkung, déi dir gemaach hutt, ass eis och duerch de Kapp gaangen. Wa mer dat iwverhuelen, da maache mer éischer eng „aire de repos“ dohinner, eng Gréngfläch. Vläch kann een dee Busarrêt e bësse besser ëmginn. Awer et kënt keng Spillplaz dohinner.

Lily Gansen (LSAP):

Vläch kann een déi jo mat Hecken ëmginn. Well eng Spillplaz schéngt mer do net gutt. Wéi gesot, et ass vill Verkéier do a wann d'Kanner lafen, dat ass geféierlech. A mer hu jo an der Millestrooss Spillplazen. Da louch ech jo awer do richteg.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt just froen ob et méiglech ass hannen en Échange ze maache mat der CFL. Déi Proposition ass jo och vum Inneministère koum. Da gesäit dat sech och ganz anescht un. Et ass jo esou eng kleng Zeechnung hei derbäi, déi weist, wéi si dat virschloen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Promoteur huet Récksprouch mat der CFL geholl. De Problem läit awer doran, datt d'CFL net averstanen ass fir deen Terrain ofzeginn. Mår hunn eis iwverluecht, wéi mer këinten de Promoteur stoppen an him déi Konditioun do stelle well jo op sengem Terrain ka gebaut ginn. Mer hunn him dat och virgeschloen. Wéi et schéngt sinn do och Gesprécher gelaf, mee se sinn net zu engem Schluss komm.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn dat Ganzt och duerchgekuckt an duerchgelies. Et gi jo och Buerunge gemaach fir no der Fichtegkeet, no der Nätzt ze kucken an och wéi dee ganze Buedem beschaf ass. Well uewen dat Haus Schmitt – dat hat jo Réss kritt - konnt jo net méi bewunnt gi well de Bierg gerétscht ass. Dovunner hunn ech zwar näischt fonnt. Mee baut deen hannen eng Stützmauer oder wat mécht en do? Wat geschitt duerno mat deenen Haiser wann de Bierg sollt eng Kéier rétschen? Dat ass awer eng Saach, op déi ech eech als Schäfferot wëll opmierksam maachen. De Projet u sech fannen ech ganz gutt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dofir huet jo och d'Bautekommissioun scho gesot „qu'une étude hydrologique devra examiner s'il n'y a pas nécessité de prévoir des cuves étanches pour les maisons projetées sur les lots 7 à 9“.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat ass fir ganz ënne gemengt. Hei geet et jo awer ëm den Hiwwel. Well rétscht dee Bierg net wann, zëmol wéi

elo, de Waasserspiegel och nach erofgeet?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Kader vun der Baugenehmegung muss mer déi Saachen op jiddwer Fall nach eng Kéier analyséieren. Mer ginn dat och virun un d'Bautekommissioun.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wëll just ze bedenke ginn op där Plaz, datt bei déckem Reen Problemer do waren an e Réckschlag do gétt vun all deem, wat do erofkënt a méi oder wéineger an d'Haiser eranzitt. Do misst eventuell och no dem Kanal gekuckt gi fir datt alles fortleeft. Well do kënt jo alles vum Fussballsterrain fir an d'Eechelsbaach. Déi leeft jo laanscht d'Haiser an da geet dat viru bis op d'Lëtzebuerger Strooss. Do ass en décke Kanal, deen do erofgeet. Et ass nei gemaach ginn, ech weess dat. Mee do ass nach e Réckstau. Do si Leit, déi nees Waasser kritt hunn. Et geet net séier genuch fort. Dofir, wann elo nach Haiser bäikommen, da muss gekuckt, ginn, datt et zirkuléiert.

Roland Breyer, Schäffen:

Sidd der sécher, datt de Moment nach e Réckstau do ass? Et därerf een natierlech net op déi Kéier kucken, wou all Mënsch Waasser hat a wat aussergewéinlech war. Wann et nëmme eng Kéier geschitt ass, da schwätze mer net driwwer.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass schonn zweemol virkomm. Wat d'Spillplaz ubelaangt, esou sinn ech darselwechter Meinung wéi d'Madame Gansen. Ech géif dat do ënnerloosse well et eng geféierlech Plaz ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer kënnen dat do jo nokucken an eise technesch Service dat weiderginn. Wat d'Spillplaz ugeet, dofir steet jo schonn do „aire de repos/aire de jeux“. Et tendéiert och derzou, éischer eng „aire de repos“ ze maachen. Se gétt och relativ kleng. Mee well jo d'Gemeng 25% kritt vum Terrain hu mer gemengt, dat méi flott bei dem Busarrêt anzerichten. Op jiddwer Fall aktéiere mer et, datt de Gemengerot et net gär gesäit, datt do eng Spillplaz soll gemaach ginn.

Approbation provisoire accordée à l'unanimité.

7.1.

Environnement.

Taille de haies sur le territoire de la commune, en hiver 2006/2007,

par le Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA) – approbation des travaux, des plans et du devis.

Gilbert Welter, Schäffen:

Der hutt vläch am Laf vun deene leschte Méint gemierkt, datt eng net fachmännesch Equipe vum 'Train 1900' et fäerdegbruecht huet, fir eng ganz Rei vun Hecken a Beem ofzehaken. An dat mat dem Argument, datt een da besser gesäit, wann ee mam 'Train 1900' fiert. Mer hunn dorophon an enger Reunioun mat deene Verantwortleche vum 'Train 1900', mam Fierschter a mat der Sicona e Versprieche kritt, datt dat net méi virkënt. Mer sinn och der Meinung gewiescht – a mer hunn dat och gesot -, datt een do Fachleit soll eruloossen. An darselwechte Reunioun hu mer mat der Sicona e Programm fir de Wanter opgestallt fir eis Hecken op dem Gemengegebitt ze schneiden. Esou wéi dat d'lescht Joer zu Rolleng war, ass et des Kéier 2006/2007 zu Péteng virgesinn. An zwar een Deel an der Géigend vum Scoutschalet iwver d'Eucosider ewech. An deen aneren Deel vum Arendsbaauer iwver Jenken bis zum Hondsterrain. Den Ënnerhalt vun den Hecke geschitt nëmme dann, wann eng Konventioun mat de Propriétaires ënnerschriwwen gouf. 50% kréie mer vum Ëmweltministère subventionéiert. Fir des Aarbechten hu mer en Devis iwver 19.989,45 Euro virleien. A mer hunn e Kredit vu 35.000 Euro zur Verfügung. Mer froen eech d'Erlaabis fir des Aarbechten ausféieren ze loossen a fir den Devis an och d'Pläng vun den Aarbechten ze akzeptéieren.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wëll just kloerstellen, datt, wann d'Opstellung fir d'Aarbechte kënt, déi och bis de 15. November dobanne muss sinn. Esou, datt si bei der Sicona besser organiséiere kënnen an e Plang opstelle fir dat Joer duerno. Well et si vill Sektionen do an et sollen der nach derbäikommen. Well et kann net sinn, datt si een Dag ganz hei ënne setzen an deen aneren Dag mussen alles anerwäerts transportéieren.

Approbation à l'unanimité 14 voix, M. Pierre ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.2.

Environnement.

Restauration de vergers sur le territoire de la commune par le Syndicat Intercommunal de

l'Ouest pour la conservation de la Nature (SICONA) : approbation des travaux, des devis, des plans et des conventions avec des particuliers.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer hunn eng Rei Ursaache fir eis Bongerten an der Gemeng ze erhalen. D'Beem si fir d'Déieren e wichtegt Element. Bongerte gëtt et ëmmer manner an de Stat subventionéiert esou Aktiounen mat 50%. Am Kader vum „plan vert“ vun eisere Gemeng fir eis Naturlandschaft ze erhalen hu mer fir den Ënnerhalt an d'Schneide vun deene héije Beem zwou Konventiounen ënnerschriwwen. Eng mat dem Här René Baltes aus der Lëtzebuenger Strooss zu Rolleng. Déi ass den 12. Juli ënnerschriwwen ginn. Sâi Bongert läit op enger Plaz genannt 'Stecken'. Et si 25 Beem, déi solle geschnidde ginn. 17 nei Beem sollen dertëscht ugeplanz ginn.

Eng zweet Konventioun ass och den 12. Juli mam Här Pierre Tockert aus der Providence Strooss zu Rolleng ënnerschriwwen ginn. Sâi Bongert läit op enger Plaz genannt 'Auf dem Rothreis'. Dat si 47 Beem, déi musse geschnidde ginn. Et ginn och nach 20 nei Beem geplanzt.

Déi Bongerte leien, wann een an der rue du Vieux Moulin riichtaus kuckt, e bësse lénks. Mer hunn 2 Devise vun der Sicona fir dës Aarbechte kritt. Ee vu 6.885,90 Euro an ee vu 16.422,40 Euro. Am Total gëtt dat 23.308,30 Euro. Den Devis iwwer 6.885,90 Euro bezitt sech op d'Aarbechten, déi dëst Joer solle gemaach an och a Rechnung gestallt ginn. De Rescht gëtt am Joer 2007 realiséiert. Fir dat alles realiséieren ze kënnen brauche mer ären Accord fir d'Aarbechten duerchzéien ze kënnen. Mer bräichten eech och fir déi 2 Devise guttzeheeschen an d'Konventiounen unzehuelen.

Roger Klein (LSAP):

Ech kann dem Här Welter seng Argumenter novollzéien. Am Prinzip ass näischt dogéint ze soen. Ech hat mer just eng Kéier de Spaass gemaach fir auszerechnen, wat dat eis kascht. Een Uebstbeemche planze kascht eis 186 Euro an ee Bam schneide kascht 228 Euro. Ech géif mat op de Wee ginn, datt, an Zäite vu Spuere a knappe Suen, ee soll kucke fir déi Aktiounen iwwer en anere Wee manner deier ze gestalten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer huelen déi Suggestioun un a probéieren, dat ze maachen. Obwuel, wann een emol e Gäertner komme

léisst fir e Bam ze schneiden, da gesäit een och wat dat kascht.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech géif vläicht dozou soen, datt et ganz al an héich Beem sinn an dofir muss mat engem ganz spezielle System geschafft gi fir déi Beem an d'Rei ze setzen. Do mussen effektiv Fachleit mat Spezialmaschinen dru goen. Dofir ass dat och vläicht méi deier. Wat een awer och kann dobäi soen, dat ass, datt duerno d'Schoulklasse kënnen an dee Bongert goen a Friichte plécken.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn elo kuerz gekuckt. Mer hunn elo 2 Positionen ënner deem selwechte Budgetartikel votéiert. An da komme mer op wäit iwwer 35.000 Euro.

Gilbert Welter, Schäffen:

Wéi gesot, mer bleiwen am Budget op 35.000 Euro well déi 6.885,90 Euro fir dëst Joer sinn an déi aner eréischt fir de Budget 2007 virgesi sinn.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech hu prinzipiell näischt dogéint, datt déi Beem an d'Rei gesat ginn. Mee mer hate virun 2 Méint e Projet heibanne wou dat do alles verbaut sollt ginn. Wéi ass dat, wat leeft do? Net, datt mer do Suen investéiere ginn an an 2 oder 3 Joer alles ewechgerappt gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also esou séier geet dat net. Natierlech ka fréier oder spéider esou eng Demande kommen. Mee ech mengen net, datt dat vun haut op moar ass. Déi ganz Prozeduren dauere jo méi laang wéi esou. Do sinn och aner Iwwerleeungen an deem Dossier esou wäit wéi ech am Bild sinn.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech wollt dat just froe well mer grad dovunner geschwat hunn. Mee ech ënnerstëtzen dat natierlech.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et ass ee Propriétaire vun engem Bongert derbäi, deen d'Konventioun net ënnerschriwwen huet well en Interesse huet fir do ze bauen. Déi aner hu keen Intressi fir ze bauen an dofir hunn se ënnerschriwwen.

Approbation à l'unanimité.

8.

Canalisations.

Assainissement du bassin inférieur de la Chiers à Rodange-Fonderie : approbation du

mémoire explicatif, du devis actualisé et des plans afférents.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Kanalisation vu Rodange-Fonderie ass och en Dauerbrenner. Dat geet op praktesch 10 Joer zeréck wou mer d'Kräizung Fontaine d'Olière un „alentours immédiats“ ugeschloss hunn. Duerno sollt jo och nach ee grouse Projet, de 'Grand Bis' kanaliséiert ginn. Bis do déi ganz Strukturen an déi genee Pläng fäerdeg ware sinn awer eng 6 Joer vergaangen. De 6. August 2003 hate mer dee leschten aktualiséierten Devis vu 5,507 Milliounen Euro um Dësch. Et ass elo esou, datt mer mat all den Autorisationen un Enn sinn an d'nächst Joer d'Aarbechte kënnen ulafen. Dat bedéngt awer och, datt mer den Devis nach eng Kéier musse kucken. Steierlech ass jo nees eng Hausse vu 6% derbäikomm, esou datt mer vu 5,507 op 5,580 Milliounen Euro eropgaange sinn. Dat wier dee leschten Devis. Mer hunn nach e kleng Reserve am Budget – mat de Reporten – vu 44.000 Euro. Dat geet duer, fir de Moment mat den Etuden ofzeschléissen. Dat nächst Joer kéinte mer dann déi 1. Phas vun den Aarbechten an de Budget setzen.

Approbation à l'unanimité.

9.1.

Enseignement musical.

Organisation scolaire provisoire pour l'année 2006/2007 – décision.

John Polfer (CSV):

Wéi all Joer hu mer hei déi provisoresch Organisation vun der Musekschoul ze stëmmen. Den Hierscht wäerte mer dann déi definitiv Organisation nach eng Kéier op den Dësch kréien. Esou wéi ech mer soe gelooss hu wäerten net vill Changementer ze erwaarde sinn. Wat d'Reglement vun der Musekschoul ugeet, esou ass et ugepasst ginn. Dat si Klenggekeiten, déi de Buergermeeschter ënnerschreift wann d'Kommissioun soll aberuff ginn. D'Exame sollen op eng Linn bruecht gi mat deenen anere Schoulen.

Accord à l'unanimité. M. Gira ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.2.

Enseignement musical.

Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour une classe de

chant – degré inférieur et moyen – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst alleguer, datt d'Madame Barthel an d'Pensioun gaangen ass. A fir de Gesangsunterricht och weiderhin ze garantéiere musse mer eng Persoun stëmmen, déi elo hir Plaz soll anhuelen.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann der erlaabt, Här Buergermeeschter, esou wollt ech just soen, datt, wann een sech déi Lëscht ukuckt, da sinn et bal alleguer Lëtzebuerger. Mer hunn e ganz héijen Niveau. An déi sinn alleguer nach ganz jonk, et ass just deen Däitschen, dee méi eeler an 1966 gebuer ass. Déi hunn awer schon all eng schéi Carrière hanneru sech.

Vote secret : Claudine Peters a été nommée avec 13 voix.

9.3.

Enseignement musical.

Convention, avec la Ville de Differdange, en matière d'harmonisation des droits d'inscription supplémentaires pour non-résidents – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt déi, déi vun auswäerts kommen, en „droit d'inscription“ musse bezuele well mer an deene leschte Joren an der Musekschoul en ëmmer méi héijen Defizit kruten. Dofir hu mer gesot, datt d'Kanner selwer oder d'Gemengen, wou déi Kanner wunnen, eng zousätzlech Participatioun solle ginn. Do ass vun 150 an och 250 Euro geschwat gi vun engem individuelle Cours bis 30 Minutte respektiv bis 1 Stonn. Derbäi hu mer och 75 Euro fir e Solfège-Cours virgesi gehat, esou datt mer elo higinn an eng Konventioun mat der Déifferdanger Gemeng maache well déi zwou Musekschoulen ganz enk zesummeschaffen. Ganz dacks gi Coursen hei zu Péteng an net zu Déifferdang ugebueden, esou datt d'Kanner dann op Péteng kommen an och ëmgedrënt. Mer haten eis mat dem Schäfferot vun der Déifferdanger Gemeng zesummegesat fir do net d'Zesummenaarbecht vun deenen zwou Musekschoulen ze bremsen. Dofir hu mer beschloss, eng Konventioun ze maachen tëscht deenen zwou Gemengen, esou datt mer deen Échange maachen ouni datt déi 150 oder 250 Euro musse bezuelt ginn. Am Kloertext heescht dat, datt, wann ee Pétenger Schüler op Déifferdang geet – Déifferdang huet déi selwecht Taxe

gestëmmt wéi mär hei zu Péteng – da verzichte si op deen zousätzlechen „droit d'inscription“. A mär wäerten och drop verzichte wann e Schüler vun Déifferdang bei eis an d'Musekschoul kënnt. Fir déi ganz Musekschoulen am Kordall zesummenzebréngen si mer och a Gesprécher mat der Käerjenger Gemeng. Mer mengen, mer solle lues a sécher eng méi enk Zesummenaarbecht tëscht deenen 3 Musekschoulen ustriewen an, wee weess, fir vläicht iergend eng Kéier op eng gemeinsam Musekschoul ze kommen. Dat ass e bëssen d'Zil. Mer kënnen op deem Niveau nëmmen dann e besseren Unterrecht bidde wa mer zesummeschaffen, grouss ginn an net wa jiddereen a senger Uertschaft seng eegen Zopp géing kachen. Hei ass den éischte Schratt an ech géif mengen, datt mer am Laf vun deenen nächste Joren nach weider Schrëtt kréie fir déi Zesummenaarbecht am Kordall weiderzeféieren.

John Polfer (CSV):

Jo, ech sinn natierlech frou hei ze gesinn, datt déi Konventioun mat Déifferdang zustane komm ass. D'Kommissioun hat jo dat och proposéiert. Ech sinn awer och frou, datt ugestrieft gëtt, mat der Käerjenger Gemeng an d'Gespréich ze kommen. Wann ech hei liesen, dann heescht et jo ëmmer „d'Musekschoulen aus dem Kordall“, esou datt mer frou wieren, wann et och mat der Käerjenger Gemeng zu engem gudden Ofschloss géif kommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat gëtt och zu 100 Prozent ugestrief. Mer hunn de Moment d'Viraussetzung nach net geschaf well hiert Taxereglement net dat selwecht ass wéi eist. An ech mengen, datt ass d'Viraussetzung fir och dee Schratt ze maachen. Si waren e bësse méi séier wéi mär an haten hir Taxen e Mount éischer gestëmmt. Mer waren awer bal um Punkt fir Gesprécher ze féieren, mee do hunn si hir Taxe gestëmmt. Se hunn sech awer bereet erkläert, fir am nächste Joer Gesprécher ze féieren. Mer wäerten dat och maachen, esou bal dat neit Joer ugeet. Da wäert dee Volet vun de gemeinsamen Taxen och mat der Käerjenger Gemeng ofgeschloss ginn. Da steet och näischt deem an Wee fir mat hinnen eng Konventioun ze ënnerschreien. Vläch esou guer zu 3 ze ënnerschreien. Dat ass dann och vläch dee Schratt am Hibleck ob eng - vläch gemeinsam – Musekschoul.

Approbation à l'unanimité.

10.

Affaires économiques.

Aménagement d'une zone d'activité économique au lieu-dit « au Grand Bis » à Rodange : approbation du devis définitif actualisé et des plans afférents.

Pierre Mellina, buergermeeschter:

Deen Dossier huet sech schonn iwwer eng Zäitchen entwéckelt. Am Laf vun der Commodo-Incommodo-Prozedur sinn e puer Saachen opgefall, esou datt den Dossier net esou virukomm ass wéi mer eis dat virgestallt haten. Nodeems mer de PAP dann elo 2 Mol hei am Gemengerot haten hu mer en och vum Minister ugeholl kritt an d'Commodo-Incommodo-Prozedur kann domat och ofgeschloss ginn. Elo kënnen mer dann endlech an deem Zoning schaffen. Et ass awer esou, datt verschidde Modifikatiounen vum Bureau 'Best Ingénieurs-Conseils' vum Sennengerbiereg duerchgefouert gi sinn. Ännerungen, déi sécherlech mat dem Haaptzougang vum Zoning ze doen haten, an zwar vun der Nationalstrooss 5 un. Och d'Adaptatioun vun der „voirie interne“ a Richtung Frankräich huet misse gemaach ginn op d'Bréck zou. D'Bréck steet jo schonn eng Zäitchen do. Mer hunn do verschidde Modifikatiounen misse maachen. Do sinn zanter dem Devis vum 10. März 2003 nees 3 Joer vergaangen. A mer wäerten am Hierscht 2007 ufänke well dann alles virbereet ass, bis d'Ausschreiwunge fäerdeg sinn. Da vergeet nach e Joer. Do kënnt natierlech och nach weinst der Zäit d'Präiserhéijung derbäi, esou datt sech de Budget elo fir den definitiven Devis op 8.740.000 Euro beleeft. Ze soen ass, an dofir hu mer dat och haut op d'Dagesuerdnung geholl, datt, fir FEDER-Suen ze kréien, eis Demande muss bis den Dezember 2006 era sinn. Da kréie mer och e Subsid vum europäesche Fonds FEDER. Et ginn och Gesprécher gefouert fir aus deser Zone eng regional Zone ze maachen. Dat bedeit, datt mer vum Wiirtschaftsministère e Subsid vun 80% kënnen kréien, anescht sinn et nëmme 15%. Och esou eng regional Zone huet de Virdeel, datt mer am Kordall méi enk zesummeschaffen an net streiden, wat fir eng Firma wouhinner kënnt an och net deen een oder anere versicht, enger anerer Gemeng zevirzekomme fir datt eng Firma op eng bestëmmte Plaz kënnt. Wa mer eng regional Zone maachen, da kommen déi Firmen op déi Plaz, wou se am beschten higeheieren. Esou huet keng Gemeng en Intressi

dorunner, enger aner Gemeng déi ewechzehuele well se all un der Gewerbesteier verdéngen, déi an esou enger Zone erwirtschaft gëtt.

An deem Sënn si mer elo no 6 Joer endlech ukomm, mee ech wëll och kloer soen, datt dat Hin an Hir an deene Jore sécherlech net op eng Noléissegkeet an der Administratioun hei am Haus zeréckzeféieren ass. Et goufen einfach Schwiereregkeeten, déi no an no an deem Dossier opgedaucht sinn. An elo si mer endlech prett fir dee Projet unzegoen. Mer hoffen, an dëser Legislaturperiod endlech mat dësem Projet fäerdeg ze ginn an dann Terrainen ze kréien, wou mer kënne Firmen usidelen, déi Aarbechtsplazen an och e gewëssene Méiwäert an eis Gemeng bréngen. Et ass jo e Projet vun enger gewësser Gréisst an e wäert sécherlech eng Realisatiounsphas vun 2 Joer hunn.

Roger Klein (LSAP):

Et ass jo gewost, datt Projeten, déi sech an d'Längt zéien, net onbedéngt méi bëlleg ginn, mee datt se méi deier ginn. Dat gesi mer jo elo hei. Et ass elo ganz vill driwwer geschwat gi firwat dee Projet sech an d'Längt zitt. Ech stelle just fest, datt, vun deem éischten Devis am Dezember 1999 bis zur Realisatioun am Hierscht 2007 hu mer 8 Joer fir déi theoretesch Phas gebraucht. Et wier jo dann elo wëschenswäert, a mer ënnerstëtzen dat och alleguer, datt mer an déi praktesch Phas vun der Realisatioun kommen. Wann ech kucken, wat zanter 2000 téscht dem Contournement an der Athemer Strooss vun der 'Région wallonne' opgeriicht gouf vu Firme, da si mer an enger Situatioun, wou mer séier mussen handelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et stellt een sech ëmmer d'Fro, wéi et méiglech ass, datt dat an den Nopeschgemenge méi séier ka goen. Eis Prozedure sinn net déi einfachst, dat muss ee soen. A wann ee kuckt, et goufe vill Changementer, och elo erëm, wéinst der Deirecht – déi och op Demanden a Remarquen am Kader vun deem Projet zeréckzeféieren ass – gemaach. All déi Saachen droen dozou bäi, datt et méi deier gëtt an datt et och méi schwéier gëtt fir eis Firme fir Terrainen ze huelen an drop ze bauen. De Präis vum Ar ass och sécherlech méi deier wéi déi aner Sait vun der Grenz. Et ass sécherlech dann och e Zoning, dee méi schéin ass, méi flott aménagéiert ass. Duerch d'Oplagen, déi vun alle Saiten kommen, ass en natierlech och méi deier. Mee dat ass e Choix, dee mer hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn. Op dat elo richteg ass

oder net sief dohigestallt. Och dat do huet seng positiv Sait wann een duerno an dee Zoning erageet an e gesäit tiptop aus, et ass Gréngs do wou d'Leit schaffen. Et ass och en Atout, deen net ze ënnerschätzen ass, datt d'Leit agréabel kënne schaffen. Sécherlech bréngt dat mat sech, datt de Präis méi héich läit wéi an eisen Nopeschgemengen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech wollt froen ob de 'Grand Bis' schonn an dee „caractère régional“ ageschloss gëtt, datt et schonn iwwer dee Wee leeft, oder ob et nëmme eng Saach vun eiser Gemeng ass. Well dat ass jo anescht subsidiéiert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Viraarbechte sinn do an ech mengen, et ass keen anere besser gestallt wéi de President vum Sikor fir eech ze soen, wéi wäit déi Aarbechten do sinn. Déi Aarbechte lafen effektiv am Schnellverfahren.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi zwou Saachen, déi do gesot goufen, déi muss een ënnersträichen. Also hei dauert et immens laang an et muss ee vill Optimismus hu well nach e ganze Koup Froen do sinn. Mer hunn e ganze Koup Fabriken, déi net onbedéngt déi bescht sinn. Deemno wéi dat nees gesi gëtt kréie mer nach vläicht eemol e Réckschlag an där ganzer Exekutioun. Mer wëssen och net, wéi de Buedem contaminéiert ass. Dat ass nach net sécher. Mer hunn missen en Echange mat de Fransouse maache vun engem Stéck Terrain, eng Saach, déi och net all Dag geschitt. An esou weider. Dat huet da mat sech bruecht, datt dat sech hinzitt. De Moment hu mer ausser der Bréck, déi scho gebaut ass, an ausser dat, wat nach als „imprévu“ op eis zoukënn, scho 14,5 Milliounen investéiert oder virgesi mat dem Kanal an alles. Dat gëtt also eng deier Saach. Wat elo déi Subsidien ugeet, et ass gutt, datt ee versicht e FEDER-Subsid ze kréie well deen awer substantiell ass. Zweetens soll een och kucken, de regionale Charakter ze kréie well een dann eventuell 80% vum Stat kéint erëmkréien. Do lafe Beméiungen um Niveau vum Sikor, wou mer als Schäfferéit vun deene 4 Gemenge Suessem, Déifferdang, Péteng a Käerjeng zesumme ware fir ze kucken, ob do en Intressi do wier. De prinzipiellen Intressen ass do fir an d'Zukunft ze kucken a gemeinsam Zonen ze verwalten an och ze schafen. Do sinn och allerhand Méiglechkeete virgesinn. Et ka sinn, datt ee selwer Terrainen huet an doran investéiert. Et

kann awer och sinn, datt ee finanziell participéiert wann ee keng eegen Terrainen huet. Mer sinn dat amgang ze diskutéieren. Dat bedéngt awer och, datt mer d'Statute vum Sikor musse changéieren. Mer mussen déi Suessem Gemeng mat eranzehuelen, déi elo nach net dran ass. Zweetens muss mer awer och d'Zil vum Sikor e bësse redefinieren. Dat ass amgang ze geschéien. De Sikor huet mat deenen eenzelne Schäfferéit déi éischt Etapp hanneru sech. Elo kënn en dann op déi nei Statuten hin, déi dem Innen- an dem Wirtschaftsministère virgeluegt musse gi fir datt et ofgesécher ass. Mer hate scho verbindlech Diskussiounen mat Verrieder vun deenen eenzelne Ministèren, déi och keng Schwiereregkeeten doranner gesinn. Wann een awer nees weess, datt eng Statutenännerung hei am Land keng einfach Saach ass, mee datt et laang dauert – ech erënneren dorun, datt am Siach zanter 5 Joer d'Statute geännert goufen an nach net erëmkoumen – dann dierf een sech kee Wonner erwaarden. Et muss ebe vill Drock gemaach ginn. Mee d'Zil ass et awer fir an déi Richtung ze goen. Wann awer 4 Gemengen hannendrun drécken, da misst dat awer méi séier goen. Den Objektiv ass awer fir operationell ze sinn – an där neier Form – wann deen neie Zoning fäerdeg ass. Dat heescht am Joer 2008 misst dee Syndikat fonctionnéieren, seng Roll als Agence iwwerhuelen a kucke fir déi Zone ze vermaarten an och déi Suen esou séier wéi méiglech erëmzekeréie fir der Gemeng hir Avancen erëmzebezuelen. Mee ob et esou geet, doriwwer schwätze mer nach bestëmmt eng Kéier hei am Gemengerot.

Romain Rosenfeld (CSV):

Wa mer elo wëssen, wéini déi Phas realiséiert ass, wéini kënne mer dann ufänken, Firme festzenezelen. Wann dat jo alles um Instanzewee ass a wann d'Enn a Siicht ass, kann ee mat deene Leit konkret Verhandlungen ophuelen an se op de Pabeier bréngen? Kéint een och eventuell, ier alles fäerdeg ass, verschidde Saachen aménagéiere fir datt déi Leit do kënne bestoen. Mer hate jo esou vill Demande virleien. An ech mengen, datt et haut net domat duergeet, an engem schéine Zoning ze sinn. Net datt et schonn domat ugeet, datt een eng Oplag huet wann een ufänkt a schonn erstéckt ass ier een un d'Rudder kënnt. Wann et ze deier gëtt, da ginn et Problemer fir kleng, mëttel an och grouss Betriber. Et si jo scho Critèren do wéi deen, datt kee Logistiksbetrieb dohinner dierf kommen. Kënne mer eis dat iwwerhaupt erlaben esou Eliminatiounen ze maache wa mer keen aneren hunn? Ech géif op alle Fall

deene Leit, déi di Saach do verwalten, un d'Häerz leeë fir an engem moderéierte Präis ze bleiwen a gesond Betriber dohinner ze kréien.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat si vläicht Wënsch, déi net onbedéngt erfüllt kënne ginn. An dat aus verschidden Ursachen. Éischtens gehéieren déi Terrainen eis net, se gehéieren dem Stat. An dee seet eis och ënner wat fir Konditiounen a weem mer esou en Terrain kënne ginn. Dat ass emol dat éischt Veto-Recht, dat si behalen. E gëtt och nëmmen en „droit de superficie“ weider op eng bestëmmten Zäit. An dee wäert net bëlleg si well hei immens vill Infrastrukturen ageriicht goufen. Zu Käerjeng, wou déi lescht Zone gemaach gouf mat praktesch deene selwechte Critère vum Stat, ass den Ar fir 250.000 Euro fortgaangen. Hei muss een da mat deem Duebele rechnen. Et hânt awer dovunner of, wat fir Subside mer kréien. Mee mer wäerten eis an där Grëssenuerdnung bewegen. An do muss ee kucken, wéi kompetitiv een ass. Dofir gëtt jo versicht, esou vill wéi méiglech Subsiden ze kréien. Ganz einfach fir de Präis attraktiv ze bleiwen. Well soss hu mer op eemol eppes geschaf, vun deem net profitéiert gëtt. Einfach well mer gewësse Saachen net därferen dohinner setzen an dann och well et ze deier ass fir deen, deen interesséiert ass. Dofir muss mer kucken, eis kommerziell Oder eraspillen ze loossen.

A wat där vun den Interessente gesot hutt, mer fänken elo schonn domat un, Katalogen opzestellen do wou Interessente sinn. Mer hunn och schonn eng Brochure erausginn am Kader vum Sikor an der Idelux an der 'Association transfrontalière' fir ze soen, wat fir Zonen - 'Agora' a 'Grand Bis' - entstinn an eventuell potentiell Clienten aus dem Ausland unzezéien. Do ginn et e puer Etappen, déi een sech ka virstellen ouni datt een e Compromis muss maachen. Et kann een awer e „Contrat de réservation“ maachen. Wat awer matspillt, dat ass, datt deen, deen heihinner kënnt, freet wéivill et kascht. An do muss een eng Indikatioun hunn. Hei ass elo eng éischt Etapp fir an déi richteg Richtung ze goen. Mee et ass nach net ofgeschloss, well et steet nach ëmmer do „décontamination“, op dat een opmierksam gëtt. Also et ass nach net ofgeschloss.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech kéint mer awer virstellen, datt, vun deem Moment u wou mer richteg op deem Site do schaffen, d'Verhandlungen uginn. A bis de Site fäerdeg ass, dauert et nach ronn 18 Méint.

Victor Filafarro (LSAP):

D'E.U., Bréssel, bezuelen déi och en Deel dovunner? Muss dat dann och ausgeschriwwen ginn? Well dann dauert et jo erëm e Joer.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass FEDER. Wat d'Ausschreibungen ugeet, esou kann dat duerch déi Zomm hei ganz gutt sinn.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

11.

Vie associative

Octroi de subsides à des associations –décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt ëmmer ëm dës Zäit am Juli d'Subside gestëmmt ginn. Se gi gestëmmt opgronn vun engem Subsidiereglement vum 27. Juli 2001, dat am Gemengerot festgehale gouf, a wou eng Rei vun Entscheedunge getraff an och Critèren definéiert goufen. Opgronn vun deene Critère goufen an deene leschte 5 Joer – dat hei ass dat 6. Joer - d'Subsiden ausginn. Der hutt och eng nei Délibératioun um Dësch leien. Et war eis e ganz kleng Feeler ënnerlaf bei de Subsiden. Beim Punkt vun de Sportveräiner war beim 'Cercle nautique Pétange' eppes vergiess ginn, esou datt déi Zomm llicht changéiert huet. De Veräi kritt awer, opgronn vun deem Chiffer, deen hei steet, dat, wat em och zousteet.

Der wësst jo och, datt dat opgedeelt ass a verschidde Rubriken. E Veräi kritt am Prinzip e Basissubsid, dee festgesat ass. Opgronn vu sengen Aktivitéiten, vu senger Jugendaarbecht, de Manifestatiounen – sief dat op dem Commemoratiounsdag, sief dat Nationalfeierdag oder den 9. September kritt een eng bestëmmten Zomm. Awer och fir Anniversairen – 25, 50, 75 - déi gefeiert ginn an opgronn vu sportleche Leeschtungen – d'Meeschterschaft oder d'Coupe gewinnen - kann een e gewëssene Betrag kréien. Wann ech dat Ganz e bëssen opdeelen, da wäerte mer gesinn, datt mer 107.910,98 Euro Subsiden ausbezuelen. 36% ass Basissubsid, 26% ginn opgronn vun den Aktivitéite vum Veräin ausbezuel, 18% ginn opgronn vun der Jugendaarbecht ausbezuel. Fir d'Manifestatiounen sinn et 4,5%. Dëst Joer hate mer zimlech vill Veräiner, déi Anniversaire gefeiert hunn, an dofir fält déi Zomm och méi héich aus. Dat sinn 3,8%. Eis Veräiner waren och

sportlech déi lescht Saison op der Héicht, esou datt mer 4,3% vun deem ganze Chiffer dofir ausbezuelen. Da bleiwen nach 6,2%, an dat sinn déi fix Subsiden. Dat si Cotisatiounen, déi mer un d'Veräiner bezuelen. Dat sinn awer och „aides communales“ déi de Veräi kritt wann d'Gemeng keng Raimlechkeete kann zur Verfügung stellen. Dat sinn awer och Spezialorganisatiounen wéi d'Kavalkad oder och de Photosclub, dee regelméisseg Ausstellungen organiséiert. Der gesidd, mer hunn eng ganz Rei Veräiner, déi mer ënnerstëtzen, an déi et och verdéngt hunn ënnerstëtzt ze ginn.

D'Subsiden ass dee klengen Deel, dee bor ausbezuel gëtt. Déi aner Ënnerstëtzung ass vill méi héich, an zwar dat, wat an Natura ausbezuel gëtt. Dozou gehéieren d'Terrainen, d'Säll, Aktivitéiten, déi mer doduerch ënnerstëtzen, datt eis Aarbechter, eis Betriber agräifen. Wéi zum Beispill beim Tennis do ënnen, wou mer an dëser Woch eng flott Organisatioun hunn a wou mer och als Gemeng sécher e groussen Effort maache fir datt dat gutt kann iwwer d'Bühn goen. Deen Effort ass sécherlech méi héich wéi déi 2.950 Euro, déi mer un de Veräi bezuelen.

Lily Gansen (LSAP):

Ech weess ganz genee, datt d'Verdeele vun de Subside keng einfach Saach ass. Déi eng sinn zefridden, déi aner fille sech benodeelegt an esou virun. Dat ass eben esou an domat muss ee liewen. Ech kennen och d'Critèren, no deenen se verdeelt ginn. Et ass mer awer ganz schwéier fir hei anzegräife well et ëm meng Organisatioun, de 'Foyer de la Femme' geet. Mer hu jo 3 Sektioenen an der Gemeng a se sinn alleguer meng Frëndinnen, déi eng net méi wéi déi aner. Mee do gesinn ech, datt Rolleng 945 Euro krut iwwerdeems déi aner 2 Sektioenen 1.095 Euro kruten. An dat lescht Joer waren se op een Niveau gesat ginn. Ech kennen d'Demande net wéi se erakomm sinn, mee ech bezweiwelen, datt déi eng méi clever ware wéi déi aner. Se sinn allen 3 d'selwecht a se maachen alleguer déi selwecht Aktivitéiten. Wann ech et gutt am Kapp hunn, dann huet eng Sektioon do stoen „pas de jeunes“ a Rolleng huet der. Effektiv, déi si ganz dynamesch an dofir verstinn ech et net. Net, datt déi aner et net sinn, ganz am Géigendeel. Do muss een elo oppasse wat ee seet. Ech fannen et wierklech net gerecht, wéi déi Rollenger behandelt ginn. Besonnesch déi sinn et, déi eech bei villen Aktivitéiten, do wou der se braucht, Eisekuche baken an et sinn déi, déi do stinn. An déi kréie manner. Et ka jo emol sinn, datt déi eng oder aner Sektioon een oder zwee Kanner

méi oder manner an eng Kolonie schéckt, mee dat därerf dat hei net ausmaachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech kann eech genee soen, wou d'Differenz läit. Déi 3 Sektione kréien 250 Euro Basissubsid. Déi 3 Sektione leien, wat hir Aktivitéiten ugeet, um Maximum a kréie 500 Euro dofir. Méi ass net dra well dat esou am Reglement steet. Déi 3 Sektione kruten déi selwecht Zomm fir d'Bedeelung un de Manifestatiounen 45 Euro, wat och minimal ass. Si waren ouni Fändel dobäi, well se kee Fändel hunn. D'Differenz läit effektiv bei deene Jonken. Pro Tranche vun 10 Jonker kritt een 150 Euro. Rolleng huet 6 Jonker ugemellt, déi se mat an d'Kolonie huelen. Dofir kréie si 150 Euro. Rodange huet der 15 ugemellt an dofir kréien déi zwou Tranchen, also 300 Euro. A Péiteng huet der och iwwer 10 eraginn an dofir kréien déi och 300 Euro. Déi haten der vergiess an hunn déi awer nach nogereecht. Dat ass opgronn vu eisem Reglement esou festgeluegt.

Lily Gansen (LSAP):

Wéi ech gesot hunn. Da waren déi eng méi clever wéi déi aner wéi se hir Demande agereecht hunn. Well et huet eng Sektion esou vill wéi déi aner. An déi Rollenger maachen esou guer nach extra Aktivitéite mat de Kanner, mee déi zielen se net do derbäi. Also ech maachen eech kee Reproche. Ech wollt eigentlech nëmme wësse wourun dat hält an et läit a mengen Aen nëmme an der Presentatioun vun der Demande. Mee dat anert Joer kucken ech selwer no.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei engem Punkt gëtt gefrot „Wéivill Aktivitéite fir Jugendlecher hutt dir?“. Déi eng soen 6, déi aner 15.

Lily Gansen (LSAP):

Jo, déi ginn d'Zuel vun de Kanner un, déi si reng an de Kolonien haten. An déi aner mat 30 oder 40 Jugendlecher setzen se net dran. Dat wollt ech ebe wëssen.

Guy Brecht (LSAP):

Dëst Joer hat ech d'Chance fir an 2 Kommissiounen ze si wou e groussen Deel vun de Subside verdeelt ginn. Un der Spëtz vun der Kulturkommissioun steet e Mann, dee wierklech säi Fach versteet an och e kompletten Dossier do leien huet. Et kann een him all Fro stellen an et kritt een och op all Fro eng Äntwert. Wat een awer net ka vun der Sportskommissioun behaupten. Mär als Fraktioun hu viru kuerzer Zäit –

wéi d'Kommissiounen zesummegeallt gi sinn - nach d'Fuerderung gestallt, datt een do soll d'Kommissiounen gewäerden an hire President selwer bestëmmen loossen. Et kënnt mer net an de Sënn fir een erofzemaachen, an ech maache ganz rar een erof, mee de President vun der Sportskommissioun ass dohinner „gepusht“ ginn ebe well dat esou virgesi war. Mee ech hunn op jiddwer Fall fonnt, datt dee Mann guer net virbereet war wéi mer do iwwer d'Subside geschwat hunn. Dee Mann konnt op näischt eng Äntwert ginn. Wann ee Leit dohinner plazéiert fir iwwer esou Saachen ze entscheeden, da muss een e bëssen iwwerleeën. Dat solle Leit sinn, déi d'Veräinslieden e bësse kennen an déi net Joere virrun auswäerts täteg ware bei Veräiner, déi guer näischt mat der Gemeng ze doen haten.

Da kommen ech kuerz op d'Veräiner zeréck, déi keng Demande eraginn hunn. Ech hunn hei stoen de Photoclub Rodange, d'Avicole Péiteng, FC CFL Rodange, de Boxing Club Rodange, d'Immigrante vun der Gemeng Péiteng – wat ech e bësse schued fannen – an dann och d'Action catholique des hommes', wat och ëmmer dat heescht. Dat weiss ech net. Mee ass dat dobäi bliwwen? Sinn déi Demande wierklech net erakomm, sinn se net am Délai erakomm an hunn déi Veräiner och kee Subsid kritt dëst Joer?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der gesidd op der Lëscht, datt nach ee Veräin nodréiglech – well mer net esou stuer sinn – seng Demande nogereecht huet, a mer hu proposéiert, deem Veräin de Basissubsid ze ginn. D'Kommissioun konnt jo och dee ganzen Dossier, deen och nach net komplett war, duerchkucken. An dat waren d'Immigranten.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass am Fong schued fir esou eng grouss Organisatioun, fir einfach ze vergiessen e Subsid unzefroen. Et ass jo wéi et schéngt net déi éischte Kéier. Do misst een awer och emol hinnen an d'Gedechtnes ruffen, dat dach ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An dat schlëmmst ass, an dat soen ech hei ganz offiziell, datt se sech an hirer Generalversammlung opreegen, datt se keng Sue vun der Gemeng kréien. Ech mengen, dat muss ee ganz kloer esou soe well et eng Realitéit ass.

Guy Brecht (LSAP):

Och all Joer soe mer, den Interesseveräin vu Rolleng soll gläich-gestallt gi mat dem Syndicat vu Rodange a vu

Péiteng. Den Ënnerscheid ass zwar net grouss mee wéi gesot, et ass och eng Kommissioun-fuerderung fir déi op dee selwechten Niveau ze setzen. Hei muss ech och nach eng Bemierkung maachen. De Rodanger Syndicat kritt e Subsid fir eng Manifestatioun mat enger CSJ ze organiséieren. Ech mengen, de Syndicat vu Rodange huet bestëmmt a senger Statue stoen, datt e soll politesch neutral sinn. Da gesinn ech net an, datt een eng Organisatioun mat enger politescher Partei soll maachen.

Vun de Léiweckercher ass och e groussen Ënnerscheid tëscht dem Virschlag vun der Kommissioun an deem wat se kruten. Se hate keng Lëscht vun der UGDA eraginn, mengen ech. Ech huelen dann och un, datt se déi nogereecht hunn. Do hat och ee bei de Léiweckercher proposéiert, d'Aktivitéit vu 7 op 2 erofzesetzen. Dat fënnt een net erëm. Bon, d'Léiweckercher an d'Sänger vun der Bich hunn, dat muss ech éierlech soen, praktesch keng Aktivitéiten. D'Sänger vun der Bich hunn zwar vill Jugendlecher, mee se hunn nëmme eng Aktivitéit, an dat ass op Cäcilienstag. Fir hinnen dann esou en héije Subsid ze ginn, doriwwer kann een diskutéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Léiweckercher an d'Sänger vun der Bich sinn op 2 erofgesat ginn esou wéi d'Kommissioun dat virgeschloen huet. Si kréien eng gewëssen Zomm well se 22 an 23 Jugendlecher hunn. Dat ass esou am Reglement virgesinn.

Wat den Interesseveräin ugeet, do kann ee gedeelter Meenung sinn. Ech si sécherlech der Meenung, datt den Interesseveräin ganz vill mécht an huet och dowéinst dee selwechte Basissubsid wéi de Syndicat vu Rodange an dee vu Péiteng. Wat d'Aktivitéiten ugeet, esou sinn déi 2 Syndicaten bei 8 an den Interesseveräin bei 6. Dat mécht eng Differenz vun 100 Euro. Ech mengen, wann een dat och e bëssen éierlech kuckt, da besteet awer eng kleng Differenz tëscht den Aktivitéiten, déi iwwer dat ganz Joer lafen, vun de Syndicaten an dem Interesseveräin. Ech wëll awer domat net de Mérite an och dat wat am Interesseveräin gemaach gëtt a sengem Wäert erfsetzen. Mee ech sinn awer der Meenung, datt et eng Differenz gëtt an déi ass hei bei enger Zomm vun 1.695 Euro am ganzen 100 Euro.

Guy Brecht (LSAP):

Déi Differenz gesäit een net esou beim Interesseveräin. Déi maache keng esou grouss an offiziell Saachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Wann der erlaabt, da schwätzen ech hei net als President vum Pétenger Syndicat mee als Kulturschäffen. Et ass einfach net richtig, wann een en Interesseveräi mat engem Syndicat vergläicht. Dat dierft iwwerhaupt net virkommen. Mär sinn eng Gemeng, déi einfach d'Normen oder d'Rad nei erfënnt. Mer hunn elo schonn 2 Syndicaten. Wann een dat do géif weiderféieren, dann hätte mer der geschwënn 3 hei. Dobäi sinn et ganz aner Missiounen. En Interesseveräin huet a senge Statute ganz aner Saache stoe wéi e Syndicat d'initiative. Se kënnen net matenee verglach ginn. Et kann ee soen, dass se aktiv sinn. Jo, dofir kréien se jo och eppes. Fir mech kréien se genuch an d'Syndicate kréien net genuch.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ginn dem Här Breyer Recht, dass een dat net matenee vergläiche soll. Ech muss zwar soen, dass bei enger ganzer Rei Aktivitéiten deene Veräiner och nach ënner d'Äerm gegräff gëtt, esou wéi ech dat schonn a menger Introduktioun gesot hunn. Dat hei ass nëmmen e klengen Deel, dee mer an d'Veräinsliewe stiechen. Dee klengen Deel do ass déi finanziell Hëllef fir de Fonctionnement ze garantéieren. Mer ginn hinnen awer och nach Hëllef an anerer Form, och dem Interesseveräin. Déi gesäit natierlech dann anescht aus wéi déi fir d'Syndicaten. Mee jidderee vun den 3 Veräiner géif, a mengen Aen, maximal ënnerstëtzt well mer der Meenung sinn, dass d'Veräiner aus der Pétenger Gemeng eng ganz positiv Aarbecht maachen.

Zu der Presidentschaft wollt ech awer och nach eppes soen. Dee President ass hei am Gemengerot gestëmmt ginn opgronn vun engem „règlement interne“, dat hei eestëmmeg ugeholl ginn ass vun all Conseiller. Dann ass et och kloer, dass laut deem Reglement, dat mer hei ugeholl hunn, eng Entscheidung geholl gëtt. An da kann et och virkommen, dass e President vun enger Kulturkommissioun, deen dat scho 6 Joer laang gemaach huet, e Mann mat Erfahrung ass an eng Iddi besser ass an och scho méi weess vu sengen Dossiere wéi een, dee komplett nei ufänkt.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt do natierlech ganz präzis matdeelen, dass dee President, dee mer an der Sportkommissioun hunn, e ganz valable Mann ass, dee säi Liewe laang an de Sportveräiner tätég war an och nach ass. En ass och nach an der Boule-Federatioun ass an huet och

nach haut eng ganz Rei Aktivitéiten am Sport. Och am Kader vun der Sportkommissioun huet hien eng ganz Rei Iddien a wëll eng ganz Rei Aktivitéiten op d'Bee setzen. Virun allem denken ech un déi 24 Stonne Schwammen, wat am Januar soll sinn. Wann dee Mann am Beräich vun de Subsidien, wat jo eng reng nei Geschicht fir hien ass well en och nach net op esou engem Poste war, da mengen ech, soll een engem och eng Chance ginn. Ech hunn e bëssen d'Impressioun, wéi wa vläicht déi 2 Persounen sech net esou gutt géifen ënnerenee verdroe well dat hei zur Diskussioun kënn. A mengen Aen ass dat e ganz valabele Mann an ech stinn och dozou. Ech si frou, dass hien op deem Poste ass. E muss sech natierlech och gutt verkafen. Dass net ëmmer einfach, mee ech sinn iwwerzeegt, dass hien dat kann.

Guy Brecht (LSAP):

Jo, Här Welter, ech soen eech Merci fir déi Äntwert. Mee ech sinn op alle Fall der Meenung, dass, wann een an eng Kommissioun erakënn an een och nach President vun där Kommissioun ass, een en Dossier do leien huet a wann een eng Fro gestallt kritt, da soll een dat nokucken an eng Äntwert ginn. Et geet net fir an de Sall ze kucken an aner Leit aus der Kommissioun äntwären ze loossen. Da soll een sech net als President fir eng Kommissioun mellen. Dass ass meng Meenung an ech bleiwen och bei där Meenung. Egal wat där sot. Nach eng Bemierkung. D'Kultur- an d'Sportkommissioun leien zimlech op enger Linn mam Schäfferot wat d'Virschléi ugeet. Dass wëll ech awer och hei ganz kloer soen.

Just nach eng kleng Randbemierkung iwwer d'Kultur. Ech kann et net méi héieren. Mer sinn déi fënneftgréisst Gemeng am Land a mer kënnen iwwerhaupt näischt bidden. De Budgetartikel fir d'Kultur hei an der Gemeng geet einfach net duer. Do misst fir déi nächste Joere gekuckt ginn, dass, wa mer eis als fënneftgréisst Gemeng no bausen wëllen duerstellen, och eppes geschitt. Et geet net duer fir en Zichelchen ze hunn dee sonndes fiert. Et kommen andauernd Touristen – an dat sinn der net wéineg – froe fir mat deem Zichelchen ze fueren. An da muss ech hinnen all Kéier soen, dass deen Zichelchen nëmme sonndes fiert. Macht eech Gedanken driwwer. Wa mer wëllen den Titel vun der fënneftgréisster Gemeng am Land behalen, da muss mer de Leit och eppes bidde kënnen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt awer heizou soen, dass ech nach göschter vu Leit héieren hunn, dass

si et positiv gesinn, dass deen Zichelchen all Sonndeg fiert. Dofir wonnert et mech, dass där et bedauert, dass den Zichelchen nëmmen all Sonndeg fiert. Well op ville Plaze wou esou Infrastrukturen an Attraktiounen sinn – zum Beispill an Däitschland – ass dat nëmmen 3 oder 4 Mol de Fall well se net genuch Fräiwëlleger hunn déi matschaffen. An fir vun deene Leit, déi schonn all Sonndeg gratis do uewe schaffen, ze verlaangen och nach samschdes an an der Woch ze schaffen, dass ass net méiglech. Da geet et an de Professionalismus eran an da weess ech net, ob dat finanziell ze droen ass. Wat de Budget ugeet, et ass eng Kulturkommissioun do, déi Virschléi am Hibleck op deen nächste Budget soll maache fir dat, wat se wëll organiséieren. Da soll se en Devis op den Dësch leeën an da kann een ëmmer diskutéieren ob eppes gemaach gëtt oder net. An da ginn déi Zommen an de Budget gesat, déi dofir gebraucht ginn. 2007 hu mer e Kulturjoer an ech mengen an deem Kader ware mer eis och am Schäfferot eens, dass ee kéint méi maachen. Mee dofir muss ee konkret Propositionen um Dësch leien hunn. De Budget muss awer opgoen. Ech héieren och esou Bemierkungen, dass mer net, wéi zu Esch, Attraktiounen an de Stroossen hunn, den Tour de France an esou weider, organiséieren. Mee dofir muss mer eis hei am Gemengerot eens sinn, dass mer dat wëllen oder net. Dofir soen ech jo, d'Kommissioun soll Virschléi maachen, mer chiffriieren se a mer stëmmen am Gemengerot driwwer of ob mer se an de Budget setzen oder net. A wann dat esou ass, da wësse mer, ob mer déi Zomme fir déi Saachen ausginn oder net.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer mussen och e bëssen ëmdenken. Et ass net ëmmer esou, dass d'Gemeng muss mat vill Suen eppes organiséieren. Ech sinn natierlech averstanen domat, dass mer ee vun deene klengste Budgeten hu wann ech eis zum Beispill mat Déifferdang vergläichen. Déi hu vill méi wéi mär. Mer mussen eemol ëmdenken an deem Sënn, dass mer eng aner Plattform vun eisen Organisatiounen brauchen a wou net all kleng Veräin a sengem klengen Dierfche wëll e klengen Event maache wou en sech vill verspricht an duerno enttäuscht ass. Mer muss kucke fir e puer grouss Manifestatiounen hei erauszepräichen, déi mer op enger méi breeder Basis organiséieren a wou mer déi eenzel Komponente mat eranhuelen. Net nëmmen déi sportlech mee och déi kommerziell an administrativ Komponenten. E gutt Beispill ass

d'Braderie, déi elo viru kuerzem hei zu Péteng war. Dat kéint esou eng Plattform sinn. Déi ass leider eréischt eng Kéier elo geschitt. Mee do sinn e puer Komponenten zesummegeleef an et huet een och festgestallt, datt d'Leit an d'Organisateuren zefridde sinn. A mär wäerte versichen – mer wäerten och an de Kommissioun an am Schäfferot driwwer schwätzen – verschidde Virschléi ze maachen an ze kucken, wat fir Plattformen ee soll sichen am Laf vum Joer. Mer hu jo Evenementer, déi nach kënne gebaut ginn, esou wéi d'Kavalkad. An d'Gemeng huet och wëlles, net esou eng passiv Roll méi ze spillen, mee vill méi eng aktiv Roll z'iwwerhuelen a verschidde Saachen. D'Gemeng ka kee Self-Service méi si wou d'Veräiner kommen a soen, si hätte gären dëst an dat. Mee d'Gemeng wäert och soen, datt se gären dëst oder dat hätt. Esou, datt mer do eng Plattform schafen, wou mer finanziell, logistesche awer och orientatiouns-méisseg zesumme kéinte schaffen. An da kéinte mer och mat manner Sue méi maachen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech begréissen natierlech den Effort, wéi de Buergermeeschter sot, fir 2007 hei an der Gemeng eppes ze maachen. Och wann et finanziell vläicht net ëmmer méiglech ass. Mee datt mer wéinstens den Effort maache fir eis zesummesetzen an ze soen, dëst oder dat gëtt gemaach an eventuell esou guer Evenementer huelen, déi een all Joer kéint organiséieren. Well wann een de Summerprogramm op der Televisioun kuckt, do gesäit een och, datt se

ëmmer op deene selwechte Plaze sinn an datt d'Leit och massiv dohinner ginn. Wa mer et nëmme eng Kéier hei an der Gemeng géife fäerdegbréngen eppes ze maachen, esou datt d'Leit sech d'Zäit huele fir deen Dag hei an eis Gemeng ze kommen, dann hu mer scho vill erreecht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech si komplett averstane mat eech. Mee ech soen eech, datt am September an am Oktober muss geschafft gi well mer am November déi chiffréiert Virschléi mussen um Dësch leien hu fir ze wëssen, wat mer an de Budget schreiwen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Nach e puer Wuert zu de Subsiden. Mer sinn nämlech e bësse vum Thema ofkomm. Ech géif mengen, datt, wann dat neit Subsidereglement, dat mer virun e puer Joer gestëmmt hunn, strikt applizéiert gëtt – et si wuel nach e puer Saachen, déi virkommen – da steet dat Reglement och. An d'Veräiner sinn och all frou fir Subsiden ze kréien an se ginn och fir hir Jugendarbecht belount. Ech wëll awer och nach e puer Wuert soen zur Sportkommissioun, vun där ech jo och eng Zäit laang President war. Et ass net esou einfach fir sech do an d'Auswärtung vun den Demande fir Subsiden eranzeschaffen. Et ass jo esou, datt, wann e Veräin eng Demande eraginn huet, da muss de Sekretär den Dossier vum leschte Joer matbréngen, de President vergläicht a kontrolléiert d'Aktivitéiten. Ech ka mer net virstellen, datt e President an eng Versammlung kënnt a schonn am

virus alles weess. De Sekretär ass jo och nach op der Plaz. De President muss sech natierlech e bëssen draknéien, mee ech mengen, esou schwéier kann et dach net si fir e Verglach ze maache mat dem leschte Joer an d'Reglement z'applizéieren. Op eng Manéier gëtt et, esou wéi den Här Welter gesot huet, eng Manéier wéi ee virgeet awer och eng Manéier fir engem eng Chance ze ginn. Wann dat natierlech déi nächst Joren och esou ass, dann muss ee kucke wat ee mécht. Schon am Virfeld ware jo schéngs Problemer an där Kommissioun do, mee a mengen A soll een net esou vill Politik maachen an zur Saach stoen. D'Missioun ass wuel politesch, dat ass esou. Mee fir mech ass et esou, datt, wann ee mam President net zefridden ass, da muss een dat an der Kommissioun opwäerfen an doriwwer schwätzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Menger Meenung no soll een deem Mann eng Chance ginn. E mécht et dëst Joer fir d'éischte Kéier an e mécht et och d'nächst Joer nach eng Kéier. Ech sinn iwweezeegt, datt den Här Welter als Sportschäfte sech mat him zesummesetzt an dat, wat en nach net soll wëssen, beschwätzt. An da wäert da scho goen.

Accord à l'unanimité.

12.

Questions des conseillers communaux.

Néant.